DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Approbatioun vun engem Acte de vente tëschent dem Maître Denis Weinquin an der Stad Diddeleng. Ech ginn eng Kéier duerch den Akt an da ginn ech awer och nach e puer Erklärungen, wéi et zu deem doten Akt komm ass. Virop keeft d'Gemeng hei en Haus an der Rue de la Fontaine. Dat ass riets an der Kéier, e bësse méi erof, dat Haus, wat een do fënnt, déi Säit, wou d'Antica Bari ass, fir Iech och kënne geographesch ze situéieren. Hei ass de Maître Weinquin, deen ageschriwwen ass um Tribunal d'arrondissement zu Dikrech, deen ass Curateur genannt ginn, wéi d'Madame Kremer-Moes 2016 gestuerwen ass. Dat kann een och hei am Akt erausliesen. Mir kafen dat doten Haus fir 815.000.- Euro. A fir deen dote Präis ze fixéieren hu mer de Bureau d'expertise Wies, mat deem mer jo reegelméisseg zesummeschaffe fir en objektive Präis ze fixéieren. An deen huet dat och gemeet. Dir fannt och déi néideg Dokumentatioun hei an Ärem Dossier. A mir maachen dat fir abordabele Wunnraum am Locatif. Dat ass e bëssen d'Ausriichtung vum Akt.

Et war eng länger Prozedur, fir déi heiten Acquisitioun ze maachen. Jidderee war gewollt, un dësem Dossier ze schaffen. Mee d'Madame Kremer-Moes ass 2016 verstuerwen. De Maître Weinquin ass 2017 als Curateur noméiert ginn. Natierlech huet hie missen d'Recherche maache fir ze kucken, ob et Ierwe gëtt. Dat war awer net de Fall. Et ass eng Succession vacante gemeet ginn 2020. Et war och an deem Kontext, wou mir dat als Gemeng gesinn hunn, vu dass dat och an der Zeitung stoung déi Annonce, hu mir eis einfach mol mat Interessi ugemellt fir ze kucken, ob dann do eppes kéint zustane kommen. Wéi kee vun der Famill sech méi gemellt huet si mir och méi aktiv ginn. De Patrick Bausch, eise Gemengesekretär, weist Iech hei d'Haus. Da gesitt Der et ass déi doten Acquisitioun. Am Kader vun där dote Prozedur huet réischt Mëtt 2022 den Tribunal vun Dikrech d'Vente de gré à gré autoriséiert. Also et war eng länger Prozedur, fir kënne schlussendlech deen heiten Akt beim Maître Goedert ze finaliséieren, fir dass en haut de Wee fënnt, fir hei an de Gemengerot.

Dat heiten ass och en Akt, wou mer Subventioune kréie vum Logementsministère, wat d'Acquisitioun ugeet, vu dass mer hei och Logement abordable maachen an hei och an de Locatif eraginn. A fir de Präis ze fixéieren, war et eis dann och objektiv wichteg, déi Expertis do kënnen ze maachen. An Dir gesitt natierlech och hei unhand vun den Donnéeën, dass och um Niveau vun Energiepass dat doten Haus net an der beschter Isolatiounsklass ass. Et ass am Fong déi lescht Klass, et ass Classe de performance énergétique I. Dat ass natierlech och en eelert Haus. Dir wësst awer och, dass am Kader vum PAG den Challenge dobäikënnt, dass mer de viischten Deel och hale mussen, dass dee geschützt ass, datt mer dee protegéiert hunn. Dat hu mer hei beim Vott vum PAG gemeet. Mee alles dat, wat hannendrun ass, kann een awer moderniséieren a verbauen, respektiv ofrappen. Et ass eng Construction à conserver an et ass an enger HAB1-Zon. Sou dass mer op de Wee wäerte goen, och wa mer lo nach kee fäerdege Projet hunn, kann ech hei scho mol graff d'Ausso maachen, dass mer maximal 4 Wunneenheete kënne kreéieren.

Dat ass flott. Mee wat awer och flott ass, dat ass dass mer do de Logement abordable maachen am Locatif. Dat dote gi Logementer, déi no beim Zentrum sinn, déi no beim ëffentlechen Transport sinn, sief et Bus oder CFL. Ech mengen dass dat do eng ganz interessant Plaz ass. A wa mir haut bis de Kafakt stëmmen, da kënne mir och weider aktiv ginn. Da musse mer natierlech och mam INPA nach Kontakt ophuelen, dem fréiere Sites et Monuments, well dat eng Construction à conserver ass, an natierlech och kucken, dass mir eis am Laf vum Budget 2024 déi néideg Kreditter fir Etüden aschreiwen, fir dann och en Architekt dropzesetzen, deen da konkret mat der Planung ufänkt. Dat ass e bëssen de Werdegang ab haut, awer och de Bléck no vir, wat eng Ausriichtung ronderëm déi doten Acquisitioun ka ginn, well mer och hei nees an déi Richtung ginn, dass d'Gemeng hir Responsabilitéit hëlt, fir abordabele Wunnraum am Locatif ze schafen. Dat waren e bëssen d'Ausféierungen zu deem heite Kafakt an awer och déi méi länger Prozedur, déi et gebraucht huet, duerch d'Geriichter an

eeben och duerch den Akt, deen hei huet missen dresséiert ginn. Dat zu den néidegen Erklärungen, déi ech hei wollt ginn an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass natierlech luewenswäert, dass mer dat Haus kafen a virun allem och an de Locatif gi vum abordabele Wunnraum. Dat ass jo och eppes, wou mir och ëmmer gesot hunn, datt mer dat misste maachen. Bon, et gëtt warscheinlech eng tricky Geschicht, vu dass et klasséiert ass, dat ass net ëmmer sou einfach. Mee ech hat gesinn, bei der éischter Foto, do stoung uewendriwwer „Projet". Do wollt ech froen, ob Dir eis vläicht nach eng Kéier d'Fotoen alleguerte kéint weisen? Ech hat lo just déi éischt Foto gesinn. An hutt Der do schonn ugeduecht – wann Der sot, et gëtt erhalen – ass dat dat éischt Haus, also dat Haus carrement wat muss gehale ginn? Oder kënne mer bannendra bauen? Oder maache mer et an de Gaart? Well et ass jo och net wéineg Gaart hannendrun an da kéint ee jo och vläicht den Accès op d'Säit maachen. Hutt Der do schonn e bëssen eppes ugeduecht? Et wär vläicht flott, och d'Fotoen nach eng Kéier ze gesi vun deem wat Der do lo grad ageblennt hutt. Mee op jidde Fall si mir mat där Acquisitioun averstanen. Et wäert natierlech eng deier Wichs ginn, dat si mer eis jo bewosst, mee et ass eeben alt esou. Mee mir begréissen dee Projet awer. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Mir vun déi Lénk sinn och ganz frou, dass d'Gemeng lo ëmmer méi op dee Wee geet, dass Saachen opkaaft ginn. A wéi scho gesot gouf, dat do ass natierlech déi perfekte Lag virun allem fir Jonker. Matten am Zentrum, direkt beim Zuch, direkt bei de Bussen. Ech mengen och, dass dat ganz flott ka ginn och wann et natierlech net geschenkt ass. An ech wollt just wëssen, well dat lo alles nei ass fir mech: Weess een do schonn ongeféier d'Zäitschinn? Also mir ass bewosst, mir fänken lo mol mat den Etüden un. Mee 4 Joer, 5 Joer? Kann een do schonn eng Ausso maachen oder nach guer net?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Also natierlech schléisse mir eis eise Virspriecher un, datt et natierlech begréissenswäert ass, datt mer op dee Wee ginn. An dat hu mer och schonn oft gesot, datt mer mussen ëmmer méi op dee Wee goen. Meng Fro ass just: Et gesäit net sou aus, wéi wann ee 4 Eenheete kéint maachen a souvill Parkplaze kéint schafen. An einfach hei en Denkustousss. Vläicht wär et interessant, wa mer net souvill Parkplaze géife maachen, well mer, wéi Dir virdru gesot hutt, net wäit ewech si vum Zuch a vum Bus a vum Zentrum. An dat wier vläicht sou eng Best practice als Gemeng, fir e bësse manner Parkplazen ze bauen. An d'Fro ass: Hutt Dir Iech vläicht scho Gedanke gemaach, ob Dir op de Wee gitt, fir vläicht hei net souvill Parkplazen ze schafe wéi Wunneenheeten? Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci. Deem schléissen ech mech natierlech un. Mee lo wou ech déi Foto gesinn hunn, an där Strooss si relativ vill där Haiser, wou d'Trap no vir ass, déi den Trottoir mega schmuel maachen. Dat heescht fir ee mat enger Poussette, Rollstull a sou weider ass dat net evident, fir do laanscht ze kommen. Dofir meng Fro, ob dat vläicht och mat der INPA iergendwéi ze kucken ass, ob een do iergendwéi kann… Vu dass d'Haus da schonn der Gemeng géing gehéieren, wann ee vigilent mat deem Problem ass.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech hu just e puer Froen elo. Mir begréissen de Projet, dat ass immens wichteg. Awer e puer ganz konkret Froen. Dat ass déi Saach mam Parking. Wann e private Promoteur eppes wëll bauen, deen huet e jo d'Contrainte mam Parking, dass de muss souvill Parkplaze pro Appartement maachen. Wéi ass dat lo mat der Gemeng hei wa mir selwer eppes bauen? Mir leeën eis jo hei net selwer Steng an de Wee, mee wéi gi mer domadder ëm? Deen een deen däerf et a mir maachen et dann awer? Dat zweet ass, wa mer schonn an der Planung sinn, fir d'Appartementer ze bauen, wann ech mech net ieren, hu mer e grousse Besoin zu Diddeleng fir Appartementer fir Famillje mat méi Kanner? Wéi kënne mer do d'Planung maachen, dass mer deem gerecht ginn? Well wann eng Famill en Appartement sicht wou Kanner huet, déi méi wéi 12 Joer mengen ech sinn, déi missten dann alleguer en eenzelt Zëmmer hunn.

An do weess ech awer eng ganz Rei vu Familles, wou d'Problemer kommen, wa se eppes siche fir ze loune wa se méi wéi zwee Kanner hunn. Respektiv scho mat zwee Kanner, wann dat e Jong an e Meedchen ass, da brauche se jo schonn dräi Schlofkummeren am ganzen, dat gëtt et relativ wéineg. An da, well et ee Gemengegebai ass. Do hu mer eis jo gesot, dass mer géifen all Gebai behënnertegerecht ariichten. Dat ass awer menger Meenung no net iwwerall méiglech, an hei gesinn ech och relativ Schwieregkeeten do. Wéi ass et do? Musse mer eis do dodrunner halen? Oder kënne mer soen, dass mer duerch d'Architektur vum Gebai hei eng Ausnam maachen, dass dat dann net behënnertegerecht ass? Oder leeë mer eis do och selwer iergendwéi Steng an de Wee a kréie selwer Schwieregkeete mat eisen eegene Richtlinnen? Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Natierlech begréisst eis Fraktioun dës Acquisitioun, déi fir am Kader vum PAL abordabele Wunnraum ze schafe, gemeet gëtt. Dat ass eng interessant Plaz, läit se dach an der Proximitéit vum Zentrum a vum ëffentlechen Transport. De Präis, fixéiert vum Bureau d'expertise Wies ass och ganz korrekt. Mir kréie jo 75% op der Acquisitioun vum Logementsministère zeréck. Dann ass lo grad hei de Volet vum Projet ugeschwat ginn. Doduerch datt mer mam INPA konfrontéiert sinn, wësse mer aus Erfarung, zum Beispill aus der Rue du Commerce, dass dat eng gewësse Barrière ass, wat natierlech den Zäitplang vum Projet beanträchtegt. An awer och de Problem, wéi een et muss ariichten. Ech mengen et muss een och einfach eng Kéier kucken, wéi de Claude gesot huet, wat fir e Projet am beschten do geet.

Mir hu jo eng Lëscht mat Besoine vum Service Logement: Familles monoparentales, Familles en précarité, Familles nombreuses, dat ass ugeschwat ginn. An et muss ee sech vläicht wierklech do Gedanke maachen, wat fir e Projet fir wat fir eng Kategorie vu Leit am beschten dohinner geet. Vläicht souguer wierklech en Haus fir eng Famill nombreuse, well mir ginn ëmmer

méi konfrontéiert, och an der GLS, dass mer Familljen hunn, déi méi wéi dräi Kanner hunn. Ech schwätzen hei vu véier bis sechs Kanner, dass dat ëmmer méi e Problem gëtt. An déi Familljen, déi hunn och d'Recht op eng abordabel Wunneng op eiser Lëscht. An do kréie mer effektiv Problemer, well do vläicht de Ministère och eng Kéier d'Kéier muss kréie fir de Bail à loyer e bëssen ëmzeschreiwen, an zwar dass een déi Konditioun, wou d'Kanner ab 12 Joer u mussen eng eege Kummer hunn, dat mécht d'Saach immens schwéier.

An natierlech, wann een herno de Projet sou kuckt an d'Situatioun géif sech erginn, da kéint ee jo drun denken, an déi Richtung och eng Kéier eppes ze maachen. Well et ass wierklech eppes, wat ëmmer méi kënnt. Besonnesch duerch eis auslännesch Matbierger, sprëch Flüchtlinge, déi kommen, déi dann awer eng Kéier hir dräi Joer hei um Territoire vun Diddeleng sinn, sou dass mer déi och op eis Lëscht mussen huelen. Et ass fir auszewäerten. Et muss een iwwerall de Standuert kucken. Eng Lëtzebuergerstrooss, wou mer d'leschte Kéier en Haus kaaft hu gëtt eppes aneschters hir vläicht wéi dat doten. Vläicht ass dat och eng Facilitéitssituatioun, wa mer hei géifen nëmmen e gréissert Eefamilljenhaus draus maachen, als Beispill. Mee wéi gesot, et muss einfach gekuckt gi wat do am beschte geet. Voilà, also volle Go fir dës Acquisitioun.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir wëssen, dass eis Gemeng net am Besëtz vu ville Wunnengen ass, dofir läit et also op der Hand, dass mir Wunnenge musse kafen, gegeebenefalls och transforméieren, fir abordabele Wunnraum ze schafen an et esou méi sozial schwaache Familljen erméiglechen, dass si och en Daach iwwert de Kapp kréien. Ech wollt dann och soen, dass ech et och wéi de Kolleeg Romain Zuang gesinn, dass Familljen do si mat ville Kanner, dräi oder souguer nach méi. An dass déi Unitéiten, déi mir kafen, net alleguerte sollen an ze vill kleng Appartementer, respektiv Studioe sollen opgedeelt ginn, fir dass och méi grouss Familljen en Daach iwwert de Kapp kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Nach weider Commentairen? Wann dat net de Fall ass, da géif ech kuerz op déi verschidde Punkten agoen. Virun allem Merci, datt déi ganz Bänken hir Zoustëmmung ginn, wat deen heiten Akt ugeet. Ech stelle fest, dass par rapport zum Akt en tant que tel manner Froe sinn, mee et ganz vill Froen zur Detailplanung ginn, wou mer nach guer net bei der Detailplanung sinn. Wat awer net verhënnert, dass mer déi verschidden Ureegungen, déi hei vun Ärer Säit aus komm sinn, kënne mat ophuelen an natierlech dann an d'Planung respektiv den Architekt, dee mat der Detailplanung chargéiert gëtt, dat dann och kënnen ze kucken. Ech hidde mech, par rapport zu deem wat d'Madame Thoma gefrot huet, zu der Zäitschinn, eppes ze soen. Wat mer lo nach maache wäerten, ass elo eis déi néideg Kreditter ze gi fir kënnen en Architekt dropzesetze fir kënnen eng Etüd ze maachen. A mat der INPA musse mer kucken, mir mussen effektiv en Deel halen. Am Bestand, do gëtt jo par rapport zu deem wat den Här Zuang gesot huet, zu enger Lëtzebuergerstrooss, wou mer carrement d'Gebai ofrappen, muss hei en Deel vum Bestand bleiwen an et mussen am Bestand Aarbechte gemeet ginn. Dat ass natierlech eng ganz aner Viraussetzung par rapport zu der Demande, déi am Service Logement ass. Ob mer do déi Adequatioun kréien, dat hänkt natierlech och vun deem of, wat mer aus deem dote Bestand kënnen erausħuele vu Wunnraum a vu Meterkareeën. Dat ass och déi Realitéit, déi ze kucken ass. Mee do si mer schonn an der Detailplanung.

Dofir d'Zäitschinn, dass mer 2024 eis Kreditter aschreiwen an de Budget fir do mam Architekt déi éischt Etüde kënnen ze maachen an dass mer dann am Plan pluriannuel sécher och déi néideg Kreditter dann och hunn, fir kënnen och d'Aarbechten ze maachen. Mee déi doten Aarbechten wäerten awer ëmmerhin dräi Joer daueren, wa keng Komplikatioune komme wärend dem Chantier, well et jo e besteeënde Gabarit ass. Dann, par rapport zu de Froen, déi d'Madame Ahmedova ugeschwat huet, respektiv awer och den Här Martini, do war ech e bëssen iwwerrascht, well et ass jo net, wéi wa keng Leit do gewunnt hätten, wéi wa keng Unitéiten do bestanen hätten. Do ware bis elo ëmmer dräi Unitéiten dran, sou wéi et vun eise Servicer gesot gouf. Maximal véier, et kann och sinn, dass et der herno just dräi sinn. Mir schafe jo net hei zousätzlech Unitéiten. Dofir stellt déi dote Fro sech an deem Sënn net. An déi dote Fro hätt sech jo dann och misse stellen am Kader vun der Rue du Commerce. Or mengen ech si mer jo an der Situatioun, wou d'Gemeng dat net brauch ze maachen. An e Promoteur, dee sech muss fräikafen, dat muss een och relativiséieren, Här Martini, well dat kann ee just am Zentrum maachen. An dat wëssen och déi Leit, déi sech am Kader vun de PAGen a PAPe beweegen, et ass just am Zentrum, wou ee sech ka fräikafen, well do e gewëssene Parkdrock ass. An déi Dispositioune spillen net fir déi ëffentlech Acteuren. Dat hu mer hei, am Kader vun den Diskussioune vum PAG festgehalen.

Ech sinn heiansdo awer e bësse verwonnert iwwer verschidde Proposen, do ware mer eis mengen ech awer och hei eens, dass mer an déi dote Richtung sollte goen. Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Steffen par rapport zum Trottoir, dat muss een natierlech kucken, dass do e Passage bleift a wéi wäit een dat an de Modifikatioune ka mat ranhuelen, dat si Saachen, déi mer dann och kënnen dem Architekt mat op de Wee ginn. An déi pauschal Ausso, d'Gemeng hätt net genuch Wunnengen, wéi den Här Meyer et gesot huet. Ech ka mech an de leschte sechs Joer u ganz vill Dossieren erënneren, wou mer an de Wunnengsbau investéiert hunn. Mir wëssen, dass dat eng Problematik ass. Mee mir hu ganz vill Projeten ëmgesat, déi lescht sechs Joer. Vläicht hutt Dir dat net sou matkritt. Mee natierlech, am Wunnengsbau mécht een net genuch. Dofir wëlle mer eis och subsequent Geleeënheete gi wéi déi heiten, fir dat och weiderzeféieren an och fir méi Wunnraum ze schafen, wëssend dass natierlech ab deem Moment, wou hei en Akt gestëmmt gëtt, wéi mer dat déi lescht Jore gemaach hunn, bis dat realiséiert gëtt, si mer natierlech als ëffentlechen Acteur un aner Prozedure gebonnen, wéi e Privatacteur, deen dat ëmsetzt.

Well mer hei och Ausschreiwunge musse maachen, dann daueren déi doten Delaien natierlech och méi laang. Mee ech mengen op dat wat et ukënnt, dat ass d'Volontéit,

dass mer hei Projeten ëmsetzen, déi abordabel sinn an och dem Locatif zegutt kommen. An natierlech och kucken, wéi ech virdru scho gesot hunn, an dat schéngt mer e ganz wichtege Bestanddeel ze sinn, dass natierlech och eise Service Logement nieft dem Service Architecture och ganz enk agebonne gëtt an d'Ausaarbechtung vun dem hei Projet. Fir dass sou gutt wéi méiglech d'Besoinen hei kënnen afléissen, fir deem Rechnung ze droen. Ob et eis hei zu 100% geléngt, deenen Demandë Rechnung ze droen, déi Garantie kann ech hei net ginn, well dat hänkt vum Bestand vun deem doten Haus of a vun den Meterkareeën. Do wëll ech lo hei net soen, dass dat wäert opgoen zu 100%. Mee déi Considerationen huele mer awer vun Iech ganz kloer mat op a ginn dat och deementspriechend weider. Voilà. Ech mengen ech hätt probéiert, ob déi verschidde Punkten anzegoen a wéi gesot, wann elo d'Detailplanung lassgeet, da wäert deen heite Projet jo souwisou nach eng Kéier de Wee an de Gemengerot fannen, wa mer och d'Devise bis stëmmen, fir déi néideg Transformatioune kënnen ze maachen. Dat wäert also nach eng Zäitchen daueren, mee do wäerte mer de Gemengerot dann och driwwer informéieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn nach vläicht eng ganz blöd Fro: Mee wie kritt dann déi Suen, wa keng Ierwen do sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi Suen, déi ginn un de Staat. Et geet un den Enregistrement. Ass de Gemengerot mat deem doten Akt averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 3.3. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT CONSTITUTION DE SERVITUDE MAM HÄR NORBERT JEAN PIERRE WONNER FIR TERRAINEN OP DEM FLOUERNUMM „OP KIRCHHECKERCHER"

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass och en Akt, wou mer hei ëmsetzen. Dat ass zu Butschebuerg an der Butschebuergerstrooss. Dat ass mam Här Wonner, an dat ass 7,19 Ar. Mir maachen dat fir eis Réserve foncière. Et ass en Akt, dee kascht eis, wéi gesot, tëschent dem Här Wonner an der Stad Diddeleng, dat si 37.747,50.- Euro, a mir maachen et fir eis Réserve foncièren. Dat Ganzt schreift sech jo an, an déi Acquisitiounen, déi mir maachen am Kader vum Masterplan Stade Meyer. Dat ass jo och de PAP Nouveau Quartier, dat ass och deen, dee mer hei am Gemengerot guttgestëmmt hunn, wéi mer de PAG adoptéiert hunn. Mir hate Kontakt mam Här Wonner am Laf vum Joer 2022 an am Kader vun dësem Joer sinn dann och déi néideg Akte gemeet ginn, fir déi Réserve foncière kënnen unzeleeën. Dat ass „Op Kirchheckercher". Sou heescht de Flouernumm.

Ass de Gemengerot mat där doter Acquisitioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech do villmools Merci.

### 3.4. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DEN IERWE VUN DER VERSTUERWENER MADAME DENISE KLEINBAUER IWWERT ENG WISS OP DEM FLOUERNUMM „MENKESWIES"

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass en Akt op Menkeswiss, dat ass zu Biereng. Och do war eng länger Prozedur. Dat ass tëschent dem Maître Danielle Kolbach, déi hei eng Rei Proprietäre vertrëtt, d'Madame Ewert, den Här Kremer, den Här Hary, d'Madame Kärger, den Här Seyler, den Här Morbach, d'Madame Dubois, d'Madame Kleinbauer. Déi si Proprietär vun där Parzell. Et si 16 Ar an 48 Centiar zum Präis vun 329.600.- Euro. Dir kënnt de ganzen Historique vun där Proprietéit hei an den Dokumenter liesen. A mir maachen déi doten Acquisitioun am Kader vun enge Utilité publique, fir do mat Logement abordable och kënne Co-Lotisseur ze sinn.

Dir wësst, dass mer an der rezenter Vergaangenheet och do schonn Terraine kaaft hunn. Hei huet d'Prozedur och e bësse méi laang gedauert. Déi Acquisitioun, déi mer maachen zu Biereng, do ass och e Schéma directeur drop. Dat ass de PAP Nouveau Quartier 23, rue Henri Dunant a 24, Menkeswiss, wou och ka Wunnengsbau entstoen a wou mir net deen eenzege Proprietär sinn, mee wou och nach e private Proprietär ass, wou mer als Gemeng kënne Co-Lotisseur sinn. Dat heescht, dat heite gëtt lo net direkt entwéckelt. Dat ass eng Réserve foncière. Mee wann et bis entwéckelt gëtt, da kënne mir als Stad Diddeleng dat dote mat entwéckelen an och Logement abordable a locatif schafen, wann de Projet bis leeft. Dofir maache mer och dann dës Acquisitioun. Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just froen, et ass jo awer wichteg, dass mer eng Réserve foncière uleeën. Dir hutt lo gesot, mir sinn do an enger Co-Proprietéit mat nach anere Privatleit. Do ass lo meng Fro: Ass do schonn e gewëssenen Drock – awer am gudde Sënn – fir dat sou schnell wéi méiglech ze erschléissen? Wéi ass do de Stand der Dinge?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Iwwert deem dote Schéma directeur, si mir deen, deen déi mannste Parzellen huet. Dat heescht, de Proprietär, deen dat heite wëll entwéckelen, deen huet déi meescht. Dat heescht, mir sinn e bësse vun him tributaire a mir stinn och mat him a Kontakt. Hien huet jo och do scho Projeten ëmgesat an der direkter Proximitéit. An ech mengen dass do kann an deenen nächste 6 bis 8 Joer eppes entstoen, wann d'Volontéit do ass, fir dat ze entwéckelen. Mee vläicht brauch et och aner Instrumenter, fir dat méi schnell virukommen ze loossen. Mee dat steiert net onbedéngt d'Gemeng.

Ass de Gemengerot mat deem heite Kafakt averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

### 3.5. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE NOTARIÉ FIR ENG CESSION GRATUITE MAT DER BESTUETER KOPPEL JEAN-MARIE KONTZ AN NANCY MEISCH FIR TERRAINEN UM LOTISSEMENT LENKESCHLÉI

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächsten Akt iwwer. Dat ass eng Cession gratuite. Déi ass tëschent dem Här Kontz an der Madame Meisch an der Stad Diddeleng. An dat ass am Quartier Lenkeschléi, dat ass Rue Madame Mayrisch de St Hubert. Do sinn 12 Centiar. 77 Centiar, och an der  Rue Madame Mayrisch de St Hubert, an der Rue Lentz 70 Centiar, op Lenkeschlag 13,12 Ar an an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig 95 Centiar. Wéi gesot, dat heiten am Kader vum Projet fält dat natierlech op d'Gemeng zréck, dat ass Utilité publique, dat ass Voirie publique. An dofir ass deen heiten Akt och gemeet ginn. Et ass also déi gängeg Prozedur, wann Terrainen a privater Hand sinn, am ëffentleche Raum sinn, dass mer hei och déi néideg Cession gratuite kënne maachen. Dat war och ausgemeet hei am Kader vum Lotissement.

Ass de Gemengerot och mat dëser Cession gratuite averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

### 3.6. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER SOCIÉTÉ ANONYME „STUGALUX CONSTRUCTION S.A." FIR TERRAINEN AN DER RUE DE LA FONTAINE

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Projet iwwer, da gi mer rëm zréck an d'Fontainestrooss. Och do ass eng Cession gratuite. Do ass et d'Firma Stugalux, hei vertrueden duerch den Här Moes an den Här Schons, dat sinn 4,35 Ar. Et ass am Fong do, dass nach en Deel vun der Strooss der Societéit Stugalux S.A. gehéiert huet. Dat war am Kader vum PAP Rue Fontaine, deen och scho laang fäerdeg ass. A vu dass si Proprietär sinn, gëtt de Stroosseraum integral Proprietéit vun der Gemeng, an och dat ass hei eng Cession gratuite am Kader vum PAP.

Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 3.7. ACQUISITIOUN VUN EMPRISEN – APPROBATIOUN VUN ACTES DE VENTE NOTARIÉS

*3.7.1. Koproprietären Annelinde Barbara Petesch, Brigitte Mathilde Barbe Petesch a Barbe Monique Hélène Petesch, Rue Bannent*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi Emprise ass tëschent de Koproprietäre Madame Petesch Annelinde, Madame Petesch Brigitte a Madame Petesch Barbe. Dat sinn 0,10 Ar. Dir wësst jo dass mer 70.- Euro de Ar froen, also hei 700.- Euro. An et ass och e But d'utilité publique, et ass an der Rue Bannent, och do geet en Deel vum Stroosseraum iwwer an d'ëffentlech Hand. Ech huele se alleguerten zesummen, wéi mir et ëmmer maachen.

*3.7.2. Bestuete Koppel Olivier Rodolphe Wozniak a Michèle Jeanny Osweiler, Bierengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann ass déi nächst tëschent dem Här Wozniak an der Madame Osweiler an der Stad Diddeleng. Dat ass an der Bierengerstrooss. Dat sinn 0,21 Ar, dat sinn 147.- Euro. Och do d'Utilité publique, do ass deen Deel, deen an d'ëffentlech Hand iwwergeet.

*3.7.3. Här Arfan Ramcilovic, Liberatiounsstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Deen aneren ass den Här Ramcilovic Arfan. Dat sinn 0,11 Ar, 0,19 Ar, dat ass an der Liberatiounsstrooss. Dat fir de Präis vun 210.- Euro.

*3.7.4. Koproprietären Här Arfan Ramcilovic a bestuete Koppel Djule Ramcilovic-Igbala Ramcilovic, Rue Grand-Duc Adolphe*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da bleiwe mer beim Här Ramcilovic Arfan an Här Djule Ramcilovic a Madame Igbala Ramcilovic. Dat ass an der Rue Grand-Duc Adolphe, dat si 84.- Euro, 0,12 Ar, an och do geet et an d'ëffentlech Hand iwwer. Voilà, dat sinn dann déi Emprisen, déi ech och hei presentéiert hunn. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall.

*Vott vun de Punkten 3.7.1. bis 3.7.4.*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ass de Gemengerot mat deenen heiten Emprisen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

### 3.8. APPROBATIOUN VUM CONTRAT DE BAIL MAT DER MADAME FRANÇOISE HETTO-GAASCH FIR D'GEBAI OP 5, RUE DU COMMERCE

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass e Contrat de bail mat der Madame Hetto dee mer maache par rapport wou lo de Musée municipal ass, de Gemengemusée mat den Iwwerreschter vum Mont St. Jean, wou mer effektiv mam Loyer eropgi vun 600.- Euro op 1000.- Euro. Dat sinn Diskussiounen, déi mir mat hir haten. Si ass un eis erugetrueden, ob mer kéinten iwwert de Loyer diskutéieren, respektiv hir wéilten d'Lokal ofkafen. Bon, ofkafen net, mee bereet, iwwert de Loyer ze diskutéieren. Dir wësst, dass mer hei zu Diddeleng fir Lokaler Minimum 15.- Maximum 25.- Euro bezuelen. An dofir hu mer och hei déi néideg Adaptatioun, fir dass mer och op de Minimum eropkomme vu 15.- Euro de Meterkaree. Dat heescht, mir droen hei deem Rechnung, wou mer och mat anere Proprietären hei zu Diddeleng hunn. Dat zu den Erklärungen, wat de Musée ugeet. Et si 65 Meterkaree an de Contrat de bail leeft den 1. Juli 2023 un a leeft da bis den 30. Juni 2026. Dat zu den Ausféierunge wat deen heite Contrat de bail ugeet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass jo awer ugeduecht, wann NeiSchmelz bis fäerdeg wier, dass dee Musée dann dohinner

kéim, oder hat ech dat falsch verstanen? Dat heescht, dee Moment bräichte mir dat net méi ze lounen dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bis de Musée kann deplacéiert ginn, dat muss jo dann net onbedéngt an NeiSchmelz sinn, dat ka sinn. Mee bis dat geschitt, dass mer da vläicht an enger Situatioun sinn, wou ee vläicht hei nach eng Kéier de Contrat de bail verlängert. Do wëll ech mech lo net prononcéieren. 2026, ech mengen net, dass 2026 NeiSchmelz wäert sinn. Ech mengen dass mer éischter an engem Zenario sinn, wou mer nach eng Kéier verlängere wäerten.

Ass de Gemengerot mat deem Contrat de bail averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci. An da kënne mer de Musée einstweilen nach weider do halen.

### 3.9. LOCAL COMMERCIAL 77, AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE

*3.9.1. Resiliatioun vum Contrat de bail de sous-location mat der Societéit Standart s.à.r.l.- S.*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do ass et d'Resiliatioun vun der Societéit Standart s.à.r.l.- S. déi do waren, déi nei Lokalitéiten elo zu Diddeleng hei hunn. Déi haten e Contrat de bail mat eis an hunn deen och deementspriechend gekënnegt selon les règles de l'art, sou wéi et sech gehéiert. Dofir dass mer de Contrat de bail mat hinnen hei am Gemengerot gestëmmt hunn, ass natierlech och den Umkehrschluss, dass een d'Resiliatioun dann och duerch de Gemengerot goe léisst, fir de Kontrakt dann opzeléisen.

*3.9.2. Approbatioun vum Contrat de sous-location mam Här Mjahed Gabriel fir d'Exploitatioun vun engem Pop-up store*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An Dir wësst och, an ech maachen do direkt de Lien mat deem nächste Punkt, dass de Moment dann och e Pop-up do ass. Dat ass den Här Gabriel Mjahed, deen och do säit dem 1. September 2023 bis den 31. Dezember 2023, also wärend 4 Méint e Pop-up Store huet an och do e gudde Schockela vermaart.
Wéi gesot, wann deem säi Kontrakt hei ofleeft, da wäert jo bestëmmt d'Fro gestallt ginn, wat geschitt duerno? Do kann ech hei soen, dass mer an Diskussioun sinn an d'Diskussioune sinn nach net ofgeschloss, nach net an dréchenen Dicher. Mee et schéngt a Richtung Härekonfektioun ze goen, sou dass een do en Härebuttek fir Konfektioun, Kleeder a Schong kéint usidelen. Wéi gesot, et ass nach net an dréchenen Dicher, mir sinn an der Diskussioun. A wa mer da bis an dréchenen Dicher sinn, wäerte mer souwisou och hei an de Gemengerot komme fir deen néidege Contrat de bail ze maachen. Mee et ass eng ongoing Diskussioun de Moment. Ech kann elo nach net soen, dass et souwäit ass, mee mir sinn am Positiven. Dat awer nach zur Zousazinfo, wat dëse Volet hei ugeet.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Nodeems mer dann nom Tricentenaire no e puer Joer erëm gudden héichwäertege Schockela op Diddeleng kréien, freeë mer eis dofir. Dat ass natierlech den idealen Zäitpunkt, an dat ass och de Sënn vun engem Pop-up Store, fir sech och kënnen déi Zäit unzesidelen, wou's de am meeschte verkeefs, wou et am Fong ideal ass fir dech. Ech mengen am Joer gëtt et bal keng besser Zäit fir Schockela ze verkafe wéi tëschent September an Dezember. Duerno hu mer jo och schonn e Plang wat geschitt, dat ass jo och ganz interessant.

Standart, déi hu jo eng aner Lokalitéit fonnt, wou se higinn. Wa se lo ginn, da kënne mer nees méi e grousse Buttek draus maache fir dass déi Geschäfter dann hannen ewechfalen. Dat ass e bëssen de Sënn bei där Saach. Virun e puer Joer, wou mer dat hei gestëmmt haten, do hate mer jo ee grousst Lokal gestëmmt an doropshin hate mer Büroen dragesat, wou mer am Ufank net ganz frou waren, well dat net sou ofgeschwat war wéi et war. Duerno ass de Covid komm. De Marché huet sech e bësselche geännert a mir konnten dunn awer relativ gutt domadder liewen, dass do Büroen dra waren. Déi gi lo rëm fort. An ech mengen als Pop-up Store, wa mer sou Lokaler lounen, solle mer weiderhin awer ganz flexibel bleiwen an net op engem Punkt rigid bleiwen. An ech denken dass mer an Zukunft dann och flott an dynamesch Diskussioune wäerte kréien, wat mer an deene Pop-up Storen iwwerall kënnen usidelen, wéi laang de Kleederbuttek herno wäert dra bleiwen, wann e kënnt. Dat muss een da kucken, wat en se maachen.

Op alle Fall si mir nach ëmmer ganz enchantéiert, fir plazeweis och Büroslokaler ze schafen, fir dass jonk Leit, oder och manner jonk Leit, déi wëllen e Business starten, dass déi kënnen eng Geleeënheet hunn, fir hir Büroslokalitéiten och nidderzesetzen. No beim Zentrum. Well ech soen ëmmer, dat schaaft Aarbechtsplazen am Zentrum, an dat deet och der Gastronomie an de Geschäfter gutt. Well Leit déi am Zentrum schaffen, déi gi sech och mol e Puer Schong kafen an en Hiem kafen an déi ginn och mol eng Pizza oder soss eppes iessen. Do freeë mer eis dann op d'Zukunft an op weider Diskussiounen an deem Punkt. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll net vill dozou soen, den Här Martini huet dat scho ganz beluewegend gemaach. Ech freeë mech och iwwert de Schockela, deen zu dësem Zäitpunkt op Diddeleng kënnt, obschonn ech mer virgeholl hunn, es an Zukunft manner z'iessen. Wat elo net onbedéngt geschäfstfërdernd fir de Mann ass, wann ech mech dofir decidéieren an aner Leit och. Mee et ass jo lo mol fir dräi, véier Méint. A wou ech der Gemeng och eng glécklech Hand wënschen an och eisem City Manager sécherlech, dat ass, dass mer eventuell géingen dee Konfektiounsbuttek op Diddeleng kréie fir Hären. Dat ass eppes, wat Diddeleng feelt. Ech wënschen do eng glécklech Hand. Ech freeë mech op de Schockela an ech géing mech och freeën, wann déi Diskussioune géinge positiv ausgoen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also et ass just eng Topegkeet, mee mir ass opgefall, dass Standart ënne mat „d" geschriwwen ass an uewe mat „t". Dat heescht, et ass mat „t" richteg geschriwwen, ënnen ass et eng Kéier falsch.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Et ass just eng kleng Fro. Wat ech net verstinn, am Text hunn ech gelies, dass do steet: „La Ville de Dudelange sous-loue à la société…“. Firwat schwätze mer vun enger Sous-locatioun an net vun enger direkter Locatioun?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir si Locataire, mir sinn net Proprietär. Dir hutt jo am Contrat de bail commercial de sous-location stoen: „Il est rappelé ce qui suit: Le bailleur, la société GESIM, a donné en location à la Ville de Dudelange…“ Wa mir dat lo weiderverlounen un de Pop-Up, da si mer an der Sous-locatioun. An Ären Dokumenter steet all Kéiers de Rappell dran, wat den initiale Point de départ ass. Dass mir Locataire sinn an da Sous-locatioun maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech fannen et och ganz flott, dass déi Commercen ni laang eidel stinn, dass ëmmer gekuckt gëtt, sou séier wéi méiglech eppes eranzekréien. Just eng allgemeng Fro zum Kontrakt. Ech hu gesinn, am Kontrakt vum Pop-up Store, do steet ëmmer just, et gëtt e Pop-up Store dragemaach. Ass dat ni sou, dass e bësse gesot gëtt, a wéi eng Richtung dat soll goen, dass een och e bësse ka plangen, dass lo net all Pop-up Store all véier Méint dat selwecht bréngt oder sou? Ass dat virdrun awer ofgeschwat, steet dat just net am Kontrakt? Misst een dat net vläicht awer e bësse spezifizéieren, wat een ausgemaach huet, wat ee sech erwaart vun deem Pop-up Store oder ass dat ëmmer sou?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Soss keng weider Froen? Gutt, da ginn ech op zwee Punkte just an. Ech mengen ech si ganz beim Här Martini wann e seet, an dat ass generell, dat ass ëmmer den Challenge, deen een als Stad huet an den Här Clement ass deelweis drop agaangen, dass wann een an Diddeleng kënnt a wëllt akafe goen a consomméieren, dass et och e bëssen en Erliefnes soll sinn. Ech mengen dass mer do eng Kaart kënne spille mat enger ganzer Rei Elementer, déi's de op anere Plazen net hues, oder wann s de éischter an d'Grande surfacë gees. Wou's de op d'Qualitéit kanns setzen, wou's de op de Kontakt mam Client kanns setzen. An ech mengen et ass och dat, wat wichteg ass fir déi véiertgréisst Stad hei am Land.

Par rapport zu der Fro vun der Madame Thoma. Also et ass jo sou, dass eise City Manager mat deenen a Kontakt ass, déi Pop-up Storen hunn. Do gëtt et och en éischter informelle Reseau vu Leit, déi Pop-up Storen hunn, déi och mol e bëssen dréien an anere Gemengen. A mer kucken all Kéiers, iwwert déi Pop-up Storen, déi heihinner kommen, och eng Diversitéit eranzebréngen. Dass et ni dat selwecht ass. Et ka mol eng Kéier dat selwecht sinn, mee dann ass awer och e gewëssen Espace dertëschent. Dat hänkt och e bëssen dovun of, war d'Disponibilitéit ass. A mir wëssen, déi Pop-up Storen, dat ass oft emol zwee Méint, dräi Méint. Hei sinn et véier Méint. Et ass ëmmer eng kuerz Zäit. Mir probéieren awer elo, eng gewëssen Diversitéit och mat eranzebréngen. Dat sinn e bëssen déi Krittären, déi hie kuckt. A generell ass jo och déi Ausriichtung, déi mir als Gemeng hu mat deene Commercen, déi sech hei ugesidelt hunn, wou mir Locataire sinn an an d'Sous-locatioun ginn. Dat ass engersäits, dat si mol déi Krittären, déi mir usetzen, dass et Jonker sinn.

De Reseau vun de Pop-up Storen, dat si ganz oft Jonker, déi sech probéieren ze lancéieren, hire Produit ze testen. Awer och déi Schinn probéieren ze fuere vun der Nohaltegkeet. Dat sinn am Fong déi zwee Elementer, déi ganz oft gekuckt ginn. An alles, wat nach vun zousätzlecher Plus-value ka si fir den Diddelenger Stadkär um Niveau vum Commerce ass natierlech ganz wëllkomm. Mee do huet am Fong eise City Manager ëmmer eng Vue drop, wien ee kann huelen, fir de Pop-up Store kënne weiderzeféieren. Wa keng weider Froe sinn, da géif ech proposéieren, dass mer géifen op de Vott iwwergoen.

Engersäits, wien ass mat der Resiliatioun vum Contrat de bail mat Standart averstanen? ***Dat ass unanime***.
A wien ass hei mam Contrat de sous-location mat Pop-up Store averstane fir déi nächst véier Méint? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 3.10. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VU PHOTOVOLTAIKSPANNEAUEN UM STADE ALOYSE MEYER

### 3.11. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VU PHOTOVOLTAIKSPANNEAUEN UM CENTRE SPORTIF RENÉ HARTMANN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat sinn zwee Devisë fir Photovoltaik. Ech huelen déi zwee einfach zesummen. Dat eent ass um Stade Aloyse Meyer an dat anert ass um Centre Sportif René Hartmann. Um Stade Aloyse Meyer ass hei en Devis estimatif vun 80.000.- Euro, fir do Photovoltaikanlag ze maachen. Et sinn der jo schonn drop, mee mer hunn nach 190 Meterkaree, déi zur Verfügung stinn, dofir kënne mer och maximal 30 Kilowatt op den Daach setzen a mir kréien dann och hei e Subsid vu knapp 10.000.- Euro. Dat wëll ech Iech net virenthalen, dat hei kréie mer also zousätzlech dobäi.
Ech ginn e bëssen an op déi Efforten, déi mer insgesamt hei als Gemeng maachen, dass mer iwwerall préiwen, wou op Gemengegebaierdiecher och d'Méiglechkeet besteet, Photovoltaikanlagen ze maachen. An och do am Kader vun der aktueller Kris entweeder norüsten oder och komplett nei Situatioune maachen. Dat hei am Stade Meyer.

An dann am Centre sportif René Hartmann, do kënne mer ronn 7.000 Meterkaree. Do kann eng 990 Kilowattanlag installéiert ginn, souwäit d'Statik et zouléisst, well och dat ass ëmmer e wichtegen Aspekt, ze kucken, ob d'Statik och passt, fir dat kënnen ze maachen. Dat heescht, hei gëllt et dann och, d'Etüden ze lancéieren, dat hutt Der jo och am Devis hei stoen, dass mer do och d'Etude de faisabilité maachen an dann herno och d'Exekutioun deementspriechend kënnen ze maachen. Et sinn am Fong och zwou Anlagen, déi een net vergläiche kann. Mee wou mir hei dann och eis Responsabilitéit huelen, fir weider an erneierbar Energien ze investéieren. Dat zu deenen heiten zwee Devisen an och d'Erklärungen dozou. Wat mer lo do vu Subsid kréien, dat konnten d'Servicer mer nach net soen. Mee soubal mer

do d'Montante vum Environnement matgedeelt kréien, wäert ech dat dem Gemengerot net virenthalen.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hunn direkt e puer Froen. Déi éischt, déi ech eigentlech hat, war, ob och eng Gemeng eng Prime étatique kritt. Dat hutt Der jo scho beäntwert. Wat mer natierlech och ganz gutt fannen. Déi zweet Fro ass: Wësse mer schonn, ob dee Stroum, deen do produzéiert gëtt just duergeet, fir dat Gebai ofzedecken, wou déi Zellen drop sinn oder sprangen do och spéiderhin nei Recettë fir d'Gemeng eraus? Eng weider Fro ass: Hu mir just een Devis ugefrot oder hu mir eis direkt u verschidde Societéite gewannt, fir herno eeben och dee beschte Marché do erauszeschloen? Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech wollt froen, firwat et net ugeduecht ginn ass wéi beim CNA a beim Fussballsterrain, et an den Energiepark anzeglidderen, fir d'Installatioun vun deene Panneauen a Koproprietéit ze erméiglechen? Well et wär eng flott Méiglechkeet, fir de Bierger da Parten unzebidde vun där Installatioun an domat kënnen d'Bierger, kleng onofhängeg Produzente vu Solarenergie ginn. En plus hätte mer domat de Bierger kënnen d'Méiglechkeet ginn, deenen hiren Daach eeben net sou adaptéiert ass fir Panneauen, sief et well d'Fläch ze kleng ass oder schlecht orientéiert ass, trotzdeem eppes fir d'Klima kënnen ze maachen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also eis Fro geet an déi selwecht Richtung. Hu mir hei un eng Kooperativ geduecht? Well et gëtt jo ëmmer méi dovunner geschwat, datt d'Bierger sech solle mat bedeelegen an dofir sollte mer och hei drun denken, fir vläicht eng Kooperativ ze grënnen. An dorausser schléisst sech och déi nächst Fro vun der Gestioun. An deem Kontext, wie mécht och déi Gestioun? Verbleift déi bei der Gemeng? A wa mer géifen eng Kooperativ grënnen, wie géif och do déi Gestioun maachen? Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Also wéi den Här Meyer och schonn ugeschwat huet, wollt mir och gär wëssen, ob fir den Devis estimatif verschidden Offere bei verschidde Fournisseuren ugefrot goufen an no wéi enge Krittären den definitiven Devis ausgesicht gouf. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Ech hat selwer och eng Kéier sou en Devis ugefrot gehat. A wat ganz interessant ass, wann ee sou en Devis freet, do kritt een eng Rechnung dobäi bäi verschiddenen Installateuren, déi wou da genau ausrechent, wat d'Anlag kascht an och, wat se pro Joer zréckbréngt. An op wéi vill Joer se rentabiliséiert ass. An ech fannen, dass dat och fir eng Gemeng ganz interessant ass, well dat reegt natierlech och de Bierger un. Wann dee gesäit, dass wann en eng Anlag mécht, wou an deem Grad läit, dass déi z.B. op 15 Joer rentabiliséiert ass, an dass en dann duerno op eng gewëssen Zäitdauer nach Sue kann erakréien, respektiv Sue spuert. Hu mir sou Donnéeën? Respektiv wa mir déi net hunn, da wär et ganz flott, fir déi an Zukunft awer ze kréien. Wann ee sou en Devis rausgëtt, dat si jo awer ëffentlech Seancen dat heiten. Et wiere jo awer ganz vill Leit, déi sech dofir interesséieren, déi dat awer liesen. Ech mengen dat gëtt ëmmer sou e gewëssen Ureiz wann s de dat da lies dobaussen: Ah cool, d'Gemeng mécht dat doten och sou, da kéint ech vläicht och mol bei mir driwwer nodenken, fir dat op main Daach ze maachen. Well all Kilowatt, dee mer iwwer Solarenergie kréien, dee brauche mer net vun Atomenergie ze kafen. An ech mengen dass dat awer e wichtegen Ureiz ass fir eis Zukunft. An dann, wa mer net an d'Kooperative ginn oder géife goen, war meng Fro am Fong: Gëtt dee ganze Stroum dee mer huelen, gëtt dee ganz an de Reseau agespeist? Oder gëtt dee geholl, fir Eegeverbrauch vun de Gebaier ze maachen? Dat ass nämlech och e groussen Ënnerscheed. Well d'Energiepräisser, déi steige jo, a wann s de dat fir däin eegene Verbrauch hues, da kënns de op 20 Joer besser ewech, well s de muss manner Stroum kafen. A wann s de en aspeist, da kriss de, wann ech mech net ieren, e festen Taux op eng gewëssen Dauer. D.h. dee steigt net mam Energiepräis. Wéi ass dat an Zukunft geduecht, oder wéi sinn do d'Iwwerleeungen? Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir hätten da just nach d'Fro vun deenen zwou Anlagen, wat déi jeeweileg Kilowatt-Peak wieren?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: A wéi ech virdru gesot hunn, ech fänke mam Här Steffen senger Demande un. Ech hat virdru gesot, dass beim Stade Meyer 30 Kilowatt Peak wär a beim Centre Sportif René Hartmann ronn 990 Kilowatt Peak. Ech fänke wéi gesot, mat där doter un. Par rapport zu deene verschiddene Froen. Dat heiten ass en Devis, deen erstallt gouf vum Bureau d'études. Mir hunn nach guer keng Firma rausgesicht. Dat heescht, wann elo hei gestëmmt gëtt, da kënne mer mol e bësse bei de Firmen Devisen ufroen, fir ze kucken, wou et higeet. Mir hunn eeben hei de Bureau d'études, den Numm vum Bureau d'études, deen et gemeet huet entfält mer lo hei, mee deen huet dat heiten och opgestallt. Respektiv ass dat jo och sou, dass dat heiten dem Klimapakt zegutt kënnt. Mir hunn eis nach guer net festgesat, an déi Diskussioun ass op, ob een hei iwwert eng Kooperativ fiert. D'Gemeng misst ëmmer prefinanzéieren, ech mengen do komme mer net derlaanscht.

Et si verschidde Froe hei gestallt ginn, firwat d'Gemeng net mam Energiepark zesummeschafft. Ech mengen, Viraussetzung ass ëmmer e Prefinanzement vun der Gemeng. Wann et da bis steet, da kann ee réischt un déi nächst Etapp goen an do ass een op, dass een engersäits seet, wéi den Här Martini et gesot huet, integral fir den Eegeverbrauch vun der Gemeng wou dem Reseau zegutt kënnt. An do komme mer op e Punkt op eemol wann d'Wierder gutt ass, da kréie mer och zousätzlech Recetten. Ech mengen dat war eng Fro vum Här Meyer. Oder ob mer an déi Richtung ginn, dass een eng Kooperativ mécht oder probéiert, e Mix ze maachen, fir eis dann hei elo déi richteg Weeër anzeleeden, fir dass mer op deen heite Wee ginn an dat heiten och préiwen. Dofir och deementspriechend den Devis vläicht méi onofhängeg ze maache vun der fossiller Energie. A wéi et herno geréiert gëtt, do si mer op. Ech mengen dass et engersäits ka wichteg sinn, dass d'Gemeng et kann hu fir säin eegene Verbrauch, fir eis eege Gebaier.

Mee awer och natierlech och, dass d'Bierger sech kënnen akafen, wann een en anere Partner brauch. Fënnt een e mixt System oder et bleift een an deem klassesche System, wou d'Gemeng Gestionnaire ass, respektiv eng Kooperativ? Do si mer op.

Ech huelen dat doten och mat op a kucken dat och deementspriechend mat eise Servicer, mat eisem Bureau d'études, wat do d'Approche wär, déi am beschte wär a kommen dorop gegeebenefalls och ganz gären zréck.
An natierlech, rentabilitéitméisseg, dat hänkt natierlech och vum Kilowatt, dem Peak of. Dat hänkt och vun de Wiederbedingungen of, mee de Bureau d'études, deen errechent dat och ëmmer. Dat heescht, dat kritt een och ëmmer dobäi. Gutt, ech mengen ech hat probéiert, op alleguerten d'Froen anzegoen. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert déi hei zwee Devisen ofstëmmen.

Wien ass mam Devis fir de Photovoltaik um Stade Meyer averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech villmools Merci. An den Devis beim Centre Sportif René Hartmann, wien ass mat deem averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech och do villmools Merci.

## 3.12. APPROBATIOUN VUN DER DÉCLARATION DE RECETTES NON-RÉGLEMENTÉES VUM EXERCICE BUDGÉTAIRE 2022

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer bei den nächste Punkt. Mir bleiwe bei de Finanzen. Da komme mer bei d'Recettes non-réglementées. Dat sinn natierlech dann déi Recetten am Ordinären, déi erakomm sinn, déi net am ordinäre Budget virgesi waren. Klassesch, ech gi se net alleguerten duerch. Frais de publication enquête de commodo incommodo. Dat gëtt jo ëmmer vun eis virfinanzéiert an da kréie mer d'Suen zréck vun de jeeweilege Betriber. Dat selwecht gëtt et mat den Ekipementer. Respektiv dann och wann et Frais pour dégâts causés par des tiers gëtt. Dat ass haaptsächlech wa Gemengemobilier, dat kënne Luuchtepottoe sinn oder Schëlter sinn, wann déi futtigemeet ginn, da leeft dat iwwert d'Assurance an da gi mer och do rembourséiert. Da gesitt Der zum Beispill d'Electricité produite par les installations photovoltaiques propres à la commune. 42.132.- Euro. Gutt Wiederbedéngungen. Natierlech kréie mer dann och zousätzlech Recetten. Dat ass déi Fro, déi virdrun och opgeworf gouf, wann ee méi Recettë kritt. An natierlech nach zousätzlech hei Sponsoring am Kader vun eise kulturelle Manifestatiounen. Sou dass d'Deklaratioun vun de Recette non-réglementées op 174.690,89.- Euro sech beleeft. Dat zu der Erklärung zu de Recettes non-réglementées. Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Eng ganz kleng zum klengste Posten, deen dran ass. Den 89. Ech war e bëssen iwwerrascht, ech hat geduecht, eis ëffentlech Toiletten, déi wieren all gratis. Ech weess elo net, ob mer der do awer hunn, déi payant sinn? Ech hu mech gefrot, firwat? Well ech fannen, ëffentlech Toiletten, déi sollte jo ëmmer zougänglech sinn. Ob déi net all gratis sinn, an ob een net awer misst op déi Pist goen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech mengen et sinn déi, wou sech automatesch botzen, déi muss ee bezuelen. Déi normal, déi ëffentlech, wou jo op an accessibel sinn, wou d'Gemengepersonal botzt, déi si gratis. Wa keng weider Froe sinn, géif ech proposéieren, dass mer ofstëmmen.

Wien ass hei mat de Recette non-réglementées averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech och do villmools Merci.

## 3.13. APPROBATIOUN VUN DE MODIFIKATIOUNEN UM BUDGET ORDINAIRE AN EXTRAORDINAIRE (TERRAINEN) VUM EXERCICE 2023

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op d'Liste modificative. Dat heescht zousätzlech nei Kreditter oder méi Depensen. Wann een do dat Ganzt kuckt, do hu mer am ganze vun zousätzleche Recetten oder Depensen, déi mer manner gemeet hunn, do leie mer bei ronn 817.000.- Euro vun neie Recetten, a vun neien Depensen 2.346.500.- Euro. Dat heescht am Fong dann en Ecart vun 1,5 Milliounen Euro. An där 1,5 Milliounen Euro ass och eng hallef Milliooun dra vun Acquisitioun vun Terrainen, déi de Gemengerot och hei gestëmmt huet. Dat ass e Montant, deen dran ass. Dat sinn déi Akten, déi mer och hei am Gemengerot virleien haten.

An dann, e gudden Deel, wat hei och ausmécht vun den Haussen um Niveau vun den Depensen, dat ass déi ganz Energiekris, déi mer hunn. Also dat ass zimmlech hefteg. Do kréie mer jo als ëffentlechen Acteur keng Subsiden. Sou wann ee kuckt, wat dat ausmécht, hei de ganze Volet Elektricitéit, dat mécht gutt 76%, also bal 77% aus. An dann de ganze Volet vum Gas mécht 14% aus an de ganze Volet Entretien, do si mer bei 42%. Och well d'Fourniturë méi deier goufen duerch déi ganz Kris. Dat heescht och eng Repercussioun op d'Gemengeservicer.

An dann, wat ech awer och nach hei wëll soen, dass vun den Depensen, déi mer méi hunn, do hutt Der rausfonnt, dass ee vun eise kulturellen Highlights hei zu Diddeleng, dat ass den USINA 2023, eis effektiv och 130.000.- Euro méi kascht huet, wéi dat d'leschte Kéier de Fall war. Well mer haten op där anerer Säit och net deen décke Subsid vun Esch2022, dee mer d'lescht Joer haten. Dee war awer ganz konsequent, an deen ass fir dëst Joer entfall. Dat sinn d'Erklärungen, wat zu den Haussen hei gefouert huet, virun allem och krisebedéngt, wou ee wéineg Handhab drop huet. Well mer och nogekuckt hunn um Niveau Consommatioun Gas an Elektresch, dat ass d'selwecht bliwwen. Dat heescht, et ass wierklech déi Haussen, déi hei déi Depensen ausmaachen. Dat zu den Erklärungen. Ech wollt se net alleguerten duerchgoen, ech wollt awer in globo soen, wou d'Rees hei higaangen ass.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dir hutt grad gesot, d'Depensë sinn d'selwecht bliwwen, mir hunn awer enorm gespuert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'Consommatioun ass d'selwecht bliwwen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mee mir hu jo awer enorm gespuert an der Consommatioun. Den Här Buergermeeschter huet gesot, d'Consommatioun. Dat ass also déi Mass, déi wou's de verbrauchs, déi ass d'selwecht bliwwen. Mir hunn awer enorm Efforte gemeet, fir déi erofzedrécken.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Op verschidde Plazen, do kanns de net richteg aspueren. Zum Beispill, wa mer lo gekuckt hunn am Centre culturel, och mam ganzen CNA, deen och consomméiert och mat deene ganzen Archiven, mat der Killung, dat bezuele mir mat. Quitt dass mer et herno rembourséiert kréien iwwert d'Konventioun vum CNA. Mee dat si Saachen, do si ganz wéineg Aspuerungen, dofir si mer vun hinnen och ofhängeg. Dofir soen ech, do ass d'Consommatioun bliwwen, mee do ass effektiv dat dobäikomm. Dass z.B. ee Posten, deen een hei gesäit, deen och méi héich ass. Dofir soen ech, ass do d'Consommatioun d'selwecht bliwwen, well do Aspuerpotential war. Quitt dass mer et herno iwwert d'Konventioun am Budget 2024 da rembourséiert kréien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Eppes wat ech net verstinn, dat ass de Stockage an Entrepôt Entités externes. Dat hu mer beim Gas a beim Waasser, an ech ka mer do guer näischt dorënner virstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, ech probéieren dat elo sou gutt wéi méiglech ze erklären. Dat hei ass e bësse comptabilitéitméisseg, do hu mer lo e liichten Iwwerschoss vun 30.000.- Euro. Dat ass engersäits déi Operatioun, mir hate jo am Budget 2024 gesot, mir hu missen aus der Aciérie erausplënneren. Do hu mir jo och de Kredit hei gestëmmt, do ass jo z.B. de Sall Zill [1:16:17 richteg verstanen?], deen ass jo komplett deplacéiert ginn. An deem Kontext hu mer jo och missen aus dem Stolwierk rausplënneren, an do hate mer jo en Depot. A mir sinn erausgeplënnert a mir hunn eng adequat Plaz gesicht, dofir hate mer jo och déi Kreditter virgesinn an eise Budgeter. Mir konnten och zu deem Zäitpunkt nach net soen, well mer an Diskussioune waren, fir eng nei Plaz ze fannen. Schlussendlech si mer lo bi CFL Multimodal, wou den Depot vun do dohinner deplacéiert gouf. Engersäits bezuele mer och do da Locatioun. Mir hunn eis dat hei lo comptabilitéitsméisseg vum Pascal Pull erkläre gelooss. Dat heescht, mir bezuelen do lo an deene verschiddenen Dispositiounen, wat Elektresch, Gas a Conciergerie ugeet et bësse méi. Dofir hu mer awer manner Loyer, dee mer lo bei hinne bezuelen. Et ass eng Comptabilitéitsoperatioun.

Ech hu mer, wéi ech dat dote gelies hunn, hunn ech mer och Froe gestallt bis ee mer dat erkläert hutt. An ech probéieren, lech dat lo sou ze erklären, wéi hie mer et gesot huet. Dat heescht, mir haten e ganze Montant dragesat, fir e ganzt Joer Loyer ze bezuelen. Schlussendlech ass et awer manner. Dofir hu mer och méi Recetten op deem dote Punkt, dat si bei de Recetten, déi 175.000.- Euro, déi drëtt Recette, dat heescht, dat sinn am Fong manner Depensen a méi Recetten, déi mer hunn. Dofir hu mer op där anerer Säit e bësse méi Depensen, déi dobäikommen. Gas, Elektresch hu mer do awer och mat fakturéiert krut, well mer jo och hiert Gebai als Depot notzen, respektiv en Deel vun der Conciergerie. Wéi gesot, et ass eng Comptabilitéitsoperatioun, ech mengen de ganzen Exercice hei ass eng Comptabilitéitsoperatioun. Also ech probéieren, et lech sou ze erklären, wéi hie mer et och virun e puer Deeg erkläert huet.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir hätten och zwou Froen am Fong zu de Frais de gestion Ateliers communaux, déi 100.000.- Euro sinn. Dir hat virdrun erkläert, dass dat och mat Fournituressaachen ze dinn hätt. Ass dat reng dat, oder ass do nach eppes, wat dobäikënnt?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, ech mengen et ass dat. Et sinn am Fong insgesamt Fournituren. Ech menge mir hu jo gesinn an der Situatioun, dat betrëfft jo manner déi nei Gebaier. Mee wann ech kucken, alleguerten déi Gebaier, déi d'Stad Diddeleng huet. Am Laf vum Joer gesäit een e Budget vir fir Reparatioun, mee wa gréisser Reparatioune musse gemeet ginn, bon dat steiert een alt net ëmmer. Da mussen déi gréisser Reparatiounen och gemeet ginn. Deelweis mussen dat dann Handwierksbetriber maachen. Deelweis maache mer et och selwer. Wa mer et selwer maachen, musse mer natierlech déi néideg Fournituren akafen, déi net onbedéngt budgetiséiert waren, an dofir huet een dann hei och deementspriechend méi Depensen. Dat ass am Fong dat, wat d'Erklärung ka sinn, wann d'Fournituré méi héich sinn, wat d'Gemengegebaier insgesamt ugeet.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Dann déi zweet Fro, dat wär am Fong beim USINA, do war jo vu vir era gewosst, dass dëst Joer dat géing ewechfale vun Esch2022. Dass en dann awer nach eng Kéier vun 150 op +130.000.- Euro gëtt, wéi ass dat ze erklären?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, ech mengen do ginn et eng Rei Erklärungen. Mir hunn dat och mat eisem Service culturel gekuckt. Engersäits ass et de Subsid, deen awer konsequent war. Och wann den Artist elo en anere war, deen opgetrueden ass wéi d'lescht Joer. Mir hunn eis eng Rei Froe gestallt. Generell ass d'Erklärung, dass d'Festivallandschaft awer och am Wandel ass. Wat sécherlech och en Impakt huet. Wa mer sou Festivalle maachen, zéie mer jo och d'Groussregioun un. Den Artist huet effektiv och zu Tréier e Concert gehalen an därselwechter Period. Ech weess elo net méi, ob et kuerz virdru war oder kuerz duerno. Mee op alle Fall och dat en Impakt. Natierlech war et an enger Period, wou och Vakanz war. Dat sinn nach eng Rei Erklärungen, déi et kënne ginn, dass et dës Kéier net sou gelaf ass. Mir kruten och kee Subsid vum Kulturministère. Mir haten nämlech e Subsid och ugefrot, reng spezifesch fir dës Editioun. Mir kruten do kee Subsid vum Kulturministère, och wann awer Lëtzebuergesch Gruppen do och opgetruede sinn.

Dat sinn eng Rei vun Erklärungen. Mer hunn och gemierkt, dass fir den zweeten Dag net sou deen Undrang war, wéi fir deen éischten Dag, wou d'lescht Joer deen zweeten Dag méi Undrang war. An et sinn eng Rei Elementer, déi zesummekommen, an déi dat doten och ausmaachen. Dofir si mer och am Gaang ze kucken, ouni

deem elo wëlle virzegräifen, fir sécherlech eng 3. Editioun ze organiséieren, och 2024, fir dann och e bëssen ze wëssen, wou d'Rees higeet. Do sinn dat dote scho Parameteren, déi eise Service fir d'Planung 2024 mat eranhëlt mat alleguerten de Planer ronderëm den USINA-Festival. Do si mer jo mat e puer Partner am Boot, fir dat ze plangen. An déi Consideratioune sinn de Moment am Gaang, gepréift ze ginn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir déi Erklärungen. Also den USINA, do si mer jo souwisou der Meenung, dass Kultur grouss geschriwwe soll gi weiderhin zu Diddeleng. Dat fanne mer an deem Sënn och gutt. Wann ech dat elo richteg eraushéieren hunn, dann hat den USINA lo dëst Joer leider manner Succès wéi dat u sech erhofft war. Virun allem dann den zweeten Dag. Wat eis elo e bësse méi gestéiert huet bei deem ganze Listing, dat war, dass mer 100.000.- Euro méi fir den Eclairage public misste bezuelen nodeems grouss ugekënnegt Energiespuermoossnamen ni stattfonnt hunn. Ech sinn d'leschte Kéier nach duerch Beetebuerg gefuer, do sinn d'Luuchten nach ëmmer aus an der Nuecht, an dat klappt. Do si mer nach e bësse wou mer soen, OK, do hätte mer massiivst Aspuerpotential gehat. Bon, zum Schluss ass een ëmmer méi schlau, mee déi Gréng hunn ënner anerem scho ganz laang de massiven Ausbau gefuerdert vun Erneierbaren op sämtlechen Diecher, a wat éischter wat besser. Do si mer jo am Gaang, mat deem, wat mer virdru gestëmmt hunn, deem entgéint ze kommen. An dat kann een elo net réckgängeg maachen. Et wier flott gewiescht, wann een déi vill Meterkareeë lo scho gehat hätt fir dëst Joer. Mee voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, soss nach weider Froen? Bon, ech wëll dat doten awer net sou am Raum stoe loosse par rapport zum Eclairage public. Effektiv, et ass méi ginn. Engersäits ass dat natierlech d'Hausse vun de Präisser insgesamt duerch de Krich an der Ukrain, dat ass den internationalen Deel. Engersäits wësst Der, dass mer um Niveau vum Eclairaige public schonn eng ganz Rei Efforte gemeet hunn an dat och weider maachen. Mir hunn awer och deelweis nach Eclairage public, dee klassesch ass, wou dat doten eng Repercussioun huet. Dat heescht, mir hu jo och e Plang, fir dat um Niveau vum Eclairage public ëmzesetzen.

An da wëll ech nach soen, an dat ass den zweeten Deel, an dat hate mer hei schonn eng Kéier diskutéiert, dat war eng Fro vun deene Gréngen, wou den Här Manderscheid drop geäntwert huet par rapport zum Eclairage public owes. Dee Moment, wou mir d'Demande gemeet hu fir an déi Richtung ze goen an d'Äntwert vun de staatleche Stelle kritt hunn, si 5 Méint vergaangen. Dat wëll ech lech hei soen: 5 Méint. Also et huet net un der Gemeng geleeën, fir en Effort wëllen ze maachen. Well wann ee Saachen annoncéiert an an d'Vitrinn setzt, dass d'Gemenge solle matzéien, da kann ee jo och vläicht erwaarden, sou schnell wéi méiglech eng Äntwert ze kréien, dass d'Gemengen et och kënne maachen. Méi wëll ech net dozou soen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ass dann do nach d'Méiglechkeet, dass een da géing ab elo d'Luuchten ausmaachen an der Nuecht, oder? Well lo geet jo rëm déi däischter Saison un, am Fong kéint ee jo, lo nodeems een dann d'Äntwert hätt... oder geet dat net?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also dat war jo zäitlech limitéiert. Wann ech mech un d'Circulaire kann erënneren, war et zäitlech limitéiert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also wéi gesot, Beetebuerg, do sinn ech d'lescht Woch derduerch gefuer, do war an der Nuecht nach ëmmer alles aus.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech mengen dass mer hei lo keng gréisser Changementer maachen. Am akute Moment war d'Volontéit do, et ze maachen. D'Situatioun ass awer lo largement eng aner, wéi et viru méi wéi engem hallwe Joer de Fall war. Ech mengen ech hätt probéiert, ob alleguerten déi Froen anzegoen, déi gestallt goufen. Si soss nach Froen? Wann dat net de Fall ass, géif ech proposéieren, dass mer op d'Liste modificative hei iwwergi fir déi ze stëmmen. ***Wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, vun der CSV vun deene Lénken, der ADR an d'DP. Wie ass dogéint? Wien enthält sech? Dat sinn dann déi Gréng.***

### 3.14. AUTORISATIOUN, EN EMPRUNT IWWER 25.000.000.- EURO OPZEHUELEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass den Emprunt vu 25 Milliounen Euro. Bon, Dir wësst, den Ausgangspunkt ass, dass mer am Budget 2023 en Emprunt ageschriwwen hate vu 40 Milliounen Euro. Do hate mer déi éischt Tranche gezunn am Juni. Do virdru war et jo am Gemengerot, wou mer d'Autorisatioun gefrot hunn. Dat heite gëllt jo virun allem, fir déi déck Projete kënnen ze finanzéieren. Dat sinn engersäits d'Gemengenatelieren, dat ass de Centre sportif scolaire Strutzbierg an et ass d'Mise en conformité vun der Briller Schoul. Dat sinn dräi net onwichteg Projeten.

Den éischten Emprunt hu mer am Juni gezunn an hei froe mer de Gemengerot dann, de Rescht ze froen, déi 25 Milliounen. D'Durée vum Emprunt sinn 20 Joer mat engem Taux d'intérêt variable. 3 oder 6 Méint a punkto Euribor. Dat ass dat, wat mer hei froen. Oder en Taux d'intérêt fixe an dann d'Frequenz vun den Arrêtés de compte semestriels. Dat sinn am Fong d'Donnéeën, déi mer virginn an dann, wann de Gemengerot hei gréng Luucht gëtt, ginn d'Banken ugeschriwwen an dann ass et un hinnen, eis eng Propos ze maachen an deementspriechend och dann deen ze zéien, wou d'Gemeng am beschten dovunner ewechkënnt. Well a punkto Emprunt, do kann ech soen, just fir dee vu 15 Milliounen, do hate mer och 5 Banken ugeschriwwen an et si just 4 Banken, déi eis geäntwert hunn. Dat par rapport zum Emprunt zu deene 25 Milliounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. „Die fetten Jahre sind vorbei" kann ee soen. Et geet elo an's Eingemachte, a virun allem wësse mer och, wéi et ass um Finanzmaart, wat d'Zënsen ubelaangt. Et gëtt alles méi deier. Et gëtt alles, alles, alles méi deier. Mir hunn et virdru gesi beim Elektreschen.

Wat eis e bësselche Suerge mécht, an dat ass dat, wat ech ëmmer erëm soen, dat ass einfach, dass all Projet, dee mir hei stëmmen, diametral méi deier gëtt. Hei sinn d'Atelieren erwäänt ginn an ech rappelléiere just, dass déi am Plan pluriannuell 2020 mat 19,8 Milliounen ugesat waren. Am Plan pluriannuell 2022 hu mer vu 24,8 Millioune geschwat, lo si mer am Plan pluriannuell 2023, do schléit et mat 28 Milliounen zu Buch. Idem och eng enorm Präishausse vum Strutzbierg. Do waren och am Budget 2021 am Plan pluriannuell 19,5 Millioune virgesinn. Lo si mer am Budget am Plan pluriannuell 2023 op 23 Milliounen. Idem och bei der Briller Schoul. Mir hunn alleguerten déi Projete matgestëmmt, och wa mer de Budget net matgestëmmt hunn, mee déi hei Projeten hu mer matgestëmmt, well all Invest an d'Schoul – dat ass ëmmer e Sproch vun eis – ass e wichtegen Invest an d'Zukunft vun eis a vun eise Kanner an dee stëmme mer mat. Och bei den Atelieren hu mer agesinn, dass dat misst renovéiert ginn. Mee einfach och déi Präishaussen, an dat war net Corona, Krich an der Ukrain a sou weider. Wat mir ëmmer e bëssen dem Schäfferot virwerfen, dat ass, dass vill méi Rigueur muss agehale gi bei den Devisen, bei de Kontrolle vun den Devisen. Och wann Dir keimt Här Manderscheid, ech soen et awer. Ech denken, wann een an engem Plan pluriannuell 2022 d'Emprunte vun 2023 bis 2025 mat engem Total vun 90 Milliounen usetzt an e Joer drop am Plan pluriannuell d'Investissementer vun 2024 bis 2026 vun engem Invest vun 120 Millioune schwätzt, ech denken net, dass mer dann immens vill nei Projeten dobäihunn, mee dass dat einfach Saache sinn, déi méi deier ginn. A méi deier, OK. Et ass et Fait, dass verschidde Saache méi deier ginn, mee et ass net nëmmen dowéinst. Wéi gesot, et muss och méi eng Rigueur si bei de Kontrolle vun den Devisen.

Ech fänke lo net rëm un, meng üblech Beispiller vun der Toilette mat de gëllene Krinn am Hall polyvalent opzezielen. Mee do muss einfach méi Rigueur sinn. A mir mussen eis och mol eng Kéier bei der eegener Nues huelen an och mol eng Kéier soen, dass mer vläicht eng Kéier soen: Halt, lo hu mer souvill Projeten um Lafen, dat gëtt eis immens deier. 20, 25 Milliounen Emprunt, dat ass jo awer wierklech net näischt. Et ass schonn éiweg laang hir, dass mer Emprunte geholl hunn, dat ass jo och alles schéin a gutt. Mer hunn ëmmer relativ gutt gehaushalt. Mer hunn ëmmer nach en Apel fir den Duuscht gehat, mee deen Apel, deen ass och lo schonn net méi do. An dofir nach eng Kéier en Appell, nach méi Rigueur unzeweisen an och „ein Innehalten", dat ass och net schlecht. D'Leit dobausse maachen dat och. Et ass kee méi, deen eng Wunneng keeft, well e sech einfach denkt, ech kann dat net bezuelen. Mir mussen och mol vläicht eng Kéier soen, dass mer bei verschidde Projeten, déi mer an d'A gefaasst haten, dass mer do soen: Neen, momentan maache mer dat einfach net. An dat géif eis och net schlecht zu Gesiicht stoen no baussen. Well schliisslech, déi 25 Milliounen, deen Emprunt huele mir jo net op fir eis 19 heibannen. Mee dat ass de Bierger, deen dat muss bezuelen. Mir mussen dorobber Zënse bezuelen. An ech denken, et géif eis gutt zu Gesiicht stoen, einfach mol eng Kéier duerchzeootmen. An och en Appell dann un d'Budgetspreparatioune vun 2024.

Et ass keng Sënn fir ze soen: Oh, dat do wär vläicht cool gewiescht, mee mir hunn awer momentan keng Suen dofir a mir maachen dat net. A kommunizéiert dat och no baussen. Ech fannen, dass dat eis gutt géif stoen. Mir sinn alleguerten hei fir d'Sue vun der Gemeng ze verwalten en bon père de famille. An do ass et och keng Schan ze soen: Dat do hate mer ëmmer annoncéiert, mee mer maachen et net, well mer hunn d'Suen net dofir. Mir stëmmen deen Emprunt hei mat, well mer déi eenzel Projeten och matgestëmmt hunn. Mee nach eng Kéier e groussen Appell: Weist e bësse méi Rigueur a kontrolléiert d'Depensen nach méi. A frot och vläicht méi Devisen an, wéi ëmmer nëmme bei de „usual Suspects", et sinn ëmmer déi selwecht Firmen, déi eppes maachen. Et kann een och do vläicht mol eng Kéier nach méi akribesch kontrolléieren. Mir hate virdrun d'Beispill vun de Photovoltaikanlagen. Frot lech méi Devisen a kontrolléiert dat, bleift derhannert. An och, haalt op d'Anhale vun den Devisen. Dat geet och an anere Gemengen, dass da mol einfach den Entrepreneur oder den Architekt oder d'Firma wierklech bei der Nues geholl gëtt a gesot kritt: Hei deen do Devis, deen hues Du eis raginn, an du kriss net méi, wéi deen Devis. Ech denken, dat steet eis och gutt zu Gesiicht, well et sinn net eis Suen, et sinn net Är Suen, et ass Diddeleng, et sinn d'Sue vun den Diddelenger. Voilà. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech sinn elo hei nei, ech weess net méi, wat mer alles matgestëmmt hunn. Ech menge Brill a Strutzbierg hu mer matgestëmmt, d'Gemengenatelieren hate mer effektiv net matgestëmmt, well do eng gewëssе Präisexplosioun ass. Natierlech, en Emprunt vu 25 Milliounen, et ass een ëmmer frou, wann een net muss e weideren Emprunt maachen. Mir wëssen och, dass mer finanziell relativ gutt do stinn. Mee et gëtt natierlech ëmmer méi enk. Mee mer wëssen awer och, dass grad elo net d'Zäit vum Stëllstand ass, mee dass mer wierklech Investissementer brauchen. An eis Infrastrukturen, dat sinn och allen dräi, virun allem natierlech de Brill an de Strutzbierg ganz wichteg Projeten, déi mer och gäre matgedroen hunn.
Natierlech brauche mer vläicht heiansdo e bësse méi Rigueur.

Also ech si jo vum Metier, ech weess wéi dat geet, wann d'Präisser explodéieren. Wann ee vun engem Bureau d'études en Devis kritt, do ass natierlech herno d'Entreprise net dru gehalen. Ech weess net, wéi dat geschitt, dass hei reegelméisseg d'Präisser schéngen aus dem Rudder ze lafen, wourunner dat elo genau läit. Mee vläicht kann een do nach e bësse méi hannendru bleiwe fir ze kucken, ab wéini déi Präisexplosioune kommen, dass een dat vläicht e bësse méi am Grëff huet. Ech menge mir sinn och einfach an onsécheren Zäiten, wou een nach méi Imprevuen a méi Reserve muss vun Ufank un arechnen, fir eeben déi Reserv herno ze hunn, wann nees eng Hausse vun de Präisser kënnt. Well mir wëssen natierlech och, dass mir hei net kënne mat den ëffentleche Gelder vun der Gemeng einfach maachen, wat mer wëllen. Mee mir stëmmen awer den Emprunt mat, well et fir wichteg Investissementer an d'Zukunft vun der Stad ass.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also déi Projeten, fir déi den Emprunt muss gemaach ginn,

déi fanne mir och gutt. Mir wäerten dat och matstëmmen. Déi eenzeg Froen, déi sech eis gestallt hunn, dat ass engersäits, wisou keng Finanzkommissioun war fir iwwert den Emprunt ze schwätzen? An déi zweet Fro, déi mer hätten, dat wier, an der Gemengerotssëtzung vum 10. Februar ass gesot ginn, wou deen éischten Emprunt gemaach ginn ass, also deen éischten Deel dovun, mir géingen informéiert ginn, bei wéi enger Bank dat géing gemaach ginn, an déi Infoen, do wollte mer einfach froen, ob mer déi kéinte kréien? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Da fänken ech erëm wéi virdru mat der leschter Fro un. Effektiv, ech hat virdru gesot, mir hate jo bei 5 Banke gefrot, et hu just 4 eng Offer ofginn an ech hat vergiess ze soen, dass et d'Raiffeisen war. Dofir wollt ech dat awer nach eng Kéier hei soen. Merci fir Är Fro. Mir hunn dat bei der Raiffeisen gemeet, do huet de Schäfferot d'Deliberatioun och geholl. Dann insgesamt, zu de Remarken, déi hei gemeet goufen. Ech si ganz bei der Madame Thoma, an dat ass och e wichtege Message, grad an dësen Zäiten, dass déi ëffentlech Invester héichgehale ginn. Dat maache mer ganz kloer als Gemeng, andeems mer hei eng Rei Projeten ëmsetzen. A wann een duerch Diddeleng fiert, da gesäit ee jo, wéi eng Projeten d'Stad Diddeleng ëmsetzt. Natierlech ass een ëmmer frou, wann ee keen Emprunt brauch opzehuelen. Mir haten eng ganz Rei Joren, iwwer fënnef Joer, wou mer keen Emprunt bräichten opzehuelen. Lo si mer mol awer an der Situatioun, an déi Diskussioun hate mer scho méi wéi eng Kéier hei, dass dann op eemol Projete beienee kommen, déi dann awer e wichtegen Invest sinn. Mir wëllen dass alleguerten eis Schoulkanner a gudde Konditioune Schoul gehale kréien an och d'Léierpersonal a gudde Konditioune Schoul hale kann. Awer och soen ech hei am Numm vun eiser Majoritéit, dass eist Gemengepersonal, déi an de Gemengenateliere schaffen, och a gudde Konditioune schaffe kënnen. Och wann da mol gesot gëtt, dass de Projet ze deier ass oder sech enthale gëtt.

Mee ech mengen dass et wichteg ass, fir déi, déi sech abréngen an d'Kollektivitéit, dass mer och déi ënnerstëtzen. An deen een oder deen anere mécht et als Gemengemataarbechter oder als staatleche Mataarbechter. Mee et ass jo deementspriechend fir Diddeleng. A mir si nu mol an enger Period, nieft deem, dass op dem Marché eng gewëssen Tensioun ass, si mer awer och Diddeleng, an dat hu mer och ganz kloer am Budget 2024 gesot, an enger Situatioun, wou eng ganz Rei méi décker Projeten an Diddeleng ëmgesat ginn. An déi sinn onëmgänglech. Dat si keng Nice-to-have Projeten. Natierlech wëll ee sou mann wéi méiglech op en Emprunt zréckgräifen. Mee en Invest an déi dote Projeten ass awer a mengen A wichteg, well ech hu virdru gesot, wiem et zegutt kënnt. An dann, natierlech kann een och ëmmer Rigueur verlaangen. Ech soe jo net, dass mer et net maachen. Mee da komme jo nach aner Realitéiten.
Ech deelen net déi Realitéit, déi Diskussioun hate mer schonn eng Kéier hei vun der Madame Kayser, dass se seet, an anere Gemenge géif dann einfach den Devis verworf ginn. Sou einfach ass et och net, well ech hu jo och vill Kontakt mat anere Buergermeeschteren och vun anere politesche Couleuren, an déi erliewe ganz änlech Situatioune wéi hei zu Diddeleng. An déi Realitéit, déi och elo nach deelweis do ass. Mir hate Situatiounen, wou mer Ausschreiwunge gemeet hunn.

Éischtens si mer an engem Marché publics-Gesetz, do ginn et ganz kloer Reegelen. Do mécht een eng Ausschreiwung a mir hate Situatiounen, wou dann och just een ofginn huet. Bon, do kann een natierlech negociéieren, et kann een en Zouschlag maachen an nach e bëssen negociéieren, awer och dat hält sech a Grenzen. An et kann een de Marché annuléieren a frësch ausschreiwen. Do kann een net einfach soen: Bon, mir maache lo 50% manner vum Devis. Mir hunn eis hei u Spillreegelen ze halen. Ech verstinn awer och déi Remark, déi gemeet gouf. Hei ginn effektiv Devisen opgestallt, déi probéieren, sou no wéi méiglech um Marchéspräis ze sinn, mee mir sinn an onsécher Zäiten, wou effektiv och déi Präisexplosioune komm sinn. Dat sinn eng ganz Rei Parameteren, déi spillen. Et ass also lo keng Science exacte an deem Sënn, dass och dat, wat een hei am Budget festhält, dass dat herno och d'Realitéit ass vun der Ausschreiwung oder vun der Offer, déi ofgi gëtt. Virun etleche Jore war dat effektiv ganz no bäi, mee an där Situatioun, wou mer awer vun der Corona-Kris u sinn, mengen ech sinn déi Ecarte ganz grouss. An ech hunn dat méi wéi eng Kéier gesot: Diddeleng ass do keng Insel, a keen ass doriwwer frou. Mir sinn an där Situatioun. An nach mengen ech, dass mer déi ëffentlech Invester grad an dësen Zäiten och héich mussen halen. Dat nach zu den Ausféierungen zu deene verschiddene Reflexiounen, déi hei gemeet goufen.

Da géif ech proposéieren, wa keng weider Froe méi sinn, dass mer op de Vott iwwerginn. Gëtt de Gemengerot hei d'Geneemegung, dass mer den Emprunt ophuele kënnen iwwer 25 Milliounen Euro? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech Merci a wéi gesot, och hei wäerte mer lech dann informéieren, bei wéi enger Bank mer den Emprunt opgeholl hunn. Mee och hei wäerte mer fënnef Banke kontaktéieren.

### 3.15. NEIFIXATIOUN VUN DE JETON DE PRÉSENCË FIR D'MEMBERE VUM GEMENGEROT, D'PRESIDENTEN, D'SEKRETÄREN AN D'MEMBERE VU CONSULTATIVE GEMENGEKOMMISSIOUNEN AN GEMENGENAARBECHTSGRUPPEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann den nächste Punkt. Dat sinn d'Fixatioun vun neie Jetone fir d'Membere vum Gemengerot, d'Presidenten, d'Sekretären an d'Membere vun eise consultative Kommissiounen, respektiv vun den Aarbechtsgruppen. Do wollte mer hei dem Gemengerot proposéieren, dass mer ab den 1. Oktober vu 27,07 op 35,19 Euro Index 100 eropginn. Dat sinn dann 30% méi, wat d'Jetonen ugeet fir de Gemengerot. Dir wësst, iwwert déi lescht Joren, d'Gemengeréit ginn net nëmme méi, mee si sinn och méi laang. An d'Preparatioun an d'Dossiere ginn ëmmer méi komplex. An ech mengen et ass och wichteg, dass mer iwwert deen dote Wee déi Aarbecht, déi hei de Gemengerot mécht, dass mer deem och kënne Rechnung droen. Dat selwecht gëllt fir eis Kommissiounen an och fir d'Membere vun de Kommissiounen. Do wëlle mer vun 11,46 op 12,61 eropgoe fir d'Memberen oder d'Membres expert. An da 15,18 op 16,7 fir

d'Presidenten, d'Sekretären, d'Commissions ad-hoc, also vun de Commissions consultatives a vun den Aarbechtsgruppen. Do ass et dann eng Hausse vun 10%. Dat ass dat, wat mer hei wollte proposéieren am Ufank vun dëser Period.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech kann ni eppes ufänke mat deem Index 100. Kënnt Dir eis wannechgelift dann elo soen, wat dat genau haut dann elo ausmécht? War dat déi selwecht Fro? Jo. Merci. Also bref, wéi vill kréie mer fir e Jeton? Dat ass och vläicht wichteg no baussen, de Leit ze soen, d'Leit menge jo ëmmer, mir géifen hei mega räich gi wa mer hei sëtzen. Ech menge wann ee bei den Independanten de Verloscht, vun deem, wat's de verléiers, wann s de hei sëtz ausrechens, dann... Dofir wär dat vläicht gutt wéinst der Transparenz. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech hat effektiv den Exercice gemaach, fir et auszerechnen. Also fir eis als Membere vum Gemengerot géinge mer da vu ronn 255.- Euro op 332.- Euro eropgoen. An ech menge mir sinn eis alleguerten eens, dass politescht Engagement net héich genuch wäertgeschat gëtt oft. Dat ass scho richteg. Ech muss awer éierlech soen, dass ech mech e bëssen onwuel fillen an dëser Zäit vu Kafkraaftverloschter, dass mer eis lo selwer ëm 30% erhéijen. Ech hunn och e bësse ronderëm gefrot, wat an anere Gemengen, déi änlech grouss sinn, respektiv méi grouss si wéi Diddeleng, wat do d'Membere vum Gemengerot kréien. Dat ass e groussen Ënnerscheed – no ënnen.

Also et ass schonn awer relativ vill. Ech hunn nämlech och gekuckt, fir e bëssen eng Iddi ze hunn, wéi an därselwechter Period vu 6 Joer de Mindestloun opgewäert gouf, dat war +8%. A mir wäerten eis elo selwer ëm 30% op. Ech weess, dat kann een elo net 1:1 vergläichen, mee ech fille mech e bëssen onwuel domadder. Ech mengen dass wann am Januar de Règlement grandducal da vläicht endlech kënnt, dass scho mol eise Congé politique opgewäert gëtt op 8 Stonnen, ech mengen dat wär schonn eng gutt Opwäertung. Ech sinn och op kee Fall dogéint, dass ee sech all 6 Joer e bëssen d'Jetonen opwäert. Ech mengen dat ass an der Natur vun der Saach. Mee 30% fannen ech éierlech gesot an dësen Zäiten awer e bëssen iwwerdriwwen an ech kann dat net gudde Gewëssens matdroen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Wa mer no baussen awer wëlle kommunikéieren, wéi mer hei remuneréiert ginn, da wéilt ech awer och bemierken – ech weess net, wéi et an anere Parteien ass – dass mäer bei der CSV 30% vun deem, wat mer kréien, un eis Keess vun der CSV ofginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Gangler. Jo an anere Parteien ass et d'selwecht. An et gëtt nach besteiert. Dat däerf een net vergiessen. De ganze Montant. Soss nach weider Remarken? Ech soen lech ganz éierlech, ech verstinn der Madame Thoma hir Iwwerleeung. Dofir maache mir dat heiten och just eemol all 6 Joer. An ech kann lech soen, Dir wäert elo d'Erfarung dann déi nächst Jore maachen. Effektiv och mat där Hausse vun 30% ass et net vill fir dat, wat awer vun de Gemengerotsmembere verlaangt gëtt, fir sech ze preparéiere fir an de Gemengerot ze kommen, en fonction vun den Dossieren. Éischtens iwwert d'Komplexitéit iwwert all déi leschte Joren, an op där anerer Säit awer och déi Zäit, wou een hei sëtzt. Wéi gesot, och mat där Hausse gëtt een net räich. Et ass wierklech minim, och fir sech hei kënnen ze sëtzen an och déi néideg Zäit, fir sech virzebereeden. Dat ass e Ganzt. Dofir maache mer et och just eemol all 6 Joer. Et kënnt jo och vun enger Evolutioun aus, wou mer gesot hunn, dass mer et wëlle maachen. Net well mer Loscht hunn, et ze maachen, mee well ee mierkt, dass d'Aarbecht net éischter ofhëlt, mee éischter zouhëlt. Et ass awer och eng „Wäertschätzung" fir déi Aarbecht, déi ee mécht. Heiansdo ass ee sech um Fong och net eens, mee d'Wäertschätzung vun der Aarbecht, déi een als Gemengeconseiller mécht, wann ee gewielt gouf.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech muss awer och nach just als Parenthèse dobäi soen, dass een als Gemengerotsmember awer och nach Rei aner Depensen huet, wéi eng ganz Rei Memberskaarten an aner Veräiner, wou s de vläicht soss net geholl häss, wou s de awer elo hëls fir déi Veräiner ze ënnerstëtzen. Bei mir ass dat mol sou. Mee dat ass bei villen aner Leit bestëmmt och esou, dass de méi Memberskaarten hëls. Am Fong bleift net terribel vill iwwreg. Dat mécht ee jo sou. Du gees méi eraus op Fester, wou's de soss net gaange wiers, fir Presenz ze weisen, du hëls Memberskaarten, du hëls en Abonnement, och wann s de vläicht net sou oft um Fussballterrain sëtz, mee du hëls awer däin Abonnement. Ech hu keen allze schlecht Gewëssen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci. Ech wëll och nach eng Kéier vun der LSAP aus dat nach eng Kéier ënnerstäichen, wat ech elo grad héieren hunn. Och bei eis ass et sou, datt mir e groussen Deel Pourcentage ofginn un eis Partei. An déi Leit, déi fir eis an de Kommissioune sëtzen, déi gi souguer d'Hallschent of. Dann och Congé politique. Do si mer och frou, wann dat elo e bëssen an d'Luucht geet an Zukunft. Well déi Stonnen, wa mer éierlech sinn, da si mer wéinstens duebel sou laang um Terrain soen ech elo mol. An dann ass dat, wat den Här Martini gesot huet, do si jo awer och Käschten, déi hei an do op een duerkommen, wat einfach un der Fonctioun an um Mandat hänkt an déi soss net wären. Ech mengen och, datt dat schonn an déi Richtung soll goen. Mir wëlle jo och ëmmer kucken, datt dat Engagement, dat een dann um kommunale Plang hëlt, datt een dat och méi onofhängeg mécht. Mir sinn all e bësse dofir, datt een net de Cumul mécht. An dofir muss een dann awer och déi Leit, déi sech um kommunale Plang engagéieren, och deementspriechend opwäerten, fir datt dat och remuneréiert gëtt. Ech sinn och Independant. D'Madame Kayser huet elo grad scho gesot, dat Ganzt gëtt och nach besteiert an da kritt de Papa Staat erëm e Stéck zréck vun deem Ganzen. Ech kann och domadder liewen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll awer och do dobäi bemierken, ech kann der Madame Thoma hir Bedenke wuel verstoen. Mee ech wëll awer och nach ënnerstäichen, um Aarbechtsmaart dobaussen, wou mer all schaffe bei de Patronen, do kënnt och ëmmer méi Aarbecht ob eis duer, d.h. mir mussen nach méi investéieren, wéi dat vläicht an der Zäit

war. Dat wëll ech awer och eng Kéier hei mat an d'Boot geheien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wa keen eng weider Remark huet, da géif ech proposéieren, dass mer heiriwwer ofstëmmen. ***Wien ass mat der Adaptatioun vun den Indemnitéiten averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP, CSV, ADR, DP. Wien enthält sech? Déi Lénk.*** Villmools Merci.

### 3.16. NEIFIXATIOUN VUN DEN INDEMNITÉITE VUM BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da ginn ech iwwer op deen nächste Punkt. Do ass och eng liicht Adaptatioun. Dat sinn d'Indemnitéite wat de Schäfferot ugeet, vum Buergermeeschter, respektiv de Memberen aus dem Schäfferot. Do ass de Kader ganz kloer skizzéiert. Dat ass e Règlement grand-ducal, deen de Kader setzt. An do gi mer liicht an d'Luucht, dat ass minim. Dat si just 3% respektiv 7%. Dat ass eng aner Hausse wéi da bei de Gemengeconseilleren. Wéi gesot, mir hunn och do een anere Kader, deen dat fixéiert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn nach eng Fro: Dat ass jo guer net indexgebonnen, oder? Ass dat indexgebonnen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, Index 100.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Awer d'Jetonen net? D'Jetonen och, déi ginn och Index 100? Alles. Jo, OK, gutt. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Dat iwwerrascht lech elo vläicht, mee dat hei kann ech matstëmmen. Well et ass effektiv net vill Erhéijung an hei gëtt et jo och en anere legale Kontext, nämlech dass dat Ganzt kadréiert ass. An d'Jetone fir de Buergermeeschter an de Schäfferot sinn elo um Maximum eigentlech, deen erlaabt ass. Wat ech awer och ganz an der Rei fanne fir d'Gemeng Diddeleng. Dat ass déi véiertgréisst Gemeng hei am Land. An do si mer eis alleguerten eens, dass do am meeschten Aarbecht ass. Aus deem Grond huet jo och de Buergermeeschter 40 Stonne Congé politique, well dat eigentlech schonn eng voll Tâche ass. Se gëtt net als voll Tâche ausgefouert, mee dat ass eng aner Fro. Mee dat do kënne mer awer op alle Fall matdroen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech zum Vott iwwergoen. Wien ass mat dëser Adaptatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.17. MODIFIKATIOUN VUN DER DÉCISION-CADRE FIR D'ATTRIBUTIOUN VUN EXTRAORDINÄRE SUBSIDEN FIR CLIBB AN ASSOCIATIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer riwwer op Subside fir eis Veräiner. An da ginn ech hei dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP) – SCHÄFFEN: Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot. Hei ass am Fong d'Evolutioun vun eisem Kader, dee mer eis 2017 ginn hunn mat där flotter Aventure, déi eisen T71 mat den Damme konnt maachen d'lescht Joer an och dëst Joer hu se sech erëm decidéiert, déi Aventure ECW, sech also international ze moossen an den Diddelenger Fändel iwwert eis Grenzen eraus ze droen. Do wollte mer dëst Reglement upassen. Soss hate mer ëmmer nëmme virgesinn, dass de pro Tour e Subsid kritt hues. Hei ass et awer elo sou, dass si an engem Tour e puer Matcher hunn, e puer Géigner zougesprach kréien, d.h. et ass eng Aart Gruppephas gemaach ginn. A fir deem gerecht ze ginn hu mer eeben och gesot, dass mer pro Géigner extra 500.- Euro dropsetzen. Sou dass et net nëmme fir den Tour e Subsid gëtt, mee am Fong geholl pro Géigner am Kader vun deem Tour. Mëttlerweil ass et jo dann eng Grupp. An do hu mer eis hei eeben der Realitéit vum Basket ugepasst, a mir hunn dat heiten dem Gemengerot ze proposéieren de Moien. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Et ass natierlech ëmmer wichteg, dass mer d'Sportsveräiner och remuneréieren an e bëssen ënnerstëtzen, wa se international spillen. A wa se international spillen, da bedeit dat och fir Diddeleng eng héich Unerkennung no baussen. D'Stad Diddeleng gëtt ëmmer méi weltwäit bekannt. Zu Sevilla, zu Mailand, an eng ganz Rei aner Stied. An Éisträich nach. Wann s de an Éisträich bass, do gëtt nach ëmmer iwwer Salzburg geschwat, dass Diddeleng déi geklappt huet. Ech mengen, dat ass eng Unerkennung, an dat ass de beschten Ambassadeur, dee mer hunn, de Sport, an dat solle mer och weider ënnerstëtzen. Wat elo genau d'Fraise vun de Veräiner sinn, dat kann ech lo net soen. Ech weess elo net genau wéi den T71, wéi si dat maachen. Fir de Fussball weess ech, dass et ganz lukrativ ass, wa se e puer Tier weiderkommen. Och den éischten Tour, mat de Fraisen, déi's de hues, mat dem Fliger, deen's de muss charteren, an den Hotellen, déi's de muss bezuelen. Mee op alle Fall, all Ënnerstëtzung ass do wëllkomm an dat begréisse mir all Kéiers mat. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Deem géing ech mech uschléissen, wat den Här Martini gesot huet. Well dat bescht Aushängeschëld wat mer hunn ass de Sport. Mir sinn an der komfortabeler Situatioun, dass mer an zimmlech all de Sportaarten awer representativ Ekippen hunn, déi dat richteg gutt maachen.
Dat wou mech e bëssen zum Nodenke bruecht huet war, wéi ech lo nogerechent hunn, wéi vill dat elo réellement ausmécht fir d'Beispill vum T71, vun der Dammenekipp. Do hunn ech mer just d'Fro gestallt, ob dat duergeet, fir de Club ze ënnerstëtzen. Vu dass et Fraesport ass, deen awer nach relativ am Ecart zu Männersport ass, virun allem finanziell an och an där ganzer medialer Couverture … bon, mir mussen d'Faass net opmaachen. Do hunn ech mech gefrot, ob dat duergeet fir e Club wéi den T71 do ze ënnerstëtzen? An ech krut wéi warscheinlech vill Leit heibannen och de Mail, dass een hinne kann en Don maachen, dass een eng Memberskaart kann huelen asw. fir dass et vir an hannen duergeet. Mir wäerten dat heite matstëmmen, well mer, wéi de Claude Martini och gesot huet, all Hëllef fir de Sport natierlech ënnerstëtzen. Et wier awer vläicht eng Méiglechkeet, fir an engem Joer, wann et ëm d'Subside fir d'Clibb geet,

wa mer do einfach eng Kéier géinge kucken, wat sinn déi reell Besoine vun deene Clibb an dann doropshin eng Kéier kucken, ob een do vläicht eppes méi kéint maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech wollt e bëssen do enchaînéieren, wou den Här Steffen opgehalen huet. Vläicht wär et eng Iddi, wann een eng Kéier dat ganzt Subsidereglement op de Leescht hëlt? Diddeleng ass natierlech enorm grouss, huet enorm vill Veräiner, do rechent et sech natierlech relativ schnell och fir d'Gemeng, also am Negativen elo an deem Sënn. Mee ech hunn och gesinn an anere Gemengen, do gëtt et ganz aner Reglementer, dass méi d'Fraise gedeckt ginn. Dass een zwar vläicht méi Pièce muss dohinnerleeën, wou ee wierklech weist, wat d'Ausgabe sinn. Mee dass dat sech herno awer fir de Veräin rechent, an dass een do vill méi finanziell ënnerstëtzt gëtt. Well ech mengen och, dass et sech de Moment net wierklech fir d'Veräiner rechent. Vläicht kann een dat eng Kéier op de Leescht huelen a kucken, ob do nach e bësse Loft ass fir de Veräiner ze hëllefen. Mee mir droen dat doten natierlech mat.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech sinn dofir, an och d'DP, dass eis Veräiner sollen dat kréie wat se brauchen. Dofir si mir natierlech fir hei déi weider Subsiden. A falls rausfonnt gëtt, dass dat net duergeet, kéint ee souguer kucken, fir dat no uewen unzepassen. Mir musse bedenken, de Sport, deen hëlt eis Kanner vun der Strooss an de Sport ass do, fir den Zesummenhalt an enger Gemeng ze garantéieren. An eis Clibb, déi maachen aus Diddeleng dat, wat Diddeleng ass an zwar eng Sportsstad, wou jidderee jidderee kennt an den Zesummenhalt am Verglach zu anere Stied hei am Land dach relativ grouss ass. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wollt soen, ech begréissen dat hei. Ech hu selwer e Meedchen, wat Nationalekipp spillt am Basket. Et spillt net hei zu Diddeleng. An ech weess, wéi wichteg et ass, grad de Fraesport ze ënnerstëtzen. Ech hoffen, dass de Fussball endlech och op dee Wee kënnt an domat sinn ech frou, dass mer dat hei lo stëmmen. Ech sinn absolut averstanen, dass mer dat Ganzt am nachhinein nach eng Kéier kënnen nokucken um Enn vun engem Joer, wéi mer allgemeng Fraesport zu Diddeleng ënnerstëtzen. Ech si mer awer och bewosst, dass Diddeleng eng immens grouss Sportsstad ass a mer ganz vill Sportsclibb hunn. Also Bravo heifir, dass mer déi heite Sue fräimaache fir dem T71 an der Dammenekipp déi ze ginn. Merci.

LORIS SPINA (LSAP) – SCHÄFFEN: Jo, dann emol e grousse Merci am Numm vun all eise Sportsveräiner. An deem heite Fall fir déi Ënnerstëtzung an d'Unerkennung vun der Wichtegkeet vum Sport an eiser Stad Diddeleng hei. Mir nennen eis jo och ganz gären net nëmme Kulturstad, mee och Sportsstad, an dat probéiere mer dann och als Gemeng da reegelméisseg der Situatioun um Terrain unzepassen an d'Ënnerstëtzung eeben och dohinner ze steieren. Hei ass et um Beispill vun den T71 Dammen. Natierlech gëllt deen heite Kader fir ganz Diddeleng, fir all eis Sportsveräiner. Wa muer en anere Club an där selwechter Situatioun ass, ob dat mat den Hären oder mat den Dammen ass, da kritt en natierlech och déi doten Ënnerstëtzung. Do maache mir effektiv keen Ënnerscheed hei zu Diddeleng an dat ass mengen ech och ganz wichteg. An ech muss och soen, dass d'Veräiner vun deem dote Subsid eleng d'Frais en Tour an der Coupe d'Europe stemmen. Am Fussball, do kriss de och nach vun der UEFA e gewëssene Montant, wann s de en Tour weiderkënns, bezéiungsweis iwwerhaapt mol international spills. Dat ass an deenen anere Sportaarten net de Fall. Do kriss de, ausser dat, wat's de selwer sammels an erschaffs, bezéiungsweis de Subsiden vum Staat a vun der Gemeng, kriss de näischt. An deementspriechend ass do d'Aufgab e bësse méi speziell a méi sauer ze bewältegen. Dat ass ganz richteg.

Wat d'Montante ubelaangen, do kann een ëmmer diskutéieren. Ech mengen d'Veräiner sinn ëmmer erëm frou, wa mer de Montant géifen erhéijen. Nichtsdestotrotz, ech war nach e Sonnden op der Generalversammlung vum T71, déi si sech ganz kloer bewosst, dass et net nëmmen de Montant ass, wou mir als Gemeng déi eenzel Veräiner ënnerstëtzen. Mir hunn eng ganz Rei vu Manpower hannendrun, bezéiungsweis logistesch Ënnerstëtzung. A mir ginn hinnen och ganz vill Material zur Verfügung. Och d'Lokalitéiten. Dat ass jo herno och nach en Thema, kréien d'Veräiner zu Verfügung. Wou och an anere Gemengen net ëmmer sou ass. Och wa vläicht de Subsid e bësse méi héich ass, da kréie se aner Fraise vun der Gemeng verrechent. Wann een dat Ganzt kuckt, sinn eis Veräiner awer ganz zefridden. Wann ech hei vu Veräiner schwätzen, well ech déi Net-Sportsveräiner net ausschléissen, well och déi leeschte ganz vill sozial a Kohäsiounsaarbecht, an och déi gi sou gutt wéi et geet vun eis ënnerstëtzt. Dat heiten ass e Kader vum Sport. International Kompetitioun, wéi gesot, Damme wéi Hären. An ech si frou dass Dir dat alleguer op Äre Bänken änlech gesitt wéi de Schäfferot. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Erklärungen. Da géife mer zum Vott iwwergoen. Wien ass hei mam Subsidereglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 3.18. EXTRAORDINÄR SUBSIDEN, DÉI ZE ACCORDÉIERE SINN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer nach eriwwer op weider Subsides extraordinaires. Dat ass awer net an engem gewëssene Règlement cadre, mee einfach spezifesch. Do proposéiere mer engersäits, wéi all Joers, e Subsid vun 30.000.- Euro un „Diddeleng hëlleft". Dann 200.- Euro un all Veräin, deen dëst Joer beim „Summer, Spill a Spaass" matgemaach huet. An dann hutt Der nach gesinn, wat mer am Kader vun deene Katastrophen, déi stattfonnt hunn a Marokko an och a Libyen, awer och d'Lëtzebuerger Rout Kräiz wou aktiv ass, nach e Subsid vun 1.000.- Euro un d'Rout Kräiz, wat d'Äerdbiewen a Marokko ugeet an 1.000.- Euro un d'Rout Kräiz, wat d'Iwwerschwemmungen a Libyen ugeet, fir och do eis international Solidaritéit ze weisen.

Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 4. APPROBATIOUN VU CONTRATS DE PRÊT À USAGE ODER COMMODAT MAT DEM FONDS DU LOGEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt. Dat sinn d'Approbatioun vu Konventiounen, respektiv Kontrakter mam Fonds du Logement. Dofir begréissen ech haut de Moien och den Direkter vum Fonds du Logement, de Jacques Vandivinit an och d'Chargée de projets ronderëm de Projet NeiSchmelz, d'Madame Audrey Vit. Mir hunn déi 5 Kontrakter hei virleien. Mir ginn herno e bësse méi am Detail drop an. Mee ech mengen insgesamt, den Ausgangspunkt, fir dass se zustane komm sinn. Ech maachen eng kuerz Aleedung an da kritt de Fonds du Logement, deen eng Presentatioun preparéiert huet, d'Wuert, fir op déi verschidden Elementer anzegoen. Dat Ganzt, dass mer dat haut hei am Gemengerot kënne presentéieren, fousst op eng ganz Rei Reuniounen zréck, déi d'Stad Diddeleng mam Fonds du Logement hat, wat d'Weiderentwécklung vun NeiSchmelz ugeet.

Ech ginn net op d'Chronologie an, mee Dir wësst, 2005 gouf d'Schmelz zougemaach, 2016 gouf de Staat endlech Proprietär vun deem ganzen Areal. Virdrun hat de Staat, respektiv de Fonds du Logement just den Droit de superficie an Arcelor Mittal war nach ëmmer de facto Proprietär. Säit 2016 ass dat net méi de Fall. Du goufen d'Planunge weiderginn, an am Kader vun deene Planungen, déi stattfonnt hunn, hu mer jo och eng ganz Rei Amenagementer gemaach, déi och transitorescher Natur, respektiv och schonn definitiver Natur sinn, wéi z.B. d'Instandsetzung vun deenen zwee Gebaier op der Plaz Thierry van Wervecke de vewa respektiv de Lokomotivatelier. Wéi gesot, schonn definitiv Affektatiounen an awer och méi provisoresch, temporär Utilisatiounen um Site, fir scho Liewen ze hunn.

Natierlech, an deene ganzen Diskussiounen, déi bis lo ëmmer waren huet ee jo och de Kontakt mat der Biergerinnen a Bierger dobaussen, déi ëmmer erëm froen: Wéini geet et lass? Et gëtt vill iwwer NeiSchmelz geschwat, a reegelméissegen Ofstänn geschéien och Saachen do. Mee wéini geet dee grousse Wunnengsbauprojet lass, deen déi nächst 10 bis 15 Joer d'Entwécklung vun der Stad Diddeleng wäert begleeden? Abee, mir si kuerz virdrun. Dofir hu mir och déi Konventiounen hei virleien an och de Fonds du Logement als ëffentlechen Acteur huet seng Prozedure lancéiert, fir dann och prett kënnen ze sinn als Proprietär fir viraussiichtlech Enn 2023, ufanks 1. Trimester 2024 déi néideg Aarbechte kënnen unzefänken, wat d'Sanéierung op NeiSchmelz ugeet.

Et ass am Fong e ganz positive Moment. Op där anerer Säit huet dat natierlech och en Impakt op déi ganz Planung um Areal vum Site NeiSchmelz. Wéi gesot, do hate mer eng Rei Diskussiounen do ronderëm. An och dat ass Bestanddeel vun der Diskussioun de Moien, fir och ze kucken, wéi een Impakt dass dat huet. An dofir ass et eis och wichteg, fir dann no der Reunioun hei



vum Gemengerot, Dir hutt do d'Communautéit vun der Informatioun, wéi et weidergeet. An dofir maache mer jo och den 18. Oktober déi ëffentlech Informatiounsversammlung als Stad Diddeleng mam Fonds du Logement zesummen, wou mer dann och de Biergerinnen a Bierger déi néideg Informatioune kënne ginn iwwert de weidere Verlaf vum Projet an och iwwert déi verschidden Etappen. Dat hei war e bësse méi eng laang Intro, fir de Kader ze setzen vun dëse Konventiounen. Dofir géif ech gären d'Wuert direkt weiderginn un den Här Vandivinit an d'Madame Vit, da kënne si nach eng Kéier op eng ganz Rei Punkten agoen an dann duerno géifen d'Claudia an ech nach op d'Konventiounen agoen. Merci.

JACQUES VANDIVINIT (FONDS DU LOGEMENT): Merci Här Buergermeeschter, Merci fir d'Invitatioun de Moien. Ech mengen, Dir hutt et gesot, d'Leit froen ëmmer: Wéini geet et lass?. Geschwë wäerte se froen: Wéini hält e op? Well lo fänkt de Kaméidi un. Fir d'éischt hu mer e klengen Test gemaach, awer ongewollt, et ass dem Audrey lo grad opgefall an ech hoffen, et ass Iech och opgefall, dass hei d'Presentatioun vum Site komplett verdréit ass. Dofir bleiwe mer net laang op deem hänken a ginn direkt an de Vif du Sujet. Mir hunn e puer Sujete fir Iech virbereet de Moien, mir kënnen awer och méi an den Detail goen. Mir sinn och do, fir Fro an Äntwert ze stoen, falls Der nach aner Froen hutt. Ech wäert relativ schnell dem Audrey d'Wuert ginn, fir e bëssen do duerch déi Sujeten ze goen. Just een éischten. Et ass leider op der Kopp. Mir maachen haut alles op der Kopp. Mee et weist einfach, wann Der d'Faarwen e bësse kuckt, an den Här Buergermeeschter huet et ugeschwat, dat ass e Site, dee lieft. Mir si frou doriwwer, datt et lieft, mee natierlech bréngt dat och Defie mat sech, well déi Saachen, déi do si mussen deels vläicht temporär bougéieren, mussen deels vläicht schonn op eng aner Plaz gesat ginn a mir mussen natierlech an där ganzer Zäit dofir suergen, dass d'Nuisancen och minimiséiert sinn.

Notamment och à ce titre wäert jo deemnächst och en MOU ënnerschriwwe gi mam Transportministère, wou mer e bësse méi wäit gekuckt hunn an och gesot hunn, et geet net just ëm eise Projet hei, mee et geet ëm all Travauxen, déi mobilitéitstechnesch hei an der Stad Diddeleng lafen. Mee och zu Beetebuerg, do sinn och grouss Travauxen. Dat heescht, déi ganz Accèsen tëschent Süden an Zentrum, do si mer eis scho bewosst, dass déi kéinten an deenen nächste Jore méi schwiereg ginn. An als staatlechen Acteur soen ech ëmmer, solle mir och kucken, datt mir mat all deenen aneren nationalen Entitéite sou gutt wéi méiglech zesummeschaffe fir dat am Big picture ze gesinn.

Wa mer lo de Zoom op Diddeleng maachen, éier ech elo dem Audrey Vit, dem Chef de projet d'Wuert ginn. Ech hunn dat ugeschwat, et si vill Aktivitéiten do. Ech hat duerch Zoufall nach viru kuerzem mam Proprietär vun der Kantin rieds, dee sech natierlech och Gedanke mécht, wéi geet mäi Betrib lo weider? Mee ech mengen d'Stad Diddeleng huet ganz wichteg Funktiounen dorop. De Skatepark, de Vëlosgaart, ech weess net, wéi se all heeschen, den Urban Garden. Et ginn immens vill wichteg Aktivitéiten, a mir kucken natierlech, mat deem wat mer geplangt hunn ze erméiglechen, datt Verschiddenes ka weidergoen, respectivement och do d'Nuisancë minimiséiert ginn. Audrey, ech géif Dir dann d'Wuert ginn, fir e bësse méi an den Detail ze goen. A wéi gesot, wann Der Froen hutt, kënne mer zum Schluss vun der Presentatioun gäre méi an den Detail goen.

AUDREY VIT (FONDS DU LOGEMENT): Oui bonjour, on a déjà beaucoup dit ce qui fait que je ne vais pas forcément m'éterniser sur les différents slides, puisque l'important est de passer les conventions que vous avez reçues préalablement. L'enjeu à partir de cette fin d'année c'est de pouvoir activer tout un processus de travaux qui sont préalables à la réalisation des routes, des ouvrages neufs et des bâtiments neufs qui sont planifiés sur le site. La friche est restée telle quelle et n'a pas fait l'objet pour le moment d'interventions en démolition et en traitement des sols et en gestion de la friche industrielle. Donc c'est cet enjeu-là que nous avons en premier lieu à opérer à compter donc de cette fin d'année. Et nous avons presque deux ans, voire trois, pour activer à la fois l'aspect démolition de certains bâtiments. Mais évidemment on a un maintien assez important du patrimoine industriel qui est encore en place. Et donc on a un travail de curage. Le curage c'est retirer les polluants du bâtiment, le rendre apte à recevoir de nouvelles fonctions.

Dans une deuxième phase de travaux nous allons opérer le pré-aménagement des sols, avant qu'on puisse ensuite réaliser les viabilisations des routes qui vont ensuite permettre de raccorder aux différents réseaux les immeubles nouveaux que nous allons bâtir du coup au-delà de l'année 2026. Pour être plus précis, en termes de planification de travaux, nous allons démarré fin de cette année sur la partie sud du site et intervenir lourdement sur le laminoir, qui va nous occuper très longuement, puisque c'est un objet complexe à remanier et qui est chargé de son passé historique et qui va nécessiter près de 2 ½ ans de travaux. Pendant ce laps de temps on va également agir en parallèle sur la phase 2 que vous voyez, qui est donc le secteur du PAP Centre, où justement se trouvent à l'heure actuelle, ou se concentre pratiquement l'ensemble des activités transitoires, ce qui nécessite finalement une libération des zones qui sont occupées pour le moment de façon transitoire pour nous permettre d'assainir les lieux, de les préparer et de laisser la place aux travaux, avant qu'à nouveau, un fois assaini, on puisse à nouveau trouver les connexions et retrouver à nouveau un usage qui permette un accueil d'activités publiques. Donc là vous voyez vraiment l'intégralité du phasage. On est sur trois années de travaux avec différents secteurs qui vont s'activer en termes de planification de travaux.

On l'a volontairement fractionné pour finalement donner une lisibilité aux entreprises de grande et de petite envergure, pour finalement alimenter en marchés publics le champs plus étendu des entreprises. En termes de phasage en détail, vous voyez que chacun des sites, on va reprendre la main sur l'ensemble des zones qui sont mentionnées là. Et l'ensemble des petits paquets là seront des chantiers indépendants. Tout ça pour vous dire: phase 1, nous serons sur les laminoirs, phase 2, nous interviendrons sur la route de Volmerange, entre la maison rouge et le parking qui est actuellement utilisé rue de la Libération à proximité de l'Église. Et la phase 3, qui est vraiment au coeur du site, aux plus proche des activités. Elles seront maintenues, à savoir la Locomotive, le hall vewa, on va devoir intervenir en démolition pour partie et en rénovation de certains bâtiments également. Et là, en vision globale, nous avons besoin d'intervenir en termes de travaux sur la grande emprise bleue dans un premier temps d'ici la fin de l'année. Puis nous allons prendre la main sur la grande emprise rouge, sur lesquelles on va opérer les phases 2 et 3 que je viens de mentionner. Et les poches violettes seront des poches sur lesquelles seront maintenu des activité publiques et des activité tierces. Voilà pour la cartographie globale. Et un peu plus en détail, la nature des travaux que nous allons opérer.

JACQUES VANDIVINIT (FONDS DU LOGEMENT): Ech soe vläicht nach e puer Wierder dobäi. Ech mengen et muss ee sech rappelléieren, datt et e Site ass, deen natierlech vill Pollutioun huet. Dat heescht, dat hei sinn Depollutiounsaarbechten. Déi Pollutioune sinn och op deene Gebaier, déi nach do sinn. De Gros vun deene Gebaier si geschützt, dat heescht, wa mer se erhale solle musse mer se och depolluéieren, dofir dauert et och relativ laang. Zum Beispill de Laminoir, do ass d'Stolstruktur geschützt, sou dass mer déi muss propper maachen. Alles ronderëm gëtt zwar ewechgeholl. Den Daach gëtt entweeder verstäerkt oder nei gemaach, well den Daach brauche mer herno fir d'Energiekonzept. Mee den Challenge, dee mer eeben hunn ass, datt mer besteeënd Objete sollen a mussen erhalen op engem relativ „knaschtegen", wann ech sou soen däerf, Site, wou de Buedem op verschiddene Plazen e bësse méi staark verknascht ass, awer Gott sei Dank op deene meeschte Plazen e relatiivt einfacht Confinement duergeet, fir dann och déi divers Aktivitéiten herno dropzesetzen.

Wat och en Challenge wäert ginn, dat ass d'Gréisst einfach. Ech mengen e fänkt jo hei op der Place Fohrmann un, wou jo och wichteg Funktioune wäerten hikommen. Mir si jo och dependant vu ganz vill aneren Acteuren, notamment Ponts & Chaussées fir den Deplacement vun der Diddenuewenerstrooss. An dat sinn natierlech Elementer, déi de Planning ëmmer erëm kënne chambouléieren, well déi Acteure sinn net ëmmer all maitrisabel a punkto, wéini se genau ufänke mat hiren Aarbechten. Mee dat hei ass dofir de Planning, wéi mer en am Moment gesinn. A wann déi aner Acteure lo soen, mir kënnen dat elo net maachen, dat kënnt zwee Joer méi spéit, da musse mer eebe verschidde Saachen nei plange fir d'Accessibilitéit vum Site an och de Contournement vum Site ëmmer kënnen ze garantéieren. Mee dat ass eeben d'Situatioun, wéi se am Moment ass. Ech kann lech net soen, wéi se an dräi Méint ass, mee

am Moment ass et op jidde Fall déi doten. Mir wäerten déi Aarbechten, déi sinn och elo ausgeschriwwen, déi meescht Marchéen, net all, mee déi meescht si verginn. Sou datt mer och mat de Firme scho kënne konkret plangen déi ganz Thematik Securisatioun vun der Zon an och Accessibilitéit, do ginn et och verschidden Acteuren, déi eis wäerten hëllefen, fir permanent um Site ze sinn, fir ze suergen, dass d'Leit wëssen, wou se higinn a wéi gesot, datt och d'Securitéit do ass. Well wa mer ufänke bis besteeënd Grenzen ewechzehuelen, mussen d'Leit awer akzeptéieren, datt se deels net méi kënnen op Plaze goen, wou se soss ëmmer gaange sinn. Respectivement datt nei Plaze kommen, wou ee vläicht temporairement net däerf higoen. Dat muss gutt signaliséiert a securiséiert sinn. Voilà. Just dat fir ze complétéieren. Hätt Der spontan Froen? Mir hunn och nach vill méi Sliden, mir wëllen Iech awer net lo 30 Sliden un de Kapp geheien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech fuere vläicht weider mat de Konventiounen, déi de Gemengerot… an duerno maache mer d'Froeronn op.
Et war lo wichteg, Dir hutt jo lo gesinn, wat déi ganz Envergure ass vun den Aarbechten, déi de Fonds du Logement wäert insgesamt um Site maachen. An dann d'Konventiounen, déi sinn hei erofgebrach, wat eeben de Volet Gemeng betrëfft mat deenen Affektatiounen, déi de Moment stinn, déi schonn definitiv, respektiv temporär sinn. Respektiv och de ganze Volet, wéi kann ee ech um Site weider beweege wärend den Aarbechten. Dat wäert sécherlech aneschters sinn, wéi dat de Moment de Fall ass. Dofir géif ech proposéieren, dass ech vu menger Säit mol op déi zwee éischt Kontrakter aginn an dann d'Claudia op déi aner dräi, well dat och deementspriechend d'Circulatioun an d'Mobilitéit betrëfft.

### 4.1. AVENANT ZUM CONTRAT DE PRÊT À USAGE OU CCOMMODAT FIR D'UTILISATIOUN VUN ENGEM DEEL VUM SITE VUM FRÉIERE WALZWIERK VUN DIDDELENG, NEI SCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi éischt Konventioun, déi Dir virleien hutt, Dir hutt et e bëssen eraushéieren, dat sinn am Fong dräi Phasen, déi mer hunn. Engersäits d'Phas bis Enn vum 1. Trimester 2024, da vun Abrëll 2024 bis Dezember 2025 an dann ab dem 1.1.2026. Do ass am Fong deen éischte Kontrakt, dee virläit. Dat geet da virun allem ronderëm déi definitiv Affektatioun. De Vestiaire Wagonnage an de vewa an d'Plaz Thierry van Werveke, den Accès dohinner deen ëmmer, dat war fir eis wichteg, ëmmer garantéiert ka bleiwe fir déi Aktivitéiten, déi och um Site sinn. Mee och déi verschidde Phasagen, déi hei gezeechent sinn. Mee dat weist awer och an deene verschiddene Phasagen, dass ab e gewëssene Moment och de Fonds du Logement seng Aarbecht wäert maachen op deem Deel, wou de Streetball ass. Op deem Deel, wou de Calisthenics ass an och do, wou déi aktuell Passerell ass. Dat heescht, wann do intervenéiert gëtt op deem dote Site fir d'Sanéierungsaarbechten, da fält dat alles ewech a kann och net méi an deem dote Sënn genotzt ginn.

Dat heescht, de Moment hu mer nach e gewëssene Fräiraum am Ufank, wou ee sech nach beweege kann, mee dee gëtt ëmmer méi kleng, ëmmer méi reduzéiert, en fonction vun der Evolutioun vun de Sanéierungsaarbechten um Site. Och nieft dem Volet vun der Securisatioun, well et ass jo och wichteg, dass engersäits d'Aarbechte kënnen um Site gemeet ginn an dass awer déi Deeler, wou och schonn eng definitiv Affektatioun ass, dass déi weider securiséiert bleiwen. A sou dass een och weider wärend de ganze Phasagë vum Centre culturel, vum Parking, natierlech den Accès ka kréien op d'Plaz Thierry van Wervecke. Mee och déi ronderëm, wat sech do hannendrun ofspillt, ech mengen dat gëtt och am Kader vun de Sanéierungsaarbechte reduzéiert, well jo och d'Aarbechten do musse kënne weidergoen am Kader vun deenen dräi Phasagen, déi mer eis ginn hunn. A wéi virdrun och ugeklongen ass, wann do Retarde sinn, do huet een eng gewësse Flexibilitéit, fir och dann domadder ze spillen op déi verschidden Affektatiounen an och um Niveau vun der Securisatioun.
Dat ass mol den éischte Contrat de prêt.

### 4.2. ACCÈS OP D'GEBAI „HALL TRAFFO" OP DEM FRÉIERE SITE VUM DIDDELENGER WALZWIERK, NEISCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann den zweeten, dat ass den „Hall Traffo", dee jo och erhale bleift. Dat ass schonn ugeklongen. Insgesamt kann ee soen, dass 85% vun de Gebaier erhale bleiwen. 2 hu mer jo scho renovéiert, an den Hall Traffo, dee kënnt no. An do hu mer och eng Konventioun hei, wou mer à ce stade jo festgehalen hunn, dass dohinner den Danzdepartement vun der Museksschoul soll kënnen hikommen. Fir dee Projet awer och kënne weider ze dreiwen ass et och wichteg, dass d'Gemeng Accès an dat dote Gebai kritt. An iwwert déi heite Konventioun reegele mer den Accès an den Hall Traffo fir dass een och ka kucken, wéi d'Situatioun ass. Dass mer nach eng Architekt drop setzen, dass dee sech nach e Bild dovunner ka maachen, dass en och Pläng kann zeechnen. A fir dass herno, an der Suite logique, mam selwechte Beispill wéi beim Vestiaire Wagonnage an och wéi beim Lokomotivatelier, de Fonds du Logement als Proprietär eng Rei Invester wäert iwwerhuelen fir den Hall Traffo de renovéieren an d'Gemeng och en Deel vun den Invester wäert iwwerhuele fir de Volet vun der Affektatioun. De selwechte Geescht, wéi déi zwee Gebaier, déi och elo eng definitiv Affektatioun hunn. An dëst drëtt Gebai, wat dobäi kënnt, an dat jo och festgehale gouf, dass dat net ofgerappt gëtt an och hei déi néideg Valorisatioun wäert kréien.

Ech menge mir sinn eis alleguerte bewosst, wann een engersäits de politesche Choix mécht, an deen huet eise Gemengerot virun enger Rei Jore gemeet, dass 85% vun de Gebaier erhale bleiwen an och zwar mat subventionéiert gi vum Kulturministère. Dat heescht op där anerer Säit natierlech och ëffentlech Invester, déi een an déi Gebaier muss maachen. Engersäits de Fonds du Logement, respektiv dann awer och d'Gemeng Diddeleng oder all aneren neie Proprietär, deen en cours de route vläicht wéilt Proprietär vu sou Gebaier ginn. Ech mengen dass dat dann awer och en Challenge gëtt, mee ganz kloer och en Attrait fir de Site NeiSchmelz. Dat waren am Fong d'Erklärungen, déi ech wollt ginn zu deenen heiten zwou Konventiounen. A beim Hall Traffo

wou mir och déi néideg Amenagementer maachen als Stad Diddeleng, fir kënnen do ran ze goen. Mir wäerten do och eng Dier installéieren an och zäitlech deen Accès just notzen, fir do kënnen déi néideg Etüden ze maachen en vue vun der zukünfteger Renovatioun vum Hall Traffo. Dat ass, wat ech als Erklärung wollt ginn an da kann d'Claudia mat deem anere Volet weiderfuere ronderëm d'Mobilitéit.

### 4.3. UTILISATIOUN VUN ZWEE TERRAINE AN DER RUE DE LA LIBÉRATION EN VUE VUN DER NOTZUNG ALS PARKPLAZEN/PARKING

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) – SCHÄFFIN: Merci Här Buergermeeschter, dat sinn d'Punkte 4.3., 4.4. a 4.5. vun Ärem Ordre du jour. Ech ginn Iech d'Erklärungen allegeurten an enger Kéier. Dir wësst, datt et sech hei ëm Parkplazen handelt, déi scho méi laang am ëffentleche Raum sinn a vläicht huet deen een oder deen anere sech d'Fro gestallt, firwat awer lo réischt déi Konventiounen ofgeschloss ginn. Vläicht als klengen Historique, et gouf scho gemaach. Do handelt ech se jo ëm e fréieren Terrain vun der Arbed, respektiv Arcelor Mittal. A wou d'Schmelz zougemaach ginn ass, 2004 misst dat gewiescht sinn, do huet et awer gedauert, bis 2016, bis mir mol iwwerhaapt den Terrain kritt hunn, respektiv de Staat an domat dann och de Fonds du Logement. An et gouf u sech Accorden tëschent dem Fong an der Stad, dass mer dës Plaze kéinten notzen an eebe gegeebenefalls och, wa mer dat wéilten, mat engem Parkreglement beleeën, wat mer jo dunn och gemaach hunn.

Lo ass et awer leider sou gewiescht, datt et d'lescht Joer zu engem Incident op engem Parking vum Fonds du Logement koum, wou dësen huet misste fir de Schued opkommen. Dëst war net zu Diddeleng, ech betounen dat awer gären. Mee de Fong huet du alleguerte seng Accorden ënnert d'Lupp geholl an eeben drop gehalen, Konventiounen auszeschaffen, fir datt si och juristesch propper géingen do stoen an net méi als Proprietär fir en eventuelle Schued oder och den Ënnerhalt missten opkommen. De Fong, deen iwwerléisst all déi betraffe Fläche gratis der Stad Diddeleng, fir datt se och weiderhin als Parking kënne fonctionéieren. Fir de Bierger wäert sech also näischt änneren. Just eeben datt lo offiziell d'Gemeng fir den Entretien opkënnt. An am Fall wou géif nach eng Kéier en Incident passéieren dee Moment hei zu Diddeleng, datt mir dann och hei d'Responsabilitéit iwwerhuelen. An den Ënnerhalt, dat hu mir souwisou bis zu dësem Datum och ëmmer selwer gemeet, sou datt sech do eigentlech näischt wäert änneren.

D'Konventioune fänken alleguerte retroaktiv den 1.7. un a bis déi jeeweileg Datumer, déi drastoungen an deenen eenzele Konventiounen. De Punkt 4.3. op Ärem Ordre du jour, dee behandelt de Parking St. Eloi an de Camionnettëparking niewendrun an der Rue de la Libération. Déi Parkinge musse fir den 31.3.2024 zougemaach gi fir de Public. Firwat? Ech mengen, de Fong ass elo laang a breet drop agaangen. Well se eebe gebraucht gi fir mam Chantier kënne lasszeleeën an d'Konventioun kann och net verlängert ginn. D'Passerelle wäert verschwannen an d'Parkingen, déi ginn eeben d'Base de vie fir déi Entrepreneuren, déi herno do op deem Site wäerte schaffen.

Dat heescht, fir den Accès op de Chantier och kënnen ze garantéieren. Sollt awer de Fong Retard kréie mam Projet, an ech mengen, dat ass och schonn e bëssen ugeklongen, datt déi Datumer net alleguerten a Stee gemeesselt sinn, da bleift de Parking natierlech sou laang fir de Public op, bis si géingen ufänke mat schaffen. Fir datt awer elo d'Parksituatioun an deem Quartier Schmelz, deen Der jo kennt, sech net zevill verschlechtert, stellt de Fong eis eng Fläch bei der Hall Fondouq zur Verfügung, déi se och als Parking da wäerten amenagéieren. Den Accès dovunner, dee wäert an der Rue de la Libération sinn an et gëtt och versicht, all Plaz 1:1 ze ersetzen.

A mir als Gemeng hunn och dorobber ganz staark insistéiert, fir datt mer de Biergerinnen a Bierger kënnen dës Alternativen ubidden. Zu engem spéideren Zäitpunkt, da wann dat administratiivt Gebai ewechgerappt gëtt, dann amenagéiert de Fong och e Parking drop, bis NeiSchmelz dann eebe komplett fäerdeg ass an déi Parkinge fir de Public och wäerte kënnen accessibel sinn. D'Camionnetten awer, déi verschwanne komplett aus dem Quartier a kommen op eng Fläch, déi der Gemeng gehéiert, vis-à-vis vun der Dumping Station. Hei kënnen och d'Plazen alleguerten 1:1 ersat ginn an déi provisoresch Notzung, déi ass och konform zum PAG an zum PAP, an dëst gouf och alles mat eisem Bureau d'études ofgekläert.

### 4.4. UTILISATIOUN VUN ZWEE TERRAINEN OP DER ROUTE DE VOLMERANGE AN DUDELANGE-USINE FIR D'NOTZUNG ALS PARKPLAZEN/PARKING

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) – SCHÄFFIN: An dann nach de Punkt 4.4. Do handelt et sech ëm de Parksträife laanscht NeiSchmelz an d'Route de Volmerange. Dës Parzelle gehéieren zum PAP NeiSchmelz Sud a kënnen och net aus dem Projet erausgeholl ginn. Well se accessibel fir de Public si musse se och hei iwwert eng Konventioun gereegelt ginn. Wann de Projet NeiSchmelz dann awer endlech fäerdeg ass, da gehéieren déi Plazen zu deene 25%, déi de Promoteur dann och muss un d'Gemeng ofginn an dës Konventioun, déi geet och nëmme bis den 31.12.2025, well duerno hei och Chantier ass an d'Plaze gebraucht ginn an d'Konventioun kann och net verlängert ginn. Erëm eng Kéier mat der Remark wéi virdrun den Direkter scho sot, datt déi Datumer lo net a Stee gemeesselt sinn.

### 4.5. UTILISATIOUN VUN ZWEE TERRAINE OP DER ROUTE DE THIONVILLE FIR D'NOTZUNG ALS PARKPLAZEN/PARKING

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) – SCHÄFFIN: Beim Punkt 4.5. do handelt et sech ëm de Parking Crassier, dat wësst Der vläicht nach, deen hu mer deemools amenagéiert, wou der Post-Parking verschwonnen ass a wärend de Parking am Duerf am Bau war. Dee Parking bleift weiderhi bestoen, bis zu deem Zäitpunkt, wou d'Route de Thionville wäert musse vun der Ponts & Chaussées verréckelt ginn. Déi Konventioun dauert bis den 31.12.2024 a kann duerno ëmmer erëm ëm 12 Méint verlängert ginn, bis dann och eeben dee Chantier wäert lassgoen. Ech hoffen, ech konnt Iech elo e ganze Pak Informatioune ginn a fir d'Detailer, respektiv fir de Plan-

ning an den Oflaf, sinn déi kompetent Leit vum Fonds du Logement hei, déi eis sécher nach kënnen op vill méi Detailer eng Äntwert ginn, wéi ech lo probéiert hunn an där kuerzer Aleedung hei ze maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia och fir Deng Erklärungen. Ech mengen elo hutt Der e bëssen eng Gesamtiwwersiicht, wat alles op de Fonds du Logement, respektiv op d'Stad Diddeleng duerkënnt. D'Diskussioun ass op, do kënnt Der roueg Är Froe stellen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, Merci fir d'Explikatiounen. Et geet elo endlech lass. Do si mer all frou. Well et ass wéi Der sot, dobausse gëtt ëmmer gesot an och all Minister seet mer: Jo mir baue souvill abordabele Wunnraum, an da kënnt ëmmer déi onmoosseg Zuel hei vun NeiSchmelz, an da soen d'Leit ëmmer: Wéini? Bon, dat ass dann elo schonn e bësse méi konkret, wéi dat bis ewell war. Mir si frou dass et lass geet. Ech mengen dat ass ganz kloer, alleguerten heibannen, Dir sou gutt wéi mir. Et sinn awer natierlech e puer Froen, déi sech och lo stellen. Souwäit ech mech erënneren, war am Fong ugeduecht, dass am Ufank sollt beim Schlakentipp ugefaange ginn, an dat sollt am Fong d'Phas 1 sinn. Wann ech dat lo richteg hei am Schnellduechlaf gesinn hunn, dann ass dat lo déi lescht Phas oder wéinstens an der 4. Phas eréischt. Meng Fro ass: Ech huelen un, d'Äntwert wäert ech vläicht elo och scho selwer ginn. Ass dat well do d'Ponts & Chaussées nach mat dran ass, well mer do och ofhängeg sinn? Dir nickt ganz weise Här Vandivinit. Ech hat mer dat scho bal geduecht. An déi Institutioune sinn och staatlech an och nach vläicht nach e Stéck méi komplizéiert a méi lues wéi vläicht anerer. Dir wäert mer herno d'Erklärung ginn, mee ech huelen un, dass d'Äntwert schonn déi ass.

Wéi gesot, mir si frou, dass de Laminoir och – well dat war ëmmer eppes, wat e bësse sou an der Schwief war – oh, solle si dat da wierklech packen, fir dat uerdentlech ze renovéieren? Do kënnt och e groussen Challenge op lech duer, a mir sinn immens gespaant, wéi dat soll ginn. Dat soll jo d'Kärstéck an och e bëssen d'Aushängeschëld si vun deem Ganzen, niewent deene ganz flotten ale Gebaier, déi mer lo scho renovéiert hunn. Do si mer immens gespaant, wéi dat soll ginn. An do si mer och ganz frou, dass dat lo wierklech ugaange gëtt. Meng Fro just: Wéi komplizéiert war et, fir do Leit ze fannen, Firmaen ze fannen, déi dat dote kënnen? Déi do apte waren? Ech huelen un, dass se do net an der Rei stounge fir dat do ze maachen. Meng Fro ass just, wien hutt Der do un der Hand, wéi eng Firma? Dat interesséiert vläicht och d'Leit, déi e bëssen an der Matière dra sinn. Wien iwwerhëlt do déi Renovatioun vun där ganz komplexer Stolkonstruktioun, déi wéi gesot awer och den Diddelenger Leit um Häerz läit a wou mer ganz frou sinn, dass dat an Ugrëff geholl gëtt.

Den Här Buergermeeschter huet gesot, 85% vun de Gebailechkeete bleiwen erhalen. Mir hunn eis hei wierklech alleguerte mat Hänn a Féiss dofir agesat, fir dass dat sollt sou bleiwen. Do si mer immens frou. A wann een och elo gesäit, wéi cool de vewa ginn ass a wéi flott och eis Lokomotivhall mat en plus immens cooler Bespillung duerch eng Brauerei an e Restaurant geklappt huet, si mer natierlech och frou, dass aner Gebaier elo an Ugrëff geholl ginn. Ech wëll awer zur Hall Traffo awer soen, den Här Buergermeeschter huet et elo gesot, dass do och de Fonds du Logement wäert en Deel renovéieren an d'Gemeng de Rescht. Et wär nawell flott Här Buergermeeschter, wa mer dann och am Ufank direkt et an den Devisen et sou géife gesinn, wéi mir eis et virstellen. Well ech weess, Dir musst och staatlech Sue verwalten, an Är Virstellung vun der Renovatioun vum vewa a vun der Lokomotivhal, déi war e bëssen anescht, wéi mir eis dat virgestallt haten. Mir wollten e bësse méi haut de gamme. Ouni dat lo als Luxus ze nennen, mee mir wollten dat anescht maachen. An dofir war bei den initialen Devisen en Ënnerscheed. Do wär et vläicht net schlecht, wa mer am Virfeld och am Gemengerot, wéi mir als Gemeng eis dast virstellen, déi komplett Devise géifen op den Dësch geluecht kréien an net herno zähneknirschend praktesch nach eng Kéier musse 50% nostëmmen. Dat ass just eng kleng Parenthèse, wat awer lo net wichteg an dësem Moment ass, well dat kënnt jo réischt herno.

Wéi ech dat Ganzt am Ufank gesinn hunn, du war scho Panik, wéi maache mer dat mat den Autoen? An d'Madame Dall'Agnol ass awer elo ganz gutt drop agaangen, dass mer do awer schonn Alternativen hunn. Well dat ass jo och dat, wat op der offizieller Versammlung dat éischt wäert si wat se soen: Wou ginn ech mat menger Camionnette hin a wou ginn ech mat mengem Auto hin? An dat fannen ech ganz flott, dass mer do awer och scho Kompromësser fonnt hu fir déi Leit, virun allem och bei der Elois-Kierch, fir do eng Alternativ ze fannen. Och virun allem dann d'Camionettëreglement, wat jo och e bëssen zu Gespréich hei zu Diddeleng gefouert huet, wat awer u sech ganz wichteg war. Wat mir och all matgedroen hunn, well dat jo awer och fir eis Betriber wichteg ass. An awer och fir dem Wildwuchs vun ofgestallte Camionnetten Einhalt ze gebidden. Dat huet gutt fonctionéiert mat eisem Camionnettëparkingsreglement. An dass mer do scho gutt Alternativen hunn, dat ass gutt.

Wou mer eis lo natierlech nach e bësse mussen iwwerleeën, dat ass, wat maache mer fir déi Jonk? Dir wësst, de Streetball-Terrain, Calisthenics, dat ass eng Begeegnungszon fir Jonker, déi net wëllen onbedéngt a Veräiner sinn. Mir mussen natierlech och kucken, wou mer déi hisetzen. Mir hunn elo e bëssen e Fräiraum sot den Här Buergermeeschter, mee bon, et gëllt dann och do lo vläicht ze plangen, wéi mer eis dat virstellen. Vläicht hutt Dir do och schonn eng Iddi, wou mer mat deene flotten Installatiounen higinn. Zu de Parkingen ass nach ze soen, dass mer ganz frou sinn, dass mer effektiv och elo kënnen iwwert d'Parkinge verfügen an deem Sënn, dass mer och eng gewësse Responsabilitéit hunn. Dir wësst genau, och um Schlakentipp, wat hunn d'Leit ëmmer gesot: Et si Lächer dran, d'Felg ass gequëtscht. Ech weess net, ob d'Leit och un lech erugetruede sinn, virun allem beim Schlakentipp. Mee ech denken et ass gutt, wann d'Gemeng dat elo mécht. Da maache mer dat mol ordentlech propper an da gëtt dat erëm ordentlech zougemaach, an da sinn d'Leit och alleguerte ganz frou. Dat ass denken ech och e gudde Moment.

E puer Froe si mer awer nach am Raum bliwwen. Wéi ass et mat der Geothermie? Dat Wuert gëtt iwwerhaapt net méi erwäänt. Et wär vläicht och net oninteressant ze wëssen, wéi do de Stand der Dinge ass. Ech weess net méi viru wéi vill Jore mir déi Probebohrunge gemaach hunn, déi dann zu Bochum oder Duisburg sollten ausgewäert ginn. An dat ass jo och e ganz wichtege Moment, well et war jo ugeduecht ginn, dass dee ganze Site sollt iwwert Geothermie gehëtzt ginn an d'Energie eebe sollt do aus der Geothermie kommen. Wou si mer lo do drun? Bon, dat ware lo mol déi éischt Froen, déi ech nach hat. Ech begréissen explizitt awer och, dass mer déi Infoversammlung maache fir d'Bierger an ech begréissen och ganz explizitt, dass mir och lo schonn am Gemengerot am Virfeld mat involvéiert ginn an och elo schonn e bëssen Informatiounen hunn an net réischt op der Infoversammlung d'Informatioune kréien. Dat begréisse mer explizitt. Dofir och Merci un de Schäfferot an natierlech och Merci un de Fonds du Logement, dass Dir heihinner komm sidd.

Wéi gesot, vun de Konventiounen hir, do ass näischt dozou ze soen. Déi stëmme mer mat. Mir sinn immens frou, dass et endlech lassgeet. Dir wäert nach e puer Mol bei eis missen optrieden an eis au courant halen. A warscheinlech ass dee ganze Planning optimistesch opgesat. Ech hoffen och realistesch. Mee wéi gesot, mat den Intervenante vu Ponts & Chaussées, Transportministère a wat ëmmer nach, da kënnt nach d'CREOS an d'Post a wat weess ech nach alles dobäi. Mir halen immens fest d'Daumen, dass Der wierklech ëmmer dohannert sidd an déi och alleguerte mat den Oueren zitt, dass mer dat endlech un d'Goe kréien. Ech mengen et si jo och vill Ministèren involvéiert, déi dat jo och wëllen op hire Fändel setzen, dass mer dat dann och endlech mat Liewe bespillen eise Quartier NeiSchmelz, deen ons um Häerz läit. A wéi gesot, mir stëmmen dat hei mat a si voller Optimismus, dass mer dat doten iergendwéi fäerdegbréngen am plus minus korrekten Delai opzestellen. Villmools Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Och mir vun der LSAP mir sinn elo ganz gespaant, wann et elo lassgeet. Ech mengen do si mer alleguerten heibannen enger Meenung. An och eis gëtt ëmmer erëm zougedroen: Jo, schonn erëm eng Informatiounsversammlung. Ech war awer lo schonn op zwou, lo géife mer awer mol gär eppes méi gewuer ginn. An da muss een natierlech ëmmer e bëssen erklären, dass sou e Projet onheemlech komplex ass an natierlech och Zäit brauch a Planung. An dat hu mer jo lo scho gesinn. An dofir och villmools Merci fir d'Kommen un de Fonds du Logement, fir eis déi néideg Explikatiounen ze ginn, firwat dann elo emol déi eng Phas ufänkt a mol déi aner. Mir hätte just vun eiser Säit aus nach e puer kleng Tëschefroe gehat, déi den Här Buergermeeschter eis vläicht nach ka beäntweren. Well dat geet e bëssen an déi selwecht Richtung. D'Madame Kayser hat et och elo ugedroen, mir hunn eis als Diddelenger Bierger scho bal ugefrënnt mat deem Terrain, mat deene Frichen do. Dës Generatioun op alle Fall. A mir hu well natierlech de vewa an d'Place Thierry van Wervecke, déi e feste Bestanddeel ginn ass vun eiser Gemeng. Mee awer och wéi z.B. de Gemeinschaftsgaart, de Verkéiersgaart an alleguerten déi aner Tëscheléisungen, déi mer lo gemaach hunn. An do stellt sech d'Fro, wat gëtt et do? Gëtt et do scho Pisten, wou mer dat kënnen delogéieren? Well dat huet jo lo eng Dynamik kritt, déi awer lo flott ass a mir wëllen dat elo net einfach erëm eroffueren op Null, mee dat soll iergendwéi bleiwen, wann och net op där selwechter Plaz.

Dann ass fir mech och nach d'Fro: Mëtten dran, do ass och nach e Restaurant, dee fonctionéiert, deen natierlech elo vun deem Parking e bësse profitéiert huet. An dat bréngt mech dann zu där anerer Fro: Ech mengen normalerweis maache mer dat jo ganz uerdentlech fir déi Informatiounsversammlung an och Kommunikatioun mat den Uwunner a mat de Bierger a Biergerinnen an de Quartieren. A wat ass do geplangt, fir datt si och mat an d'Boot geholl ginn, fir datt se do informéiert sinn? Well wann een ëmmer gutt informéiert ass, dann hält ee munches méi aus, wéi wann een e bëssen do an der Loft hänkt an net weess, wat mat engem geschitt. Dofir ass d'Kommunikatioun immens wichteg, an dat wollt ech nach just bemierken. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Et ass wierklech just eng kuerz Stellungnam. Mir sinn natierlech begeeschtert, datt et elo lassgeet. An ech schwätzen elo am Numm vun eis zwee, et ass ëmmer ganz träg an et dauert immens laang, bis sou e grousse Logementsprojet endlech mol start. An et ass net méi fréi wéi nach virun 8 Joer, wou ech nach an Aarbechtsgruppe souz fir ze kucken, wéi mer eebe wäerten e ganze Quartier amenagéieren. D'Leit waren ëmmer immens frou, an awer ongedëlleg. „Wéini geet et da lass? Dir zielt vill, Dir géift eppes maachen an et kënnt näischt." Dofir muss ech soen, sinn ech elo frou, endlech kënnen ze soen: Dach, mir fänke lo konkret un. Dofir Merci un Iech a Merci och un d'Gemeng, fir datt mer eis zesummegedoen hunn an de Projet weidergedriwwen hunn. Mir hunn elo direkt keng weider Froen, well mir och an der Responsabilitéit ware vun dësem Projet an natierlech zesumme mat der Gemeng. Iech e grousse Merci wéi gesot.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech sinn och frou, dass dat elo endlech lassgeet. Et ganze Koup Leit sinn op eis duerkomm, besonnesch an de leschte Méint, fir ze froen, wéi et da mat deem grouss annoncéierte Chantier lo ass. Ech wënschen op alle Fall vill Courage fir de Site an och déi Gebailechkeete propper ze kréien. 85% Erhalung vun de Gebaier ass staark. Dat fannen ech super. Déi Kuliss, déi mer do hunn, et wär traureg gewiescht, wa mer déi net hätte kënnen erhalen. Och mat de Parkinge fannen ech ganz gutt, dass eis Verkéiersschäffin eis do matgedeelt huet, dass mer déi Parkplazen 1:1 temporär op aner Plazen och wëllen zur Dispositioun fir eis Bierger stellen. D'Parkproblematik, déi däerf hei net grouss opkommen. D'Leit mussen ëmmer nach wëssen, wou se hiert Gefier kënnen histellen. An dofir sinn ech mat deem doten och ganz averstanen an hu bis elo nach keng weider Froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Et waren eng Rei Froen, déi un de Fonds du Logement gaange sinn an déi aner hei un d'Gemeng. Ech géif vläicht hei dem Fong de Virtrëtt loossen.

JACQUES VANDIVINIT (FONDS DU LOGEMENT): Merci Här Buergermeeschter. Gutt, dass ech Notte geholl hunn, well soss wéisst ech lo net méi, wat ech soll soen. Et waren en Rei Froen, ech probéieren, op déi all anzegoen, déi vun Iech komm waren. D'Renovatiounen, do wollt ech eng Prezisioun ginn, dat ass effektiv sou, dat war och bei den éischte Gebaier sou, dass mir e Budget vun der Regierung hu fir Remise en état sommaire ze maachen. Dat heescht, dat ass souwisou ëmmer just den éischten Deel, d'Depollutioun. A fir et eigentlech exploitabel ze maachen. Dat ass och eise Rôle beim Laminoir d'ailleurs, wou jo och e staatlechen Acteur dat herno wëll bespillen. Wou mer e bëssen drop waarden, wat d'Programmatioun dofir ass. Dat ass e bëssen en anere Sujet. Mir wäerten effektiv iwwerall, soe mer mol e Minimum maachen. Ausser natierlech déi Gebaier, déi mir selwer behalen. D'Rout Haus, d'Maison Rouge an och de Wagonnage sinn zwee Gebaier, déi mir selwer wäerten affektéieren. Am Wagonnage kucke mer zesumme mat lokalen Asblen awer och mam D-Kollektiv, fir ze kucken, wéi mer dat am beschte kënnen opdeelen.

Ech hätt do gär och e bëssen eppes, wou d'Leit vum Quartier kënnen higoen. Sief et fir en Accueil vum Fong ze hunn, déi Leit, déi eebe bei ons Client sinn. Sief dat och vläicht verschidden Entitéiten, sozial Entitéite vun der Gemeng, déi kéinten do mat eis zesummen déi Locauxen deelen. Op jidde Fall ass dat eng zentral Plaz, déi wichteg ass fir mech, a wou mer och wäerten da bis zum Schluss goen. Et wäert vläicht net luxuriéis gi mee bestëmmt qualitativ genau sou héich wéi d'Noperen. An dat ass bei deene Gebaier, wou mer méi wäit gi wéi just eis Remise en état sommaire. Och do e Rappell, déi Gebaier wéi d'Lokomotiv oder de vewa oder d'Ecole de danse, déi ginn herno un d'Gemeng cedéiert an et gehéiert zu engem grousse Pak vu bal 50% vum Site, deen herno wäert un d'Gemeng cedéiert gi mat den Espaces publicken an de Parken etc.

Da ganz kuerz, de PAP Norden. Do war effektiv de PAP bei der Place Fohrmann prioritär. Wéi Dir richteg gesot hutt, ginn et do aner Acteuren, déi eis e bëssen d'Donne verännert hunn. An doduerch kënne mer do réischt ufänke wann déi grouss Strooss do bougéiert gëtt. Do steet jo och nach e Gebai. Dat wäerte mer nach ewechhuelen. Dat gehéiert och zu eisen Demolitiounsaarbechten, déi mer elo maachen. Mee do si mer e bëssen ofhängeg vun aneren Acteuren, fir genau ze wëssen, wéini mer lo ufänke kënne mat bauen. Wat iwwerall de Fall ass. Ech wäert se lo net all opzielen, mee mir hunn eng 10, 12 Partie prenantë vu verschiddene Ministèrë mat verschiddenen Doleancen, déi mer musse berücksichtegen. Wat eeben och mat sech bréngt, dat z.B. de Bau, de Logementsbau, dofir si mer jo do, an där nächster Phas, wat mir probéieren, sou schnell wéi méiglech ze maachen, mee och do brauche mer déi néideg Autorisatiounen an och déi néideg Flexibilitéit soe mer mol, och vum Environnement, fir kënne Saachen do iterativ ze maachen. Do schaffe mer drun. Do waarde mer op eng Derogatioun, déi ass bei der Ministesch ugefrot, ech hoffen, datt mer déi kréien, well da kënne mer eis Timingen och anhalen, sou wéi et geduecht ass.

Jo d'Geothermie. Ouni lo an den Detail ze goen. Mir hu jo och e Comité de pilotage mat verschiddene Membere vum Schäfferot, wou mer reegelméisseg op dat Thema aginn. Do gëtt et elo am Moment keng nei Dynamik. Mir maachen Do eng EIE, eng Etude d'impact environnemental. Mir mussen der hei e puer maache fir déi Foragen an och eng fir de ganze Site. Déi sinn och all parallel am Gaangen. Vun der Technologie ass et kloer, wat mer wëlle maachen. De Plan A war deen, datt mer genuch Debit a Chaleur op där richteger Déift fannen, fir datt de ganze Site a wäit iwwert de Site eraus och ka mat Energie approvisionéiert ginn. Dat fënnt sech awer réischt eraus, wa mer bis wierklech gebuert hunn.

Et ass jo e Forage hei vu 400 Meter gemaach ginn. Viru menger Zäit soen ech ëmmer, dat ass scho méi laang hir, wou een ongeféier weess, wou et higeet. Et solle jo och vu Ponts & Chaussées, vum Service géologique, verschidden Tester vun der Buedembeschaffenheet gemaach ginn, op déi mer och houfreg waarden, well déi eis och méi Informatioune ginn, wéi déif mer musse goen. Ech bleiwen der Meenung, datt dat eng super Iddi ass. Datt, wann dat klappt, datt dat extrem novateur ass. Ech mengen dat gëtt et zu Lëtzebuerg net an där Gréisstenuerdnung. Wa mer wëllen nohalteg sinn an Zukunft, da sinn dat déi eenzeg Weeër, fir sou Opportunitéiten ze exploitéieren. Mee do gëtt et awer elo natierlech nach kee Planning, well mer do nach ëmmer rëm nei Etüde maachen, fir dat herno nach kënnen autoriséiert ze kréien. Est-ce que tu as une idée du temps pour cette phase?

AUDREY VIT (FONDS DU LOGEMENT): On est pour le moment que dans une phase d'autorisation, on n'est pas encore en train de se demander, quelle entreprise va être soumise, qui reprendra une soumission pour faire ces forages. Et la particularité c'est qu'on est sur des démarches toujours croisées avec différentes parties prenantes. Là effectivement, le service de géologie prend le lead sur la prospection sismique dont vous avez peut-être déjà reçu certaines informations à votre niveau et qui va être opérée par le Service de géologie avec une entreprise qui est déjà recrutée, fin de cette année. Les données qui vont nous être communiquées après cette prospection vont nous permettre de préciser la nature du forage comme vient de l'expliquer Monsieur Vandivinit.

Mais néanmoins on est dans un statut actuel, où nous discutons avec les différentes autorités qui ont leur mot à dire par rapport à cette d'étude d'impact environnemental. Et chacun découvre la complexité de cela et découvre le sujet tout court. Parce qu'on est sur quelque chose qui est extrêmement novateur, on est sur un projet pilote, où finalement tout le monde apprend, y inclus les autorités et les différentes administrations qui nous accompagnent et qui sont nos interlocuteurs pour le moment. Donc j'ai bon espoir pour que fin de cette année on puisse aboutir sur ce lieu et qu'on puisse capitaliser les informations de la prospection sismique début de l'année prochaine. Et on arbitrera avec les autorités et le ministère de l'environnement, comment on pourra donner une suite déjà aux forages exploratoires. Parce que en fait on a énormément d'interrogations et sans forer on ne répondra pas à certaines questions.

JACQUES VANDIVINIT (FONDS DU LOGEMENT): Dat heescht, mir hoffen, datt mer iergendwann kënnen ufänken. Et huet ee jo dat gutt erkläert. Wa mir fäerdeg si mat deenen Etüden, dann hu mir alles gecheckt, wat mënscheméiglech ass an da sinn ech relativ confiant, datt vum Point de vue vum Riskmanagement mer relativ gutt sinn. Da gouf gefrot, de Laminoir, wie mécht deen. Dat ass a Marché, deen am Gaang ass, deen ass nach net adjudiquéiert. Dat ass e risegrousse Marché, dee gréissten am Land fir déi Natur vun Travauxen. A mir hate ganz vill Acteuren, déi do matgemaach hunn. Mir profitéieren natierlech e bësse vun der momentaner Zäit. Mir kréie méi Offeren, mir kréie méi kompetitiv Offeren, et sinn der méi, déi bei eisen Ausschreiwunge matmaachen. Hei war dat och de Fall. An ech denken an deenen nächste Wochen, dat hänkt nämlech e bëssen dovunner of, wéi komplett d'Dossiere si vun deene verschiddene Soumissionären, kënne mer och do dee Marché attribuéieren. Ech mengen ech kann awer lo scho soen, datt déi, déi matgemaach hunn, déi Groupementer, well dat ass scho sou grouss, dass se sech mussen associéieren, alleguerte ganz kapabel sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci der Madame Vit an dem Här Vandivinit fir déi Erklärungen. Mir géifen da säitens vun der Gemeng och nach op e puer Punkten agoen. D'Josiane géif nach e puer Informatioune ginn iwwert de Verkéiersgaart. Ech mengen Dir hutt erausgehéiert, en fonction och vun der Evolutioun vum Projet a vun den Aarbechten, dass dat natierlech och en Impakt huet op déi provisoresch Aktivitéiten, déi stattfannen. Wat elo z.B. de Streetballterrain ugeet, do kann ee sech virstellen, mir hu viru gutt 3, 4 Joer an der Waldschoul den Terrain fräschgemaach, dass een deen dann nach eng Kéier op de Leescht hëlt. Dat huet dann e méi definitive Charakter. Dat huet elo kee Wäert, e komplett neit Amenagement op enger anerer Plaz op NeiSchmelz ze maachen, sou dass et herno erëm verschwënnt och am Kader vun der Securisatioun vun den Aarbechten. Dat mat de Gemeinschaftsgäert soll ee weider um Radar halen. Et ass jo och d'Iwwerleeung - do brauch een natierlech e manner groussen Invest oder Amenagement - do kann een natierlech och kucken en fonctioun vum Fortgang vum Projet, ob en nach op anere Plazen um Site, dat war jo e bëssen eng Iwwerleeung, och weider transitoresch Aktivitéite mécht. Nach muss een dann zesumme kucken en fonctioun vun der Evolutioun vum Projet, wou déi Plaze wären, wou een dat och kéint amenagéieren.

Ech menge mir wëllen eis haut net prononcéieren, dass mer en op där Plaz maachen, oder op där Plaz. Et ass awer eppes, wat een um Radar och huet, well do eng flott Dynamik entstanen ass, iwwer den Service „Ensemble", zesumme mat den Interesseveräiner an och den Awunner aus den zwee Quartieren - Quartier Italien a Quartier Schmelz. Et sinn awer och aner Diddelenger aus anere Quartieren, déi sech mat dodru bedeelegen. Dat heescht et muss ee kucken, wéi een déi Dynamik kann op enger anerer Plaz och weiderféieren. An och dat, wat d'Madame Kohn opgeworf huet. Ech mengen, dass mer och elo an eng Situatioun kommen, wou souwuel de Fonds du Logement - mir hunn engersäits d'Informatiounsversammlung - mee dass mer och an eng Situatioun elo kommen, wann d'Aarbechte bis u sinn, dass mer reegelméisseg iwwert de Fortgang mussen informéieren. De Fonds du Logement mat der Gemeng zesummen. Sou dass dat en Exercice ass, deen eis déi nächst Jore wäert begleeden, wou een och reegelméisseg vis-à-vis vun de Biergerinnen a Bierger - villäicht ee Mol oder zwee Mol d'Joer - seet „Voilà, de Projet NeiSchmelz ass haut do an dat sinn déi nächst Etappen". Dass een iwwert deen dote Wee iwwert de Fortgang weider informéiert. Ech mengen, dass dat och e Moyen ass, wou mer virdrun d'Bierger mat agebonnen hunn an d'Ausaarbechtung vum PAG, respektiv vun de PAPen ronderëm NeiSchmelz. Dann ass dat hei ass e flotte Moyen, d'Bierger reegelméisseg ze informéieren iwwert de Fortgang vum Projet, dee sécherlech wann e bis leeft, zügeg wäert virugoen. Ech mengen, dass dat e wichtegen Aspekt ass, dee mer net dierfen aus den Ae verléieren a wou mer op en aneren Niveau och elo kommen, wann d'Aarbechte bis lassginn. Dat ass dat wat ech wollt soen zu de Froen, déi lo komm sinn. D'Josiane wollt op de Volet „Verkéiersgaart" agoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) – SCHÄFFIN: Ganz kuerz zum Verkéierungsgaart: Mir hu jorelaang gekämpft fir en ze kréien. Mir si lo natierlech rëm traureg, datt mer e mussen do wechhuelen. Mee mir waren awer schonn, den Här Pit Demuth an den Här Krumlowski, ënnerwee fir nei Plazen ze sichen, well mer deen onbedéngt wëllen halen, well mer eng vu bal deenen eenzegen Gemengen sinn, déi sou eppes hunn an e wëlle behalen. A wéi gesot, mir sinn am gaangen ze sichen. Et kann een et relativ einfach amenagéieren, well mer ëmmer kënnen erëm Pottoen eweghuelen an d'Luuchten. Dofir, mir wäerten do eng Plaz fannen, well mir wëllen dat net opginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech menge mir hate probéiert de Fonds du Logement souwuel op senger Säit, wéi de Schäfferot op senger Säit, op déi verschidden Punkten anzegoen. Héieren ech hei eraus, dass mer hei kënnen en bloc ofstëmmen? Ass dat fir Iech OK oder wëllt Dir gären eenzel? Kënne mer en bloc ofstëmmen? Gutt.

Wien ass mat deene fënnef Kontrakter, sou wéi se hei virleien, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech dem Gemengerot Merci. Och dem Fonds de Logement Merci fir seng Presenz. An da kënnt Dir elo lassleeën.

# 5. OFFICE SOCIAL



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass den Office social. Do geet et iwwert d'Approbation des Bilans et Comptes de profts et pertes vum Joer 2021, respektiv den Dekont annuel 2022. Do begréissen ech hei an eiser Ronn d'Carole Wagner an ech géif dann och him, respektiv dem Präsident vum Office Social, dem Romain Zuang, d'Wuert ginn, fir op déi verschidde Punkten anzegoen a gegeebenefalls och eisem Sozialschäffen, fir weider Prezisiounen ze ginn, wann dat néideg ass.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Zur Approbatioun vun de Bilane an de Conte vu Profit a Perte vun den Exercicen 2019 an 2020 vum Diddelenger Office social hutt Dir an Ärer Dokumentatioun virleien. Et geet ëm déi Bilane vun den Exercicer 2020 an 2021. Et ass also schonn eng Zäitchen hir. An den Ënnerlagen leien och d'Dokumenter vum Interieur. Dir hutt gesinn dass mer rëm Courrier kritt hu vum Contrôle financier vum Interieur, wou se op eng Partie Punkten rëm higewisen hunn. Mee ech wollt Iech awer just a Klammeren direkt soen, dass mir net den eenzegen Office social sinn, mee dass mer alleguerten Courriere kréien, well säit zwee Joer déi nei Ekipp mat aneren Ae kuckt, wéi déi Ekipp virdrun, déi am Contrôle war. A mengem Numm hunn ech da missten op déi Froen äntweren. Dat hu mir zesumme gemaach an der Ekipp. Mir hunn dat och schonn duerch de Conseil geholl. Dat ass natierlech och do ofgestëmmt an approuvéiert ginn. Wat mer hei maachen ass also eng méi verwaltungstechnesch Demarche, déi mir hei als Gemengerot musse maachen - dat guttzeheeschen oder net. Wann iergend een dann hei Froen huet...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et wär villäicht interessant: Dir hutt elo gesot vun engem Echange. Dat hu mir elo hei net virleien. Wat gëtt da monéiert bei de Contrôlen, well Dir gesot hutt, all Office social kritt méi oder wéineger dee selwechte Courrier. Wou sinn d'Knackpunkten? Wat huet sech dann elo geännert zu deem Contrôle vu virdrun, wou dat alles méi... deene Leit, déi den Office social leeden, sou wéi Dir an Är Ekipp, dass een deene méi Vertrauen warscheinlech zougeschwat huet, wéi elo an der neier Zäit. Wat ännert sech?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Et ass eng nei Ekipp. An deem Sënn sinn et Auditeuren kann ee soen. Wat elo genau den Inhalt ass, kann d'Carole och nach soen, well si jo och ënnert sech dann, d'Comptabelen alleguerten, e bëssen hin an hier déi ganzen Zäiten mailen. Dat ass dee berüümten „Compte d'attente" deen ëmmer zeréckkënnt. An dann „Transmission tardive". D'Erklärungen huet Dir villäicht gelies. Et kann een näischt eraginn, bis een iwwerhaapt emol d'Dekonten vum MIFA huet asw. Do si Problemer. Do sinn nach Officen, déi hunn nach ëmmer keng Dekonten. Dat muss ee sech virstellen, dat si jo e puer Konventiounen. Carole, hues du nach eng Ajoute do ze maachen?

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Den Här Zuang huet alles gesot. Mir hunn nei Kontrolleuren. Et huet sech soss weider näischt geännert. Et ass eebe just dass déi eeler Ekipp an d'Pensioun gaangen ass, wat hiert gutt Recht ass, an eeben déi nei Ekipp eng aner Manéier huet, villäicht eng méi genau och Manéier, oder Saachen elo seet, wou mer deemools u sech déi Jore virdrun ni eng Remark gemaach kritt hunn. All Office social - mir hunn e bësse matenee geschwat, fir och Léisungen ze fannen zu de verschiddene Punkten - a lues a lues gi mer der Saach e bësse Meeschter. D'Remark déi kënnt vun der Transmission tardive, et ass effektiv, dass normalerweis d'Clôture misst fir den 30. Abrëll gemaach sinn. Mee wéi gesot, mir kréie ganz spéit d'Dekonten erëm vum Ministère, sou dass dat eeben och net machbar ass. Well wa mer d'Clôture maachen, kënne mer dono keng Modifikatioune méi maachen. Wann an den Dekonten eng Ännerung misst gemaach ginn, gëtt dat problematesch fir déi Joren dono. Dofir hunn d'Office sociauxen decidéiert se géife waarden bis d'Dekonten alleguerten erëm sinn, fir d'Clôture kënnen ze maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn dat och explizitt gefrot well een och héiert dobaussen, dass d'Office sociauxen immens ënner Drock sinn an en immensen administrativen Opwand hunn, deen ëmmer méi zouhëlt an dass et eben net d'Office sociauxen sinn.
An dofir sinn ech frou, dass Dir dat genau elo sou gesot hutt: Dass Dir vun de Ministèren ofhängeg sidd. Dir gitt dann herno rëm vun engem Ministère kontrolléiert an et ass dee Ministère och deen en cause ass, dass et net ka klappen. Et ass villäicht och gutt, dass een dat och eng Kéier no bausse seet. Dass all déi Revendicatioune vun den Office sociauxe fir méi Personal ze kréien, fir eng Facilitation administrative ze kréie, dass dat net Quatsch ass. Dofir hunn ech dat explizitt gefrot, fir dass dat op der Place publique och rëm ënnerstrach gëtt, wou wierklech d'Kromm an der Heck läit. Merci fir d'Explikatiounen a bon Courage fir Iech alleguer.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wëll och dobäi soen, dass mer effektiv, 2022 hat de Premier et schonn ugekënnegt am État de la Nation, dass dunn d'Ministesch och direkt 2023 den Office sociauxen eis dat geschéckt huet, dass mer effektiv en Administrativen zu 0,75 Tâche an och nach eng Assistante sociale zougesot kritt hunn. Mir wäerten dann och profitéieren, fir déi dote Posten - du moins mol jiddefalls den Administrativen - direkt anzestellen. Eis Comptabel geet ënner. Mir hunn zwar eng Hëllef do uewen - eng Chômeuse à longue durée. Mee mir brauchen hei och wierklech e B1. Mir brauche wierklech een, wou dono och ka geduecht ginn,

fir de Sekretär vum Office social kënnen ze ersetzen. Dat ass also onbedéngt wichteg an dofir musse mir dee Poste kreéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Zuang. Si soss nach aner Froen vun de Memberen aus dem Gemengerot zu deem Volet Office social? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vote iwwerginn.

Wien ass mat der Approbatioun vum Bilan Profits et Pertes vum Joer 2021 averstanen? ***Dat ass unanime.***

### 5.2. APPROBATIOUN VUM DÉCOMPTE ANNUEL VUM EXERCICE 2022

ROMAIN ZUANG (LSAP): Dat ass jo dann e Punkt à part. Dat ass den Décompte annuel vun 2022. Dat ass déi Konventioun 0, d.h. déi tëscht der Gemeng an dem Ministère de la Famille ass, 50-50. Dat heescht, dat bezitt sech elo just op d'Aide sociale. Just d'Aide sociale ass hei betraff an do gesitt Dir den Total vun den Depensen: 1.070.867,27.-€. dee mer hunn, deen dann opgedeelt gëtt tëscht dem Ministère de la Famille an eis, der Gemeng. Sou dass Participatioun d'Gemeng also do 535.433.-€ ass. Dir gesitt och déi gréisst Posten, déi do sinn. Dat sinn wéi ëmmer d'Salairen mat 795.000.-€ an e puer Zerquëtschtener. Dat ass emol mat wäiten Ofstand de gréisste Posten. Wann do nach eng Frou dozou ass...

*Vott vun de Punkter 5.1. a 5.2.*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Zuang. Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen.

Wien ass dann heimadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och hei villmools Merci an och dem Carole Wagner Merci fir seng Presenz.

# 6. DÉVELOPPEMENT URBAIN

### 6.1. APPROBATIOUN VUN DER PROPOSITION DE MODIFICATION DU PLAN D'AMÉNAGEMENT PARTICULIER „NOUVEAU QUARTIER" (PAP NQ) „RUE PASTEUR"

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass de PAP Nouveau Quartier Rue Pasteur. Dat ass keen neie PAP, dofir ginn ech lo och net am Detail drop an, mee ech ginn awer op e puer Adaptatiounen an. Ech begréissen och an eiser Ronn eis Architektin d'Cathy Mambourg an och den Här Bertoux vum Bureau d'études Luxplan, wann nach technesch Froen wären. Just fir kuerz op de PAP hei anzegoen: Deen heite PAP war schonn eng Kéier hei am Gemengerot. Et war 2017, wou mer en hei haten. Et sollte véier Unitéite geschaf ginn. De PAP ass du hei gestëmmt ginn. 2019 ass och de Projet d'exécution hei an de Gemengerot komm. Dat ass de PAP Rue Pasteur, fir Iech dat hei ze situéieren, bei der Bierenger Kapell. Hei ass am Fong d'Setna Investments services, déi am Fong hei de Projet maachen an hunn de Luxplan als Bureau d'études. Do war natierlech 2019 de Projet d'exécution hei. Fir d'Entwécklung vun dësem Projet waren awer eng ganz Rei Froen ronderëm d'Kompensatioun, déi dozou gefouert hunn, dass engersäits de Projet bis elo nach net realiséiert gouf. Dat war Bestanddeel awer och vun der Planung.

Mir haten eng Rei Reklamatiounen. Si haten och am Kader vum PAG reklaméiert, fir d'Densitéit eropzesetzen an deem droe mer och hei Rechnung. Den neie PAG ass jo en vigueur. Do hu mer missten hei eng Modifikatioun, eng Procédure allégée och maachen, mir hunn am Kader vun der Refonte vum PAG de Reklamanten hei Rechnung gedroen, fir d'Densitéit eropzesetze vu 14 op 18 Unitéiten, vu 35 op 45 Awunner. Dat heescht, d'ADL ass do eropgesat ginn. Mir hunn der Reklamatioun Rechnung gedroen. Am Stroosseraum, do ännert sech am Fong recht wéineg. Dofir ass et och eng Procédure allégée vun dësem PAP. Dofir sinn och d'Prozedure méi schnell gaangen. Do sinn nei Moyenen, déi een och huet, fir dat ze maachen. Mir sinn natierlech och hei an der Situatioun, dass och eng Autorisatioun vum Ëmweltministère komm ass am Juni 2023 par rapport zu de Kompensatiounsmoossnamen, zu den Ëmweltaspekter a wat d'Kompensatiounen ugeet. Dat war och en net onwichtegen Deel vun Deeler, déi erhale bleiwen, och notamment d'Beem an Hecken, wou en Deel och kompenséiert gëtt. Sou dass mer hei dann an der Suite logique sinn vun deene verschiddene Prozeduren, déi entaméiert goufen. Klassesch, wéi et natierlech bei sou enger Procédure allégée ass, gouf natierlech, nodeem och de Feu vert gi ginn ass, gouf vun de Staatsstellen eng Publikatioun gemaach vun dëser Procédure allégée an den Zeitungen. Et gouf natierlech och den néidegen Affichage gemaach. Et si keng Objektioune komm wat dëse Projet ugeet. D'leschte Kéier sinn och keng komm 2017. Hei ass just de Changement dass d'Densitéit vu 14 op 18 Unitéiten eropgesat gëtt. Dat ass e bëssen, wat dëse Projet ausmécht.

Wa mer lo och déi Modifikatioun hei vum PAP stëmmen, da brauch natierlech déi Convention d'exécutioun déi mer

2019 hei am Gemengerot haten, déi ass nach ëmmer dann en vigeur, well um Stroosseraum en tant que tel näischt ännert. Dat heescht, wa mer dat hei stëmmen, da kann am Fong och d'Planung lassgoe säitens vum Promoteur vu Satnav, fir och dëse Projet Realitéit ginn ze loossen. Dat zu der Prozedur wat dëse PAP ugeet. Wéi gesot, eng Procédure allégée - eng minimal Ännerung. Dat sinn déi Erklärungen, déi ech à ce stade zum Projet ka ginn. Wann nach Froe sinn, och méi technescher Natur, ass sécherlech och den Här Bertoux, deen haut och hei ass do, fir Iech dann och do déi néideg Erklärungen ze ginn. Merci an d'Diskussioun ass op, wa Froe wären.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. D'CSV hat de PAG jo net integral matgestëmmt, mee awer Dir wësst dass mer ëmmer all Projet eenzel kucken. Et ass immens wichteg, dass Wunnraum geschaf gëtt zu Diddeleng a mir sinn och absolut averstanen dass hei d'Densitéit erhéicht gëtt. Dat ass eng Géigend... dat ass jo lo net dass eppes Riseges dohikënnt. Mee dass awer am PAP déi Méiglechkeet gi ginn ass oder dass festgehale ginn ass, dass mer konnten hei e bësse méi Wunnraum erschafen. En plus ass dat e Quartier, dee ganz flott ass an dat si jo keng risegrouss Wunnunitéiten. D'Schoule sinn no, d'Sportinfrastrukture sinn no, den ëffentlechen Transport ass do, hannen ass awer och vill Gréngs, et ass no bei der Le'h. Et ass e Projet dee ganz interessant ass a wou mer och ganz frou sinn, dass deen elo endlech realiséiert gëtt. Wa mer soen 2017. Muss een awer ëmmerhin soen: D'Prozeduren sinn awer enorm. Wann s de bedenks lo si mer 2023. Mir si 6 Joer um piddelen un deem Projet do bis dat dann elo endlech Realitéit gëtt. Wéi gesot: GO GO GO, séier, séier! Maache mer virun, dass mer de Leit awer och Wunnraum zur Verfügung stellen. D'CSV dréit dëse Projet op jidde Fall mat.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Also et gëtt net ganz vill ze soen ausser natierlech datt mer dëse Projet begréissen. Mir hunn de Projet och am Detail duerchgekuckt. Et ass wierklech immens flott amenagéiert. Déi Iddie sinn immens flott, déi Dir do an de Projet agebaut hutt. Villäicht méi eng technesch Fro: Wéi vill Leit melle sech bei sou enger Enquête? Ech hu mech ëmmer gefrot: Déi Saache ginn ëmmer ausgehaangen, mee wéi vill Leit traue sech wierklech duerch d'Gemengendier ze maachen an do eng Reklamatioun ze maachen? Hutt Dir do eng Iddi ongeféier? Dat anert ass: Wéi e Prozentsaz vun abordabele Wunnengen wäerte mer hei hunn? Well bei all neiem PAP muss jo e gewëssene Prozentsaz an dat variéiert jo. Dat ass eng Fro. A mir begréissen natierlech och datt Dir virgeschriwwen hutt, dat bei all Lot natierlech muss op d'mannst ee Bam geplanzt ginn.

An engems kann ee sech froen: Mir sinn hei an engem Ilot central vun engem Quartier existant. Dat heescht et wier interessant gewiescht de vis-à-vis am nërdlechen Deel soen ech elo mol, fir do de vis-à-vis vun deenen Haiser, fir dat net ze stéieren, do scho sou ze imposéieren, datt Plantatioune gemaach ginn, fir datt d'Leit déi do scho wunnen, lo net duerch den neie Quartier perturbéiert ginn oder datt een duerch visuell Gréngs dat kann oftrennen. Ech hu lo net direkt gesinn, dass villäicht och ze fréi vu que dat mer um Niveau vun engem PAP sinn: Wéi eng Wärmeproduktioun wëllt Dir



gäre maachen? Mir si jo am neie Quartier, dat heescht theoretesch dierf ee sech net méi un de Gas schléissen. Mee wann ee lo z. B. géif op Loft-Waasser-Wärmepompelen iwwergoen, kéint een elo schonn iwwerleeën wou stellen ech déi hin. Well nach eng Kéier: Mir sinn an engem Quartier existant, plus, de ganze Bau ass awer méi dicht unenee gebaut ginn - wat natierlech begréissenswäert ass – mee, et muss een de Konzept mat am viraus matdenken, fir dass et akustesch herno net stéiert. U wéi e System hutt Dir geduecht? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Merci och fir d'Erklärungen vun der ganzer Prozedur, well et ass e bësse schwéier do elo... Ech hunn den Dossier opgemaach an ech wosst lo net genau, wou dat hierkënnt. Also wann dat heite lo en neie PAP Nouveau Quartier wier, da misst ee jo effektiv abordabele Wunnraum schafen. An deem Sënn ass et schued, dass mer en elo just modifizéieren. Et ass jo esou, oder? Esou hunn ech dat emol verstanen. Am neie Pakt Logement misst jo dann fir all PAP abordabele Wunnraum geschaf ginn, deen och un d'Gemeng da géing ofgi ginn. Et ass elo e bësse Schued, dass et just eng Modifikatioun ass. Mee mir sinn awer natierlech trotzdeem frou, dass déi Fro mat der Kompensatioun, dass dat alles gekläert ass an dass d'Densitéit an d'Luucht gesat ginn ass, dass e bësse méi Wunnraum geschaf gëtt. Dat ass op alle Fall eng gutt Saach. Dann hoffe mer eebe just dass an Zukunft wa sou PAPe kommen, dass mer eeben och villäicht net ëmmer just de Minimum froen un abordabele Logement, dee jo elo an Zukunft virgesinn ass, mee dass mer probéieren e bësse méi erauszeschloen, well et ass ganz wichteg, dass eis Gemeng do e bësse Retard ophëlt.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat nach eppes vergiess ze soen: Also ronderëm sinn existent Haiser, déi zu verschidde Momenter gebaut goufen, wou all Haus säin eegene Charakter huet. A ganz oft ass et esou, datt, wann ee mat engem neie Quartier kënnt, een einfach permanent esou Këschten do niewenteneen stoen huet.
An et wier villäicht rëm hei en Denkustouss, fir villäicht awer sou eng Architektur mat anzebréngen, déi e bësse méi variabel ass, wéi wäiss-gro Këschten, wou dann ee Cube rout ass en den anere gréng, fir dat d'Leit den Ënnerscheed kënne maachen. Pardon, ech wëll net datt et pejorativ kléngt. Mee wann ee schonn a sou engem Tissu existant ass, kann een och e bëssen d'Architektur variéieren. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech muss der Madame Kayser Recht ginn. Ech wollt dat selwecht nämlech och soen. Et ass wierklech e Projet dee, wéi

Dir och scho sot Här Buergermeeschter, deen eis scho laang begleet. 2017 - mir sinn 2023 elo. Ech wëll lo keng Lanz hei fir d'Promoteure briechen, mee ech wëll awer scho soen, dass ee muss e laangen Otem hunn. Wann ee vu sou engem Projet eleng géif liewen, da wier ee schlecht drun. Ceci dit - mir droen natierlech déi Propositioune vun de Modifikatiounen hei mat. Bon, wéi gesot, et ass alles realiséiert, d'Kompensatioune sinn erfëllt ginn, déi verlaangt waren. An der Haaptsaach war et jo dann ëm d'Typologie, d'Adaptatioun vun der Typologie vun de Logementer vu fënnef Lousen an der Koherenz zu de Logementer déi am PAG fixéiert ass, gaangen. Sou ginn aus där Bande do aus 5 Eefamilljenhaiser, 4 Bifamilliallen an ee Familljenhaus. D'Zuel vun de Gebailechkeete bleift also, mee d'Zuel vun de Wunnengen, déi geet ëm 4 erop. Vu dass dat jo gewollt ass, dass méi dense soll gebaut ginn, ass dat och fir eis eng logesch Suite, dass der Reklamatioun vu Luxplan Rechnung gedroe gëtt. Eis Fraktioun stëmmt dann natierlech dës Propositioun och mat.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Zuang. Nach eng Wuertmeldung oder eng Fro? Dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert weiderginn souwuel un den Här Bertoux wéi un d'Madame Mambourg, fir op eng Rei Froen anzegoen, déi och technescher Natur respektiv wat mat der Prozedur ze dinn hunn.

CATHY MAMBOURG (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Jo, ech ginn eng Kéier just vun der Madame Ahmedova iwwer d'Reklamatiounen oder déi méiglech Leit déi eebe kucke kommen. An der Lescht hu mir, zënter dass alles online ka consultéiert ginn, quasi keng Leit méi, déi kucke kommen. An deem hei Fall - mir schreiwen eis dat ëmmer op, well dat awer ëmmer interessant ass - an dësem Fall waren zwee Leit, wou den Dossier awer kucke komm waren. Et ass awer fir d'Leit vill méi einfach dat online ze consultéieren. Wa se Froen hunn, kënnen se och gären uruffen. Ech mengen awer net, dass dat eng Hürd wier, fir sech do net ze interesséieren oder do net ze reklaméieren. Et ass awer relativ einfach an och vun doheem huet e jo aus all Zäit déi ganz Dokumenter dann online. Mee se leien der awer och ëmmer aus an et kommen awer och da Leit kucken. Dat anert mam Logement abordable ass richteg, wéi lo schonn e puermol gesot gouf, datt eeben do an dësem Fall, vu datt et eng Modifikatioun ponctuelle ass, deen Artikel vum neie Gesetz net spillt. Dat heescht, mir brauche kee Logement abordable ze schafen. An der Mouture vu virdrun waren nach bei engem PAP vun 10 bis 25 Unitéiten... Nee bei der Mouture vu virdru waren iwwer 25 Unitéiten. Dann hätt een ebe missen 10% schafen. Do louche mer drënner. Do hate mer jo dann nëmme méi 14. Deen haitegen, wann dee lo ganz nei an d'Prozedur gaange wier, dann hätte mer der natierlech misse schafen. Da wiere mer tëscht 10 a 25 Unitéite gewiescht an da sinn et 10%. Dat verpasse mer leider, mee et ass awer d'Gesetz, wat dat net hiergëtt.

Da war déi Remark mam nërdlechen Deel, fir do eng visuell Barrière ze schafen. Mee ech mengen dass net onbedéngt néideg, well do zwee Mol déi hënnescht Gäert openeen treffen. Dat fannen ech elo net stéierend wann do vis-à-vis och eng hënnescht Fassade ass vun engem Eefamilljenhaus, ass dat an der Reegel net eng Nuisance. Villäicht nach fir d'Wärmeproduktioun: Dat ass eeben nach mat eise Servicer ze kucken. An der Reegel mengen ech dass een eng Loft-Wärmepompel do awer géing maachen. Wann dat en Neibau ass, ass et och vill méi einfach, dat ouni Nuisance kënnen ze integréieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Ech wëll just nach bäifügen - d'Madame Mambourg ass drop agaangen - vu dass dat heiten e PAP ass wou eng Modifikatioun gemaach gëtt an am Kader vun enger Procédure allégée, wou awer ënnert der aler Prozedur gelaf ass, ass keng Obligatioun, abordabele Wunnraum ze schafen. Et ass keng Obligatioun - et kéint ee sech et virstellen, mee dat ass eng Diskussioun, déi d'Gemeng muss féiere mam Promoteur. An et ass och eng Saach dann vu Präis, well do spille jo aner Präisser, an och vu Subventiounen. Näischt verhënnert dass ee bei deenen 18 Unitéiten Kontakt ophëlt mam Promoteur fir ze kucken, ob déei eng oder aner Acquisitioune méiglech ass fir d'Gemeng - ech wëll mech do lo net iwwer d'Stéckzuel, ob et 1 oder 2 sinn - an ob een och sech mam Präis sech géif eens ginn, wou een och déi néideg Subventioune vum Staat géif kréien, wou dann awer d'Gemeng Wunnraum kritt, deen zwar net obligatoresch abordabel ass, mee den awer abordabel ass, net an enger obligatorescher Approche. Dat ass e Moyen deen ee ka verfueren, mee dat ass eng Diskussioun déi hu mer lo net gefouert, mee déi kann ee sech viru Gesiicht halen a kucken, wéi een do finanziell duerchkënnt am Kader vu weider Uschafung vun abordabelem Wunnraum. Dat wollt ech lo hei och soen.

Ass de Gemengerot mat dëser Procédure allégée a mat dëser Modifikatioun vum PAP averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Här Bertoux an der Madame Mambourg Merci fir hir Presenz.

### 6.2. DENOMINATIOUN VUN ENGER NEIER STROOS ZU DIDDELENG-BIERENG

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass d'Denominatioun vun enger neier Strooss zu Biereng. Mir bleiwen an deem heite PAP Pasteur. An do ass am Fong hei d'Propose am Kader vun „Les rues au féminin", dass mer hei déi Strooss nei benennen. An dann den Numm vun der Rue Marie Thillmann, déi Briquetière war an Entrepreneuse vun 1867 bis 1923. Dir wësst dass mer dee Projet hunn „Les rues au féminin" an an Ärem Dossier hutt Der och e bëssen den Historique dass eise Service à l'Egalité des chances eis dat heiten och proposéiert huet, fir dass een e bëssen op den Historique ageet vun der Madame Thilmann, déi déi éischt Zillebäckerin hei zu Lëtzebuerg war an och hei zu Diddeleng an an der Bierenger Strooss de Betrib hat. Ech mengen dass dat heiten eng flott Approche ass, de Projet och weider ze féieren mat neie Stroossen, dass mer déi och no Fraen nennen, déi och vun Diddeleng sinn. Hei d'Propositioun: Entweder Rue Marie Thillmann oder Rue des Briquettières, also eng vun deenen zwee, wou een hei kéint huelen. D'Gemengerot ass fräi hei ze decidéieren.

Mee Rue Marie Thillmann wär dat wat op der Hand géif leien. Dat ass dat Einfachst fir ze verhalen. Ass de Gemengerot mat där Propose averstanen? Oder wëllt Dir eng Remark maachen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz well ech wollt dem Service Gender Equality villmools Merci soe fir d'Dokumentatioun well ech hunn et immens interessant fonnt. An ech géing et flott fannen, wann een och iergendwéi déi Informatiounen déi hei drop stinn, och dem Public zougänglech mécht. Eng Méiglechkeet wär elo, dat ech alles ofliesen an da kënnt et an den Analyteschen, mee villäicht kann een och einfach vereinfacht déi Dokumentatioun an den Analyteschen oder an e Gemengeblat oder iergendwou publizéieren, well ech hunn dat immens flott fonnt a villäicht interesséiert dat och Leit ausserhalb vum Gemengerot.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Remark. Wann ech mech net ieren, mee do weess de René Manderscheid besser Bescheed - Mir haten eng Kéier eng Broschür gemeet mat „Les rues au féminin" wat Diddeleng betréfft. Ech mengen do hate mer suguer en Toutes-boîtes gemaach. Mee ech mengen de René ass do méi am Coup.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP) - SCHÄFFEN: Mir haten eng Kéier en Tour gemaach am Kader vum Mount Mäerz, dat ass richteg. Mee mir kënnen awer dat heiten esou wéi et ass, kann een dat an den Analyteschen abauen. Mir kënnen dat eisem Service ginn an dass deen den Text dann an d'Interventioun esou tel quel hëlt. Ech bekëmmere mech dorëms.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech stellen dann och nach e Gedankenustouss dozou: Wou ech an der Vakanz war, do hat ech en Haus gesinn. Do war e QR-Code drop, do konnts de d'Geschicht vun deem Haus kucken. Dat kéint een z.B, och mat deene Stroosse maachen, datt ee villäicht mat engem QR-Code d'Stroosseschëld kéint ofscannen an da mol kucken, wien déi Leit eigentlech sinn. Dat gëtt jo ëmmer méi modern elo. Wann ee mat engem QR-Code ka scannen, da gesäit een och emol wien, all déi Stroossen am Fong, well eng ganz Rei vu politeschen Persounen dra sinn: „Bourgmèstre vu - bis" oder „Députéierten" oder wat och ëmmer. Dat ass eng ganz grouss Aarbecht, et ass net fir dat an deenen nächsten dräi Méint ze maachen. Just e klenge Gedankenustouss bei deenen neie Stroossen wéi hei. Bei den ale kéinte mer sou lues ufänken. Wéi d'Madame Thoma sot. Da kanns de scannen an dann hues de e klengen Historique vun där Damm a wien dat eigentlech war.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wëll direkt do enchainéieren, well se hunn elo en änleche Projet am Syndicat, wou mer driwwer schwätzen, eventuell fir déi Guiden fir nei Iddien. An do ass och sou eng änlech Iddi opkommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass ganz luewenswäert. Dat muss natierlech opgeschafft ginn, och historesch, mat engem kuerze knappen Text deen net ze laang ass an awer déi néideg Informatioune gëtt a verschidde Sproochen iwwert déi Persoun. Dat ass e Projet, dee sécherlech wann een en ugeet, dee luewenswäert ass, mee deen eng Zäitche wäert brauchen fir en ëmzesetzen, mee ech mengen dat ass eng ganz flott Remark, déi ee gären ophëlt, respektiv si sech scho Gedanken doriwwer gemaach ginn. Soss nach Remarken? Dat ass net de Fall.

Ass de Gemengerot dann mat dëser neier Denominatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen Iech villmools Merci.

### 6.3. APPROBATIOUN VUN ENGEM LOTISSEMENTS-/MORCELLEMENTSPROJET AN DER RUE DE LA FONTAINE

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op de leschte Punkt. Do ass d'Dokumentatioun am Dossier. Et ass net déi éischte Kéier, wou mer elo, vun do un wou den neie PAG en vigueur ass, muss jo fir all neit Projet de lotissememt oder morcellement an de Gemengerot kommen. Dir liest och an Ärem Dossier eraus, dass mer hei dann effektiv an der Rue de la Fontaine vu 4 Kadasterparzellen eng Divisioun soll gemaach ginn. 4 Kadasterparzellen an 2 neier - mat Place à batir an eng Voirie. Et respektéiert d'Presriptiounen och vum PAG a vum PAP Quartier existant. Eis Architektin schreift och dass am Fong näischt virläit fir déi Autorisatioun hei net ze ginn. Dir hat de Projet deen och virun der Summervakanz an der Bautekommissioun virgestallt gouf. Et war och en Avis au public. De Courrier deen och d'Famill Tereri kritt huet war och domadder averstanen. Et waren nach e puer Saachen déi se noliwwere missten, wat se gemeet hunn, sou dass näischt hei am Fong am Wee steet, fir där heiten der Approbatioun d'un Projet de lotissement/morcellement gréng Luucht kënnen ze ginn. Ech mengen Dir hutt déi Dokumentatioun jo hei dobäigehat als Partie intégrante vum Dossier. Froen? Remarken? Dat ass net de Fall.

Kënne mer dann heiriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.



# 7. DESIGNATIOUN VUN DEN DELEGÉIERTE FIR DÉI VERSCHIDDE GEMENGESYNDIKATER

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer elo op de Volet Syndikater iwwergoen. D.h. d'Gemengesyndikater, déi nei ze besetze sinn. D'Gemengesyndikater sinn elo e bësse manner Leit, dofir géif ech soen villäicht nominativ nennen. Herno bei de consultative Gemengekommissiounen erspueren ech mer alleguerten d'Nimm duerchzehuelen, déi mer drageschriwwen hunn, well soss si mer ganz laang nach am Gaangen. Mee ech maachen et awer bei de Gemengesyndikater.

Do war et jo esou dass mer an de Virgespréicher déi mer haten, dass mer gesot hunn dass mer en fonction vun den Delegéierten, déi mer an de verschiddenen Gemengesyndikater hunn, och der Oppositioun eng Rei Posten gären zur Verfügung stellen. Doropshin hunn déi politesch Parteien eis och eng Réckmeldung ginn. Ech ginn elo einfach déi verschidde Syndikater duerch. Et sinn net alleguerten Syndikater, mee mir preziséieren dat herno. Am Syndicat:

### 7.1. MINETT-KOMPOST – SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA CONSTRUCTION, LA GESTION L'EXPLOITATION ET L'ENTRETIEN D'UN CENTRE DE VALORISATION DE DÉCHETS ORGANIQUES (3 DELEGÉIERTER)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am Minett-Kompost sinn dräi Delegéierten. Dat sinn de René Manderscheid, den Alain Clement an de Marc Meyer.

### 7.2. PRO-SUD– SYNDICAT DE COMMUNES POUR LA PROMOTION ET LE DÉVELOPPEMENT DE LA RÉGION DU SUD (1 DELEGÉIERTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am Pro-Sud: Een Delegéierten - Dan Biancalana.

### 7.3. SES – SYNDICAT DES EAUX DU SUD (3 DELEGÉIERTER)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SES: Dräi Delegéierter: Loris Spina, Roby Goergen an Yves Steffen.

### 7.4. SICEC – SYNDICAT INTERCOMMUNAL AYANT POUR OBJET LA CONSTRUCTION, L'ENTRETIEN ET L'EXPLOITATION D'UN CRÉMATOIRE (1 DELEGÉIERTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SICEC: Een Delegéierten, d'Claudia Dall'Agnol.

### 7.5. SICONA-SUD-OUEST – SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA CONSERVATION DE LA NATURE DU SUD-OUEST SICONA-SUD-OUEST (1 DELEGÉIERTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SICONA: Een Delegéierten, de Romain Zuang.

### 7.6. SIDOR – SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DÉCHETS EN PROVENANCE DES MÉNAGES ET DES DÉCHETS ASSIMILABLES DES COMMUNES DES CANTONS DE LUXEMBOURG, D'ESCH ET DE CAPELLEN (2 DELEGÉIERTER)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SIDOR: Zwee Delegéierter, de René Manderscheid an d'Carole Thoma.

### 7.7. SIGI – SYNDICAT INTERCOMMUNAL DE GESTION INFORMATIQUE (1 DELEGÉIERTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SIGI: Een Delegéierten, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

### 7.8. STEP – SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR L'EXPLOITATION DE LA STATION D'ÉPURATION DE BETTEMBOURG ET POUR LA RÉALISATION DE TOUTES ACTIVITÉS DE RECYCLAGE ET DE GESTION ÉCOLOGIQUE (2 DELEGÉIERTER)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am STEP: Zwee Delegéierter, de Loris Spina an den René Manderscheid.

### 7.9. SYVICOL – SYNDICAT INTERCOMMUNAL DES VILLES ET COMMUNES LUXEMBOURGEOISES (1 DELEGÉIERTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am SYVICOL: Een Delegéierten, den Dan Biancalana.

### 7.10. TICE – SYNDICAT POUR LE TRANSPORT INTERCOMMUNAL DE PERSONNES DANS LE CANTON D'ESCH-SUR-ALZETTE (3 DELEGÉIERTER)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am TICE: Dräi Delegéierter, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, d'Claudia Dall'Agnol an de Claude Martiny.

# 8. DESIGNATIOUN VUN DEN DELEGÉIERTE FIR DÉI VERSCHIDDE CONSEILS D'ADMINISTRATION

### 8.1. CENTRE HOSPITALIER EMILE MAYRISCH (2 REPRESENTANTEN)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am CHEM: Zwee Delegéierter. Hei hu mer awer dräi Kandidaturen: Dan Biancalana, de Roby Goergen an d'Michèle Kayser-Wengler. Do musse mer also ofstëmmen.

### 8.2. CGDIS – CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS (1 DELEGÉIERTEN) (GINZEBIERG – BETTEMBOURG, DUDELANGE, FRISANGE, KAYL, ROESER, RUMELANGE, WEILER-LA-TOUR)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am CGDIS, de Groupement Ginzebierg. Do ass jo e Groupement vun enger Rei Gemengen. Do ass ee gemeinsame Kandidat, deen d'Gemeng proposéiert. Dat ass den Tom Jungen.

### 8.3. ORT SUD – OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME DU SUD A.S.B.L. (1 MEMBRE EFFECTIF AN 1 MEMBRE SUPPLÉANT)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am ORT Süden. Dat ass kee Syndikat, mee am Fong eng asbl. Do ass een Delegéierten, d'Martine Bodry-Kohn an ee Suppléant, d'Rosella Spagnuolo.

### 8.4. KLIMA-BÜNDNIS (1 DELEGÉIERTEN AN 1 DELEGÉIERTEN SUPPLÉANT)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am Klima-Bündnis: Een Delegéierten, de René Manderscheid.

### 8.5. ASSOCIATION LUXEMBOURG ALZHEIMER – COMMISSION DE SURVEILLANCE VUN DER MAISON DE SÉJOUR ET DE SOINS « BEIM GOLDKNAPP » (1 MEMBRE EFFECTIF AN 1 MEMBRE SUPPLÉANT)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An der Association Luxembourg Alzheimer: Zwee Delegéierte, d'Fabienne Dimmer an de Jean-Paul Gangler.

### 8.6. COMITÉ DE PILOTAGE NATURA 2000 « MINETTER DAGEBAUGEBIDDER » (UN REPRESENTANT)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Am Comité de Pilotage Natura 2000 „Minetter Dagebaugebidder": Een Delegéierten, de René Manderscheid.

Dat zu deene verschiddene Leit, déi sech do gemellt hunn. Wéi solle mer elo verfueren? Solle mer eenzel ofstëmmen? Bei engem,do musse mer souwisou e Vott maachen. Do hu mer alles preparéiert. An da géif ech soen, dass mer déi aner eenzel ofstëmmen. Oder wéi wëllt Dir verfueren? Mer kënnen en bloc ofstëmmen, ausser beim CHEM, wou mer natierlech e Vott musse maachen.



CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Hunn ech dat richteg verstanen, dass mer am Klima-Bündnis nach en Délégué-suppléant zegutt hätten?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, pardon!

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP) - SCHÄFFEN: Et ass elo keen Numm gefall, mee menges Wëssens war de Claude Martini de Suppléant déi lescht sechs Joer. Bleift dat esou? Vun der Oppositiounssäit aus, mengen ech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann ass hei d'Propos, dass mer hei en bloc ofstëmmen, ausser de CHEM, dee mer dann eraushuelen.

*Discussioun a Vott zum Punkt 8.1.*

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just eng kleng Motivatioun vu menger Kandidatur ginn. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech war angeneem iwwerrascht wéi am Ordre du jour ënnert dem Punkt 8.1 stoung, dass mer als Gemengerot zwee Delegéierten an d'Kommissioun Administrative vum Centre Hospitalier Emile Meyrich bestëmmen. En effet ass säit der Fusioun, respektiv der Integratioun vum Diddelenger Spidol an dem CHEM am Mäerz 2004 d'Stad Diddeleng duerch zwee Delegéierten an dëser Kommissioun vertrueden. Bis 2017 war dat ëmmer den Här Buergermeeschter an e Member aus dem Gemengerot. An am November 2017 huet déi deemoleg Diddelenger Vertriederin an dëser Kommissioun aus dem Gemengerot demissionéiert. Doropshin hat ech geduecht, dat wier elo eng gutt Opportunitéit, well jo ëmmer e Member aus dem Gemengerot an de Buergermeeschter an där Kommissioun war, fir meng Kandidatur ze stellen als Member vum Gemengerot an als Dokter, deen och ganz laang och nach no der Fusioun am Spidol matgeschafft huet als Pediater zu Diddeleng, deen d'Santéslandschaft hei zu Diddeleng gutt kennt awer och doriwwer eraus. An do hat ech mer eng Éier gemaach, d'Interessien vun Diddeleng a vum Diddelenger Spidol ze vertrieden. Meng Kandidatur gouf awer deemools net consideréiert a bis haut ass en net-Conseiller an der Kommissioun vum CHEM bliwwen.

Ech sinn elo frou ze liesen, dass mer awer elo nees op de Wee ginn, dass zwee gewielte Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot sollen d'Interêten vun eiser Stad beim CHEM vertrieden. D'Enjeuxen, déi sinn enorm. D'Zukunft vum Diddelenger Spidol - wou mer wëssen dass d'Gebailechkeet eventuell soll eng Struktur fir Alzheimerpatienten beherbergen, déi dann als

Locataire an dës Gebai solle ginn. D'Zukunft vun eisen exzellente Servicer, Geriatrie an Post-Stroke-Unit, déi ass jo sou ugeduecht, dass déi sollen an d'Südspidol integréiert ginn. Awer virun allem geet et drëm, mam ganze Conseil vum CHEM ze plangen, wéi mer kënnen eng exzellent Poliklinik mat eventuell Imagerie, mat Labo, eventuell mat Dokteschhaus, Apdikt asw. op engem neie Site plangen. D'CSV hat schonn no der Fusioun 2014 ëmmer nees proposéiert, esou eng Struktur nieft Koibestrachen opzebauen. Mir kruten awer ni gesot, ob dës Propos et bis an de Conseil vum CHEM bruecht huet.

No der dach elo méi konkreter Planung vun NeiSchmelz, do hate mer d'Propos gemaach fir hei, an deem neie Quartier, eng nei Struktur ze plangen. Mir kruten awer och do kee konkrete Feedback hei am Gemengerot, wat am Conseil vum CHEM geschwat ginn ass an ob iwwer déi Iddi iwwerhaapt nogeduecht ginn ass. Mir sinn e bësselchen traureg gewiescht, well mer hei bannen an de leschte Joren net genuch mat agebonne gi sinn, respektiv och kee richtege Feedback kritt hunn, wat da lo konkret d'Pläng vum CHEM sinn, wat de Site Diddeleng ubelaangt, wat genau an dëst Gebai soll kommen a wéi et och ass mat enger neier medezinescher Struktur zu Diddeleng. Et heescht ëmmer, et gëtt keen neie Moment. Jo, mee d'Zäit, déi leeft an e wichtege Punkt ass einfach: Mir hu keng schrëftlech Garantie vum CHEM, wat d'Südspidol ubelaangt, ob do um Site Diddeleng festgehale gëtt an dat solle mer och nach ëmmer eng Kéier kréien. Dat hat ech eng Kéier versprach kritt an enger Fro. Dunn huet et geheescht „Die Ansiedlung an Koibestrachen oder NeiSchmelz ist möglich. Es wird eine moderne alternative krankenhausähnliche Struktur errichtet."

Wéi eng Garantie hu mer, dass dëst geschitt? Am Fong keng. A wann dat geschitt, wéi maache mer dat? Wie plangt et? Wie finanzéiert et? Wat maache mer duerno mam Gebai vum Spidol? Bleift dat am Besëtz vum CHEM oder fält et wéi an enger Konventioun steet - Dir wësst, ech hu mech do ëmmer do drageknéit a gesot ma wéi leeft dat dann, well an de Konventioune steet, dass herno d'Gebai nees zréck un d'Gemeng géif falen. An dann ass d'Fro: Wie sanéiert dat Gebai? Wie moderniséiert dat? Wéi maache mer dat, wann déi Alzheimerstruktur do rakënnt? Wie bezilt dat? Wéi gesot, „die zukünftigen Besitzverhältnisse des Grundstücks und des Gebäudes bleiben zu klären". Dat war d'Äntwert 2017 op eng Fro vun der CSV bei der Opléisung vum Hospice Civil, dee virdrun d'Spidol geréiert huet. Dir gesitt, et geet ëm ganz vill. D'Südspidol, wat jo theoretesch dëst Joer sollt opgoen, also 2023 sollt fäerdeg sinn - Dir wësst, et huet en enorme Retard kritt. Onreegelméissegkeete beim Wiener Architektebüro, deen d'Planung initialement zougesprach kritt huet, huet de Conseil dozou beweegt, eng Opléisung vum Kontrakt 2020/21 ze maachen, wat denken ech och ganz wichteg an och richteg war.

An nach ëmmer ass een op der Sich no engem neie Planungsgrupp, deen theoretesch sollt um initiale Projet weiderschaffen. Dass dat net esou einfach ass, dass do kee sech drëm räisst, ass logesch. De Staat wollt 433 Milliounen. an d'Südspidol investéieren. 44 Milliounе sinn investéiert ginn. Nächst Joer, sou sot d'Ministesch, soll eng nei Estimatioun vum Budget gemaach ginn. D'Finanzéierungsgesetz vun deem Südspidolsprojet vun 2018 sollt laut Ministesch adaptéiert ginn. Ugepeilt ass elo 2031, wou d'Gebai sollt opgoen. D'Terrassementsaarbechten, hu mer héieren, solle scho gutt virukommen. Den Dokter René Metz, de medezineschen Direkter, huet gesot dass awer elo an engem Interview op RTL, dass muss an aktuelle Spideeler vum CHEM nach muss moderniséiert ginn. Dat ass jo eng gutt Nouvelle. Am RTL Interview vum 27.8. huet e ganz konkret gesot, wat zu Nidderkuer gemaach soll ginn. Do soll eng Renovatioun gemaach ginn an do soll eng Fotovoltaikanlag kommen. Vun Diddeleng war keen ee Wuert ze héieren an deem Interview an och an der geschriwwener Press steet guer näischt iwwer Diddeleng. Ech denken mir mussen dohannert sinn an och wierklech konkret froen: Wéi steet et mat den Investissementer an eist Spidol? Der Zahn der Zeit, der nagt. Dir gesitt et. Do musse mer viru maachen. Et war ëmmer geduecht ginn 2023 stéing d'Südspidol an da kéint een nei plangen, mee elo ass dat rëm eng Kéier ëm awer optimistesch 8 Joer no hanne geréckelt. Dofir, lo geet et drëm, dass mer eis staark maachen an Diddeleng. A wat ass elo konkret um Dësch, wéi et zu Diddeleng weidergeet?

Et gëllt dofir ze suergen, dass mir zu Diddeleng net vergiess ginn. Alleguer hei bannen hunn en Interêt drun, dass mer Neel mat Käpp maachen an eng konkret Planung fir d'Zukunft an der medezinescher Versuergung vun eise Leit hei zu Diddeleng op den Dësch leeën. Ech géif mer eng Éier draus maachen, dem Här Buergermeeschter zur Säit ze stoen an him de Réck ze stäipen a mech staark ze maache fir de Site Diddeleng. Dat läit mer wierklech um Häerz an och déi ganz Evolutioun vun der Medezin. Et ass elo wou et gëllt. Ech begréissen och nach eng Kéier explizitt, dass an der Schäfferotserklärung stoung „le maintien d'une médecine de proximité par une couverture médicale de base nous tient à coeur". Nous aussi. „L'offre de la polyclinique gérée par le CHEM sera maintenue et consolidée". Ech denken dat ass och wichteg, dass mer dat an der Schäfferotserklärung dra stoen hunn, well Dir wësst iwwert de Summer war d'Poliklinik zou. Nidderkuer, déi hunn et awer elo sou gemaach, dass si ab 1. September hir Poliklinik awer erëm vu 7 Auer moies bis 8 Auer owes op hunn an och de Weekend vun 8 Auer bis 8 Auer owes. Zu Diddeleng hu mir just an der Woch lo réischt ab dem 15. September net ab dem 1. September, d'Poliklinik op vun 8 Auer bis 16 Auer a keng Disponibilitéit fir de Weekend.

Ech weess awer vun Dokteren déi hei schaffen - dat ass eeben och flott, well ech wierklech e gudde Kontakt hu mat de Leit, déi hei och déi medezinesch Versuergung maachen - déi sinn net ofgeneigt, fir awer eng Presenz hei ze hunn. Och d'Personal ass bereet, fir méi Presenz hei zu Diddeleng ze maachen. An dofir denken ech och, dass et einfach wichteg ass, dass mer wierklech mat geballter Kraaft an dem CHEM Verwaltungsrot eis asetzen, dass Diddeleng net vergiess gëtt. An der Schäfferotserklärung steet och „nous analyserons la possibilité d'une extention des prestations hospitalières". D'Fro ass, wéi stelle mer eis dat vir? Do musse mer dat och natierlech konkret faassen an och wëlle

mer nach wierklech e Spidol oder wëlle mer just Poliklinik, Imagerie asw.? Dee Saz, dee ganz wichteg ass: „Les services offerts au sein de la polyclinique seront rendus plus visibles pour le public“. Il y a du pain sur la planche, an ech si mega motivéiert fir do matzeschaffen an dofir hunn ech meng Kandidatur gestallt. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Ech géif dann och e puer Wieder soen. D'Madame Kayser huet scho ganz vill gesot, betreffend eisem Spidol. Ech wëll och hei erklären: A menger Untrëttsried hunn ech och gesot, dat ech mech ganz vill fir d'Gesondheet wäert asetzen. Wat d'Proximitéitsmedezin, an d'Poliklinik betrëfft, do wäert ech mech och wëllen mat allem asetzen, wou ech kann, fir dass mer déi Saachen hei zu Diddeleng behalen. Ech hat dat deemools scho gesot an dat ass elo och net anescht. An och do soen ech, dass de CHEM déi richteg Plaz ass, fir eeben do kënnen ze intervenéieren, dass mer déi Saachen och all hei zu Diddeleng behalen. Ech hunn och eng gewëssen Zesummenaarbecht scho mam CHEM gehat iwwer d'Joren duerch meng Aarbecht um 112 ganz als Member vum CGDIS. Wéi gesot, d'Madame Kayser huet ganz vill Saache gesot an ech sinn och do voll där Meenung, dass mer eis do mussen asetzen, dass mer déi Saachen hei zu Diddeleng behalen. Eng Proximitéitsmedezin, Poliklinik, dat ass e ganz wichtege Facteur, dee mer hei musse behalen. Ech hat och deemools ugekënnegt, matt der ALA ze kucken, ob een do mam Spidol net villäicht eppes kann zesumme maachen. Och dat ass eng Zesummenaarbecht mam CHEM an et ass do wou mer am CHEM mussen intervenéieren, fir eeben esou Projeten villäicht och kënnen dann hei op Diddeleng ze kréien. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci. Ech mengen, ech ginn net haut op d'Politik vum CHEM an. Mir hu jo en Delegéierten ze designéieren. Et ass e puer Mol ugeklongen: Mir hunn eng Deklaratioun vum Schäfferot, wou mer e puer Saache wëllen ëmsetzen, fir souwuel d'Entwécklung vum Südspidol, déi der ganzer Regioun zegutt kënnt, wéi och der Ofsécherung vun Nidderkuer an Diddeleng. Ech mengen dass dat u sech eng Aufgab ass, déi net nëmmen déi Diddelenger Vertrieder am CHEM hunn, mee och alleguerten déi nei Vertrieder aus deenen anere Gemengen. Et ass am Fong fir dass d'Versuergung vun deene jeeweilege Gemengen an um regionale Plang kann ofgeséchert ginn. Dëst gesot, misste mer dann hei d'Bulletinen ausdeelen, fir dass mer dat och kënne stëmmen.
Mir brauchen zwee Leit fir dat Ganzt auszezielen. De Patrick iwwerwaacht dat. Vläicht och nach ee vun der Oppositioun dobäi. ***19 an der Urn. Da fänke mer u mam Auszielen. 10 fir de Roby Goergen, 8 fir d'Michèle Kayser an 1 Enthalung.*** Merci, da kënne mir dat esou aktéieren.

*Vott vun de Punkten 7.1. - 7.10. an 8.2. - 8.6.*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann dierfe mer awer net vergiessen, déi aner Delegéierten ze stëmmen, an deenen aneren Syndikater, respektiv ASBLen. Lo sinn eng Rei Memberen awer raus, lo ass de Gemengerot net komplett. Da stëmme mer mat de Membres présents of. Wien ass dofir, sou wéi d'Propos hei virläit? ***Dat ass dann unanime.***



# 9. COMPOSITIOUN VUN DE COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES AN DE KOMMUNALEN AARBECHTSGRUPPEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech weiderfuere mat de Kommissiounen. Déi verschidde Parteien hunn hir Leit gemellt. Mer hu jo och verschidden Delegéierten och aus verschidde Servicer och als Expert. Déi Kommissiounen, déi mer besetzen ass d'Schoulkommissioun, d'Loyerskommissioun, d'Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul, d'Finanz- an d'Budgetskommissioun, d'Bautekommissioun, d'Circulatiouns- a Mobilitéitskommissioun, d'Kulturkommissioun, d'Jumelage- an Tourismuskommissioun, d'Subsidekommissioun, d'Sport- a Fräizäitkommissioun, d'Hygièneskommissioun, d'Ëmweltkommissioun, d'Jugendkommissioun, d'Drëtten-Alter-Kommissioun, d'Familljekommissioun, d'Sécherheetskommissioun, d'Kommissioun fir d'Egalité de chance et la non-discrimitnation, d'Kommissioun des Actions sociales, di mer nei geschafen hunn, de Groupe de travail Aménagement communal Programme d'action local, de PAL, an den Team Naturpakt an de Groupe de travail „Gesond Diddeleng“ an de Groupe de travail „Promotion du centre commercial“ an dann och nach ofschléissend, wat jo och wichteg ass, dass am Fong de Pool vun de Remplaçanten, wou all Partei och seng Remplaçanten dann effektiv well hunn. Ech géif proposéieren dass mer och, sou wei dat hei opgebaut gouf, dass mer dat och am verbatim vum Gemengerot sou produzéieren da weess een och wien déi Membere sinn. Ech erspueren Iech elo hei jiddereen nominativ vun de verschiddenen Parteien ze nennen, dat géif e bësse laang daueren. Voilà. Jo Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Buergermeeschter fir d Wuert. Wéi frou ware mer wéi mer an der Schäfferotserklärung gelies hunn „Le collège des bourgmestre et échevins reste ouvert à toute nouvelle idée qui permettrait de faire avancer Dudelange indépendamment de sa formulation par la majorité ou par l'opposition. Les propositions soumises seront analysées en fonction de leur faisabilité, leur valeur ajoutée et nos moyens financiers.“ Mir als CSV hunn eng Propositioun ze maachen. Dir wësst wat elo kënnt, mir schwätzen iwwer d'Presidencë vun de Kommissiounen.
Am Gemengereglement an och an eisem Règlement d'ordre interne steet dran „Le conseil communal nomme les présidents des commissions qui doivent faire partie du conseil communal et les membres des commissions

consultatives qui doivent être membre du conseil communal" steet dran an net „qui doivent être membre de la majorité du conseil communal". Nodeems mer eis gëeenegt haten an de Kommissioune siwe Membere vun der Majoritéit a sechs Memberen vun der Oppositioun opzehuelen, ass eis Propos oder eis Fro, ob et dann net elo och un der Zäit wär, en Zeechen ze setze, en demokratescht Zeechen ze setzen, dass mir allen 19 hei banne gläich vill Wäert sinn, mir allen 19 goufen hei hinner gewielt, mir vertrieden allen 19 d'Awunner vun eiser Stad. De Schäfferot leet grousse Wäert op Participatioun, d'Participatioun an d'Biergerbedeelegung ass wichteg seet de Schäfferot, dat soe mir och. Mee Biergerbedeelegung a Participatioun zouloossen ass eng Saach vu politeschem Wëllen.

An eisen Ae fänkt d'Biergerbedeelegung hei bannen un. Mer allen 19 si participativ demokratesch gewielt ginn. D'Majoritéit huet 50,1% vun de Bierger hannert sech, d'Oppositioun 49,9 %. Mir wëllen allen 19 hei konkret matschaffen, eis Talenter abréngen, eisen Know-how an den Déngscht vun Diddeleng setzen. Och bei der Oppositiounspartei si Leit, déi mat Freed géifen eng Presidence vun enger Kommissioun iwwerhuelen. Verschiddener vun eis si scho laang an de Kommissiounen aktiv, géifen sech direkt dran erëmfannen. Anerer hunn de Bëss fir vläicht neie Wand an eng bëssen ageschlofe Kommissioun eranzebréngen, vläicht eng nei Dynamik eranzebréngen. Nach anerer géifen, duerch hire jonken Alter zum Beispill, gutt a glafwierdeg eng Jugendkommissioun presidéieren. Mee dofir elo zu eise konkrete Proposen. Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, mir als CSV proposéieren de Punkt 9 „Composition des commissions consultatives communales et des groupes de travail communaux" an zwee Punkten opzedeelen.

Den éischte Punkt d'Membere votéieren an den zweete Punkt zu de Presidencen. Do maache mir eng Propos, dass och d'Oppositioun vun de 16 fakultative Kommissioune Presidencë vun zum Beispill siwe Kommissioune kéint kréien an d'Majoritéit néng Presidencë kéint kréien. Dat wier en Zeechen un eis, un eis, un d'Conseilleren dass Dir eist Mandat, dat mir vum Bierger kritt hunn, als valorise ugesitt, an e Message no baussen, dass Dir et mat der Participatioun an der Politik eescht huelt. Sot elo net, déi aner Gemenge wou d'CSV Soen huet, do ass dat selwecht, dass just déi majoritär Memberen aus dem Gemengerot d'Presidencë vun de Kommissioune kréien. Ech denken hei kéint Diddeleng jo mol eng Virreiderroll spillen a weise wei et richteg ass an demokratesch. Et muss een den éischte Schrëtt maachen, firwat net Diddeleng?

Dir selwer géift jo als LSAP-Schäfferot och gutt do stoen als déi open-minded Politiker déi an hirem Slogan dat Wuert zesummen net midd ginn ze ënnersträichen. Abee, hei hutt der d'Geleeënheet fir ze weisen dass zesummen net nëmmen en huele Slogan ass. Dofir eis Propos nach emol - komm mir wielen d'Kommissiounsmemberen eenzel an dann duerno kucke mer mat de Presidencen, wei gesot, eis Propos ass jo siwe Presidencë vun der Oppositioun ze besetzen an néng Presidencë vun der Majoritéit. Firwat froe mer dat elo? Ma well an der leschter Legislaturperiod, souwuel 2020 wie och 2021 zu deelweisen Demissioune vu Presidenten aus dem Gemengerot et och esou war, dass fuschnei Conseilleren, natierlech LSAP Conseilleren, einfach d'Presidence vun engem anere Conseiller sortant iwwerholl hunn.

D'Oppositioun gouf net gefrot, ob an hire Reie vläicht ee wier, deen de vakante Presidenteposte wéilt iwwerhuelen. En outre war et och esou, dass 2020 och einfach e Bäumchenwelchseldich ënnert de Presidente war, di ënnert sech Presidencë getosch hunn. D'Oppositioun, dat well ech och just hei vläicht fir di Leit di deemools nach net dobäi ware soen, d'Oppositioun huet sech 2020 an awer och 2021 bei dëse Changementer sou ausgesprach dass se déi net matgedroen hunn. Wéi gesot, et huet nach 2021 geheescht dass d'Presidente vun de Kommissiounen am Ufank vun der Legislaturperiod opgedeelt goufen. Wat heescht hei opgedeelt? Se goufen der LSAP zougesprach. Jo, mir als d'Oppositioun haten dat 2017 matgedroen. Mir waren deemools sou euphoresch, well mer einfach vill méi Memberen an de Kommissioune kritt hunn a mir haten, wie géif ee soen das Kleingedruckte net matgelies, dass wa mer déi Kommissioune matstëmmen dass mer automatesch och d'Presidencen à vie, dat heescht wärend der ganzer Legislaturperiod, géife matstëmmen. A mer hunn an eiser Naivitéit gemengt, dass awer schliisslech, wann awer ee President géif ophalen, dass awer villäicht och een aneren eng Chance hätt, eng Presidence ze iwwerhuelen. Neen, dat ass fest an der LSAP-Hand bliwwen an do war och näischt ze rüttelen. Mer krute gesot 2017 hutt dir dat duerchgewénkt also gelt dat fir di ganz Legislaturperiod. An Ärer Interpretatioun dass eebe just LSAP-Conseillere Presidenten dierfe sinn. Dofir, mir sinn elo nees am Ufank vun enger Legislaturperiod, a mir sinn dës Kéier bësse méi um Qui vive an och bësse méi clever wéi deemools, mir sinn net averstanen dass d'Majoritéit all Presidente vun de Kommissioune stellt.

Mir sinn awer selbstverständlech averstane mat der Kompositioun vun de Kommissiounen an dofir wie gesot nach eng Kéier eis Propos: Mir froen e Verschib vum Vott vun de Presidencen, wann Dir op de Wee matgitt, an der Oppositioun och en Deel vun de Presidencen ubitt, da géife mir eis zesummesetzen an eis Proposen di nächste Kéier am nächste Gemengerot am Oktober presentéieren. Wann dat elo awer net de Fall ass, da froe mer e getrennte Vott fir d'Membere vun de Kommissiounen an ee Vott fir d'Presidenten. Dat ass am Fong déi Revendicatioun déi mer hunn. Also wéi gesot, entweeder verschibe mer de Vott bis den Oktober an Dir proposéiert eis och e puer Presidencen oder wéi gesot, wann dat net de Fall sollt ginn, dann hätte mer gären zwee Votten, ee fir d'Presidencen an ee fir d'Memberen. Voilà dat war eis Revendicatioun vun der CSV déi mat eis an eisem Kommitee ofgeschwat ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Ech menge mir hunn den heiten Dossier opbereet, ech héieren hei siwen-néng. Dir sot dat hei mëndlech, ech menge mer hunn dat heiten opbereet punkto Kompositioun wat d'Kommissiounen ugeet. Ech mierken dass och nei Leit hei och proposéiert ginn d'Presidentschaft ze iwwerhuelen déi och nei hei ragewielt goufen, niewent deenen hei och scho bestoend Kommissioune bis elo

presidéiert hunn an ech mengen dass een och wann ee motivéiert ass sech sécherlech ka wéi gesot och abréngen, aschaffen och wann effektiv an dëser Propos hei virläit, dass d'LSAP d'Presidence huet. Ech mengen dat soll net een hënneren, sech mat ze implizéieren, egal zu wéi enger Partei dass een och deementspriechend gehéiert. Ech deelen am Fong dann déi Approche, déi d'Madame Kayser hei huet absolut guer net.

Et soll een net dovunner ofhängeg maache wéi säin Engagement an enger Kommissioun soll sinn. An ech sinn éischter der Meenung, dass effektiv iwwert dat soll ofgestëmmt gi wat och hei vum Schäfferot präparéiert gouf fir de Gemengerot, ausser d'Kolleegen hätten hei eng aner Meenung oder wéilten aner Propose maachen. Et ass op alle Fall esou, wéi mir et à ce stade gesinn. Ech mengen zesumme kann en och an dësem Kontext ouni Problem fir d'Interêten vun der Staat Diddeleng schaffen an ech mengen insgesamt in globo, wëll ech Iech awer soen, ech kommen dorobber zeréck, hu mer hei, ech ginn nach eng Kéier op d'Syndikater zeréck, eng Ouverture gemeet, wou Der kënnt matschaffen, och an de Syndikater. Well ech soen Iech ganz éierlech, ech hunn a ganz villen Gemengen nogefrot, a bon ech well Iech net soen, wat déi aner Buergermeeschteren dovunner gehalen hunn. Toutes couleurs politiques confondues. Och an eiser eegener. Voilà, dofir mengen ech dass mer dat heiten sou sollen ofstëmme wei et hei steet a voilà da muss jiddereen seng Responsabilitéit huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also mer hu jo alt scho mol bei den Exercicen 2021 an 2020, do hu mer et dann awer wéinstens sou gemaach, well da war jo ëmmer sou e Remaniement an och nei Memberen an eng Kommissioun komm, dann hu mer awer zwee Votte gemaach. 2021 an 2020. Do hu mer d'Membere votéiert an an enger zweeter Phase sinn d'Presidente votéiert ginn. Firwat geet dat hei lo net?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech hu kee Problem wann ee wëll d'Membere vun der Kommissioun stëmmen an dann d'Presidente separat. Jo. Mee ech soen un der Kompositioun hei ännert näischt et ass eebe just d'Verfare vum Vott dat ännert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Meng éischt Iddi war jo mer kréie Presidencen, wa mer déi net kréien dann hätte mer wéinstens gären e separate Vott. Ok?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo ech fannen di Propos am Fong vun der Madame Kayser relativ flott dat an zwee einfach opzedeelen, well dat effektiv géif erméiglechen sech dann eeben an dem Sënn zumindest, och wann et dann aussiichtslos ass fir eng Presidence ze kréien, sech awer zumindest sou kennen ze positionéieren, wuelwëssend dass mer natierlech de Vott dann och sou akzeptéiere wäerten, wei en auswäert goen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Als Member vum Gemengerot an als Member vun enger konstitutiver Kommissioun kann ee sech ëmmer positionéieren wann ee well. Dir hutt en ëffentlecht Mandat, Dir kënnt Iech ëmmer positionéieren.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech well just nach e Saz dozou soen. Also ech hunn an der leschter Legislaturperiod e puer Kommissioune presidéiert an ech hoffen dass ech do ëmmer e ganz oppent Ouer hat an dofir déi Dynamik déi an enger Kommissioun stattfënnt, déi ass fir jidderee selwecht, dat heescht, an och fir all Partei. Passt op wat fir Leit dir och dohinner nominéiert. Dass net fir einfach nëmme Leit dohinner ze schécken, mee et mussen och Leit sinn, déi matschaffen, an déi do sinn, an déi Projeten ëmsetzen. An herno och wann iergendwou e Fest organiséiert gëtt oder sou, déi Hand mat upaken. Do ass dann heiansdo och datt een allein auf weite Flur steet, herno wann et dréms geet. Also do kann een awer och sech mat abréngen, do kann een als Team schaffen, do kann een Afloss huelen, do kann een Iddie verwierklechen. Also dat ass awer mengen ech eppes, do kann een eng ganz grouss Satisfaktioun kréien an och seng Iddien mat realiséieren wann een nëmme wëll. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madame Kayser, ech wéilt deem och nach eng Kéier ganz kloer och zoustëmmen, dass et wichteg ass, dass een, wann ee Leit an d'Kommissioune setzt, dass déi sech och an der Kommissioun engagéieren, egal fir eng politesch Couleur dass se hunn. Well mer haten oft där Situatiounen, effektiv wéi d'Madame Kohn et gesot huet, alleine auf weiter Flur, wou d'Kommissioun eppes sollt organiséieren a wou just zwee, dräi Leit aus der Kommissioun, an ëmmer déi selwecht, organiséiert hunn. Mir kënnen awer och eng Kéier eng Diskussioun de ce genre hei feiere wéi se géifen an Ären eegene Memberen an insgesamt, da muss een och selbstkritesch mat sech selwer sinn. Et dierf een net nëmme fuerderen. Mee et muss en och selbstkritesch mat senger eegener Partei sinn. An ech well nach eppes bäifügen. Ech hoffen, dass an dëser Period déi elo kënnt, net dat selwecht geschitt wat déi lescht Period och geschitt ass. Ech wëll net virgräifen, mee an der leschter Period hu mer e Member, en neutrale Bierger, an enger Kommissioun gehat, dee Member vun enger Partei war. Ech hoffen dass dat, ech nennen elo keng Partei, ech nennen och keen Numm, ech hoffen dass dat fir d'éischt a fir d'lescht war. Hei kann ee wierklech iwwer Transparenz schwätzen, iwwer zesummen an hei an do, mee et muss een och eng intellektuell Éierlechkeet hunn. Ech hu konstatéiert dat déi net war.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech well just dozou soen, dee vun deem Der schwätzt, deen hat nach keng Memberskaart, wou déi lescht Finanzkommissioune waren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann hätt en och net dierfen an eng Finanzkommissioun kommen. E war Kandidat op der Lescht.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Awer réischt Member gi ganz kuerz virun. Neen, en hat keng Memberskaart virdrun. Ech kann Iech den Datum gi wou de Mann eng Memberskaart kritt huet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass mir egal.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wann Der sou perséinlech gitt, da muss ech awer och dorobber äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech hunn den Numm vum Här net gesot.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo mee dat war elo ganz kloer.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech well just soen, dass een éierlech do soll sinn. Ech menge soss kann ee jo e Member als Partei nennen. Den neutrale Member wäert an engem nächste Gemengerot Bierger noméieren an d'Kommissiounen. D'Viraussetzung ass déi, dass se net Member sinn a wann se bis Member sinn, da sollen se effektiv demissionéieren oder der kënnt se an Äre Pool des remplaçants nennen, an da kënnt Der se do asetzen. Dat ass de Prinzip vum Bierger, dee mer hei wäerten an engem nächste Gemengerot stëmmen. Vertrieder vun de Bierger.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt awer nach eppes dozou soen zum Engagement an de Kommissiounen. Selbstverständlech ass dat och wichteg, dass mer Leit dohinner schécken, déi Loscht hu matzeschaffen a mer ginn eis do ëmmer Méi, dass d'Leit och hire gewëssene Know-how matbréngen. Mee Dir wësst och ganz genau, mer haten awer och an de leschte Legislaturperiode Presidenten, déi awer och complètement dépassé par le thème waren. Dat musse mer awer och soen, déi si jo och dunn ausgewiesselt ginn. Dofir, fir nëmme Präsident well een LSAP-Conseiller ass, dat sief dohinner gestalt. Mee ech wollt awer trotzdeem nach froen, firwat wiert Dir Iech dogéint, fir d'Presidencen opzemaache fir aner Parteien? Well de Präsident soll jo just en bon père de famille eng konsultativ Kommissioun leede, e soll Iddie mat de Memberen opgräifen, diskutéieren, e Rapport maachen, wou och vläicht en Appell ass un all déi Presidenten, dass mer vläicht déi Rapporten och eng Kéier kréien, well dat ass jo och nach laang net ëmmer de Fall gewiescht. An dee President, dee solle Loscht hunn an Zäit hunn dës Kommissioun ze leeden an e soll e gewësse Know-how matbréngen.

An ech hoffen och wéi gesot, wann Dir eis elo scho perséinlech Saache virwerft, dann hoffe mer och, dass mer guer näischt méi ze monéieren hunn an der nächster Legislaturperiod. An ech verstinn nach ëmmer net, firwat Der dat net wëllt opmaachen. Och wann Der sot, déi aner Gemenge maachen dat net. Mee Dir mat ärem Slogan zesummen, firwat maacht Der hei kee Point? Musst Der eppes verstoppen? Wësst Der wat d'Leit dobausse soen? D'Leit soe majo dat ass jo ganz normal dass si nëmmen den LSAP-Memberen eng Presidence gi, well da kréien déi e Schlëssel vun der Gemeng. Well dass esou, si hunn all e Schlëssel vun der Gemeng a mir hu keen. Oder ass et esou dass der bësse méi deck Jetone krit, dat ass net dramatesch vill, firwat kréien mir keng? Oder ech schwätze just wat d'Leit dobausse soen. Firwat ass et esou? Ass et vläicht sou, dass keng gewëssen Transparenz an de Budgete vun de Kommissioune gewënscht ass? Wéi gesot, da loosst Iech dat da mol eng Kéier op der Zong zergoe wat d'Leit, oder an den Oueren zergoen, wat d'Leit dobausse soe firwat Dir dat net wëllt. Also wéi gesot, dat ass nëmme Spekulatiounen, ech hunn dat net gesot. Dat ass mat engem Fragezeichen wat ech alles hei gesot hunn. Mee wie gesot, dont acte, a mir huelen dat dann zur Kenntnis a mer wäerte jo da kucke wéi de Vott dann ausfält.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Dierf ech nach eppes soen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Also d'Madame Kayser schéngt lo hei dat alles e bësse ganz perséinlech ze huelen. Ma neen! Well wat dir elo alles op CSV bezitt. Mee meng Remark virdru war eigentlech méi allgemeng, gell. A firwat mir dat net opmaachen, Also elo mol nach eng Kéier well Dir elo gesot hat Transparenz vum Budget. Also an der Kommissioun, do kann alles diskutéiert ginn. Do kann een och soen, komm mer kucken eis eng Kéier eise Budget un. Also do ass kee frontal Unterrecht gell? Do ass Teamwork gefrot. An do kann ee sech als einfache Member ganz vill abréngen. De Wieler huet awer elo mol eeben esou decidéiert, datt mir hei d'absolut Majoritéit hunn a mir géifen déi gären halen och an de Kommissiounen, duerch d'Kommissiounen. Dat heescht awer net, datt do näischt méiglech ass an deene Kommissiounen. Ech géif mir wënschen, mir hätten en oppenen Austausch, konstruktiv, flott, kreativ, also fir vläicht fir Äre Sproochgebrauch ze huelen – Halleluja - well dat ass net ëmmer de Fall.

An dofir soen ech nach eng Kéier, wann Dir Iech wëllt mat abréngen, wann Dir tatsächlech flott Kommissioune wëllt, dat hënnert Iech absolut net. Dat huet och näischt mat Transparenz ze dinn. All Mënsch kann an der Kommissioun soen „Komm mer kucke mol eise Budget". Dat ass wierklech en Team, eng Equipe. An do setzt ee Saachen ëm, do mëscht ee Projeten, do gi Fester organiséiert. An et geet awer och net duer, fir dann do ze sëtzen, mee da wann d'Fest do ass, da muss awer dann och mat Hand ugepaakt ginn. Oder mol nei Iddien entwéckelen. Dofir, et läit och net alles ëmmer um President. Hein? Dat ass wuel, deen ass responsabel, dee muss dat Ganzt e bësse geréieren, mee déi eenzeg Lokomotiv ass dat net. D'Kommissioun am grousse Ganzen ass do gefuerdert. An dofir, et gëtt näischt verstoppt, alles ass méiglech, wann een do als Team funktionéiert an dat war bis elo bei mir ëmmer de Fall. Da kann dat ganz flott sinn. Ech géif mer e bësse méi Participatioun erwënschen, dat war awer lo net nëmmen an Är Richtung, also huelt et net perséinlech, mee dofir wënschen ech mir einfach, datt wa Projete gemaach ginn a wa Saachen ëmgesat sinn, datt deen Dag selwer och net nëmmen zwee Leit um Terrain sinn. Dat ass alles. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà Merci. Fir deem kënne Rechnung ze droen dass d'Kommissiounen aktiv kënnen da schaffen a sech abrénge, géif ech da proposéieren dass mer zum Vott… Ah pardon! Ah Herr Goergen pardon!

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wollt just nach bäifügen, ech mengen d'Kommunikatioun ass eppes wat a ville Plazen ëmmer e

bëssen e Stéifkand ass, mee ech mengen, et war an engem informelle Gemengerot, wou mer matgedeelt krut hunn, den neie Share-point, an do ass eng Plaz virgesi fir d'Rapporten ze setzen, an ech menge wa mer se do dropsetzen, dann huet och all Mënsch vun hei ëmmer d'Méiglechkeet, um leschte Stand vun de Kommissiounen ze sinn. Merci.

*Vott vun de Punkte 9.1. - 9.22.*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Voilà ech géif da proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Dann géife mer zwee Votte maachen. Engersäits d'Kompositioun vun de Kommissiounen, dat ass dann deen ee Vott. An dann deen anere Vott ouni elo dat nominativ mee wie gesot mer publizéieren et dann herno par rapport zu de Presidenten. Ween ass elo mat der Kompositioun vu de jeeweilege Kommissiounen, souwéi se hei virleien averstanen? Dat misst jo dann normalerweis d'Unanimitéit sinn. Dat ass de Fall.

***Wien ass da mat de Presidencë vun de jeeweilege Kommissiounen sou wéi se hei proposéiert sinn net averstanen? Net averstanen, dat ass d'CSV. Wien enthält sech? Dat ass déi Lenk, an déi Gréng an ADR. Fänke mer nach eng Kéier un. Wien dogéint war? Wien enthält sech? Déi Lénk an déi Gréng. Wien ass dofir? Dat ass d'LSAP, d'DP an den ADR.***

Villmools Merci. A wéi gesot an engem nächste Gemengerot wäerte mer dann d'Biergervertrieder stëmmen. Dann nach eppes zum Klima-Team.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP) - SCHÄFFEN: An am nächste Gemengerot wäerte mer dann d'Klimateam stëmmen. Dir wësst, dass do all Partei, dei am Gemengerot vertrueden ass, een Vertrieder huet an dee musse mer da frësch besetzen. D'Klimateam selwer, sou wéise 2021 gegrënnt ginn ass bleift komplett sou zesummen. Et gëtt lo kee Sënn, no sou enger kuerzer Zäit erëm eng Kéier déi ganz Prozedur ze maachen an e ganz neit Klimateam ze wielen. Si hu mol nach net zu 100% konnte richteg schaffen. Dofir géif ech proposéieren, d'Klimateam tel quel wéi mer et hunn ze halen an da wéi gesot just déi vakant Plaze vun de parteipolitesche Vertrieder nei ze besetzen. Dat maache mer da wéi gesot am nächste Gemengerot.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do muss ausgeschriwwe ginn. Dat ass en neit Gesetz, dat huet eng nei Denominatioun, dat ass en neit Gesetz iwwert de Vivre ensemble, dat heescht, do muss ausgeschriwwe ginn, do komme mer nach eng Kéier drop zeréck.



# 10. PERSONAL

## 10.1. AVIS ZE GINN IWWERT D'DECISIOUN VUM VERWALTUNGSROT VUM OFFICE SOCIAL FIR D'KREATIOUN VUN ENGEM VOLLZÄITPOSTE FIR EN EMPLOYÉ COMMUNAL, CHARGÉ DE DIRECTION, AN DER CATÉGORIE D'INDEMNITÉ A, GROUPE D'INDEMNITÉ A2, SOUS-GROUPE ADMINISTRATIF

## 10.2. SUPPRESSIOUN VUN ENGEM GEMENGEFONCTIONNAIRESPOSTEN, A2, ADMINISTRATIF

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mer hunn engersäits en Avis ze ginn iwwert eng Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office Social fir d'Kreatioun vun engem A2 Posten, deen de Chargé de Direction vum Office Social soll ginn. Do huet de Verwaltungsrot vum Office social seng Aarbecht gemaach, fir déi Leit ze héieren a fir een zréckzebehalen. Hunn deen och am Verwaltungsrot gestëmmt. Un eis ass et am Fong dat heiten ze validéieren. Dat ass am Fong d'Prozedur déi hei, andeems mer dann och automatesch eng Création de poste maachen.

Den Office social huet seng Decisioun den 28. Juli geholl. Mir géifen dann dee Posten hei kreéieren, well de viregten Chargé - dat ass mengen ech déi zweet, dofir wollt ech op den zweete Punkt iwwergoen - jo fortgaangen ass. Dee war jo Staatsbeamten, ass eent zu eent eriwwergeholl ginn. De Posten hate mir geschaf, dofir ass dann och hei d'Propose, dass deen dote Posten vum Fonctionnaire communal an der A2-Karrière ofgeschaaft gëtt- deementspriechend dann de Parallelismus. Froen dozou? Dat ass net de Fall.

Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 11. MOTIOUN FIR D'AFÉIERUNG VUN ENGEM SERVICE „WALTAXI" („TAXI-ÉLECTIONS")

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass eng Motioun vun deene Lénken fir e Waltaxi anzeféieren. An ech géif der Madame Thoma d'Wuert ginn, fir dass si kann op hir Motioun agoen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech brauch och net vill ze soen, well ech mengen d'Motioun ass eigentlech selbsterklärend. Mir wëssen dass déi nächst Wale virun der Dier stinn an déi iwwernächst och virun der Dier stinn. A vu dass jo Diddeleng relativ grouss ass an et all Quartier quasi Walbüroe gëtt, mee heiansdo ass déi Opdeelung e bësse komesch. Ech hunn z.B. fréier nieft der Briller Schoul gewunnt, mee ech sinn ëmmer op Ribeschpont wiele gaangen. Fir mech war dat guer kee Problem, mee et gëtt jo awer eng Rei eeler Leit a Leit déi entweder definitiv oder provisoresch net esou gutt op de Been sinn a villäicht och net kënnen Auto fueren. Mir hu virdrun héieren, lo hunn ech d'Zuel net méi am Kapp, dass 24% Bréifwal ugefrot hunn, wat natierlech schonn enorm ass, mee ech mengen och virun allem eeler Leit, déi ginn ëmmer nach gären an de Walbüro. Ech verstinn dat och ganz gutt. Ech maachen dat och ëmmer ganz gär, wann ee Sonndes moies do d'Leit begéint an ee sech e bëssen ënnerhält, wann een an der Schlaang steet. An dowéinst hu mer als Déi Lénk geduecht, dass et eigentlech flott wier, wann d'Gemeng géing sou eppes wéi e Service Public ubidden, dass déi eeler Leit, Leit mat engem Handicap oder mat enger Verletzung oder sou, déi de Moment net esou gutt op de Been sinn, dass déi kéinten e Transport an hire Walbüro an natierlech nees zréck heem garantéiert kréien vun der Gemeng.

Ech hu mer mol soe gelooss, dass et sou eppes zu Keel gëtt. Ech hunn och gelies, dass d'Stad Lëtzebuerg dat och schonn emol ugebueden huet. Dat ass eis Propos, dass d'Gemeng dee Service Public - mir hunn och schonn e Numm proposéiert: „de Waltaxi" - dass dee géing fir all déi nächst Walen - ech hunn och „Referendum" dobäigeschriwwen, alles wat eeben obligatoresch Wale sinn, wou d'Leit solle vun doheem an e Walbüro goen an erëm zeréck. An dann ass natierlech och wichteg, dass dat ëmmer mat Zäiten annoncéiert gëtt. Fir déi nächst Walen ass dat natierlech e bësse kuerzfristeg. Do kënnt lo kee Bliedche méi eraus, wou een dat kéint annoncéieren, mee um Internetsite, am Rider, am elektronesche Rider, an an an. Ech mengen dass dat ganz flott wier, wann d'Gemeng géing op de Wee goen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madame Thoma, fir déi doten d'Erklärung. Ech ginn elo op e puer Punkten an. D'Claudia huet och nach eng Rei Informatiounen ze ginn, wat de ganze Volet vun der Mobilitéit ugeet. Virop kann ech soen, dass fir eis als Schäfferot déi Propositioun ganz sympathesch ass an dass mer och d'Initiativ, déi Dir hei geholl hutt och positiv ophuelen an och dat probéieren ëmzesetzen, awer och wëllen evaluéieren. Bei der Ëmsetzung musse mer iwwerpréiwen, ob mer dat en Régie propre maachen oder iwwert bestoend Dispositiver, déi mer schonn hunn. Wat ass „Régie propre"? Dat ass dass mer mam eegene Fuerpark a mam Gemengepersonal oder iwwer de Flexibus iwwert déi fueren, dat muss ee kucken. Et muss ee sech och Gedanke maachen iwwer d'Modalitéiten, well et muss een déi néideg Publicitéit dofir maachen. Dir hutt et richteg gesot: D'Feuille d'annonce, do ass et ze spéit. Mee mir hunn aner Kanéil, wou mer kënne natierlech notzen fir dat ëmzesetzen.
Nach mengen ech muss een och evaluéieren, well fir Diddeleng gëtt et en Challenge. Mir hunn 24% déi effektiv Bréifwal maachen, mee mer hunn awer nach 101983 Wieler, a mir hunn am ganzen 29 Walbüroen an dovunner sinn der 5 Vote par correspondance. Bleiwen also nach 25 Walbüroen.

Do muss een natierlech och kucken, wéi een dat organiséiert. Wéi gesot, mer wäerten dat ëmsetzen, mee mir kënnen eis virstellen, dass een sech do muss am Virfeld umellen, manifestéieren, an aus wéi engem Quartier dass een kënnt an a wéi ee Walbüro dass ee geet. Dat muss ee jo och logistesch, organisatoresch hikréien, och mat den Auerzäiten. Normalerweis kann ee jo vun 8 bis zwou wiele goen oder villäicht dass mer de Service ubidden bis eng Auer, fir sech awer nach eng Reserve ze ginn, well et weess ee jo net, fënnt et vill Usproch, fënnt et net vill Usproch. Dat sinn e bëssen déi Konstellatiounen, déi mer bis de Moment hunn, huelen dat awer mat eran an d'Planung. Op der anerer Säit wollte mer awer och hei ee Passus vun Ärer Motioun e bëssen ëmformuléieren. „A garantir ce service lors de chaque future élection". Mir wollten e bëssen ëmformuléieren. De Patrick spillt dat dann an, well et wierklech déi éischte Kéier ass, éischter e Passus „A évaluer le recours à ce service offert à la suite des élections législatives du 8 octobre 2023, pour décider le cas échéant d'offrir ce service pour les futures opérations électorales ou référendums". Mir mussen dat iergendwann eng Kéier kucken. Do kënne mer eng Kéier gären an de Gemengerot zréckkommen a soen, sou vill Leit hunn et genotzt. Effektiv, lo ass et zimmlech kuerz mam Ëmsetzen. Bei den nächste Walen déi virun der Dier stinn, den Europawalen, do huet ee villäicht e méi groussen Ulaf. Dat muss een e bëssen evaluéieren. D.h. vum Prinzip hir, mengen ech, jo. Nach muss ee kucken iwwer wéi eng Modalitéite mer fueren. D'Claudia huet, mengen ech, nach e puer Infoen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) - SCHÄFFIN: Ech wëll just ganz kuerz intervenéieren. De Waltaxi - mir sollen eis lo och net erwaarden - mir hunn eis elo an de gréissere Gemengen eis e bëssen informéiert, mir sollen eis lo net

erwaarden dass mer mat 200 Leit ronderëm féieren. D'Stad Lëtzebuerg huet hire Service Call a Bus, an dee benotzen se och dofir, an déi hunn eis gesot, se hätten 3 Leit gehat bei de leschte Walen. Esch, par contre, se wëssen de genauen Chiffer net, mee se hunn der ongeféier 10 gehat. Péiteng huet eis keng Chiffere konnte soen. Se haten einfach hire Flexibus sonndes fuere gelooss. Déifferdeng a Suessem, déi bidden dee Service guer net un. Dat sinn elo déi gréisser Gemengen. Et hat lo kee Wäert datt mer an eng Gemeng ugeruff hunn, déi villäicht nëmmen ee Walbüro huet. Dat sinn déi Infoen, déi mir kritt hunn. Mer mussen elo kucken, wéi vill Leit melle sech iwwerhaapt a wéi mer dat an Zukunft wëlle gestalten.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Do soen ech villmools Merci fir d'Erklärungen an ech sinn dann och ganz frou wann zumindest emol d'Majoritéit dat géing matstëmmen. Selbstverständlech, déi konkret Ëmsetzung, et ass kloer dass dat mat der Gemeng ze kucken ass, wat do am meeschte Sënn mécht. Dräi Leit an der Stad Lëtzebuerg, dat ass natierlech léif. Mee et geet jo och net drëm, fir hallef Diddeleng ze transportéieren, mee wann et enger Handvoll oder enger Dose Leit d'Liewe méi einfach mécht, dann ass et alt dat. Ech fannen et einfach flott, wann d'Gemeng dee Service ubitt. Also mat där Propositioun vun der Majoritéit kann ech ganz gutt liewen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wa soss keng aner Remarken oder Froe sinn, da géif ech proposéieren dass mer dat där doter Propos vu Modifikatioun, mat där Dir jo och averstane sidd, Madame Thoma, zum Vott vun der Motioun iwwerginn.

Wien ass mat däser Motioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer lech villmools Merci. An da chargéiere mir eis elo mat der konkreter Exekutioun dovunner.



# 12. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER- A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn dräi Froen, déi erakomm sinn vun der Madame Ahmedova a vum Här Steffen. Wie géif do déi éischt huelen? Claudia?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) - SCHÄFFIN: Ech maachen déi éischt zwou Froen, well déi éischter, zumindest déi eng zum Deel a mäi Rayon falen. D'Kolleegen vun deene Gréng hunn eis Froe gestallt concernant d'Stroossen Edison, Commerce, Libération an op der SUMP, zu eisem Mobilitéitsplang.

1. Ass geplangt de frësch renovéierten Deel vun der Liberatiounsstrooss, Rue du Commerce, nach eemol deenen am SUMP beschriwwenen Objektiver unzepassen? Beim Deel vum Shared Space, also Phase 3, wou der hei uschwätzt, handelt et sech ëm Staatsstroossen, wou de Ministère, respektiv och Ponts & Chaussées plangt, bezilt an och geréiert. An ech hat dat lescht Kéier scho gesot: Nieft der Mobilité douce gëtt et leider och nach motoriséierten Trafic, op dee mer mussen iergendwou Récksiicht hunn an deen och muss fueren. Mir kënnen deen net einfach sou op der Grenz vun Diddeleng stoppen. An et ass eeben och d'Aufgab vum Ministère a vu Ponts & Chaussées op dësem Deel déi optimaalst Léisungen, well et sinn Haaptstroosse vun hinnen, fir de motoriséierten Trafic och ze fannen. D'Achse vun der Mobilité douce a vum motoriséierten Trafic, déi solle getrennt sinn an net beieneen, an dat ass hei och agehale ginn, well d'Achs vun der Mobilité douce ass laanscht d'Gemeng an d'Niddechgaass. Wa mer elo awer géingen an der Rue du ommerce oder an der Rue de la Libération eng separat Vëlospist maachen, da géif natierlech doduerch Plaz fir de motoriséierten Trafic verluer goen an ech brauch lech jo net ze soen, wat et heescht, wann op der Haaptstrooss keng Plaz ass. D.h, datt dee Verkéier sech géif en anere Wee sichen an domat géif eeben och de Risiko klammen, datt deen Trafic nach weider duerch verkéiersberouegt Quartiere géif goen. An dat ass mengen ech net wënschenswäert an et géif och kee vun hei banne gutt fannen.

2. Wisou ass hei näischt vu vir era fir d'Douce mobilitéit mat virgesi ginn? Wéi grad bei der éischter Fro gesot, et handelt sech hei ëm eng Achs vu motoriséiertem Trafic, déi net ka vernoléissegt ginn. En plus ass et d'Entscheedung vum Ministère an der Ponts & Chaussées, wat mat deenen dote Stroosse passéiert a wien herno driwwer fiert.

3. Am Fall vun de Stroossen Edison, Commerce a Libération a virun allen en vue vum Moossnamekatalog aus der SUMP, wier aus der Siicht vun der doucer Mobilitéit näischt virgesinn fir sécher aus dem Oste vun Diddeleng bis an d'Duerf bei d'Commercen ze kommen. Och fir d'Kanner géing eng sécher Struktur fir op de Strutzbierg ze kommen, feelen. Wéi ass et ugeduecht, der Moossnam Nummer 18 aus der SUMP gerecht ze ginn, wou seet datt d'Querunge fir douce Mobilitéit soll verbessert ginn? Och déi ernimmte Stroossen si Staatsstroossen. CR184. An déi si primär geduecht fir de motoriséierten Trafic um kierzeste Wee Richtung Autobunn ze drainéieren. Dowéinst huele si och d'Entscheedung wat hei passéiert an eeben net mir als Gemeng. Wëll heeschen, si mussen och hiren Accord gi bei alles, wat mir op deene Stroosse géinge wëlle maachen oder plangen. Déi opgeléschte Quartieren hu leider och topographesch Barrièren. Ech mengen dat wësst Dir. Sou dass deen eenzegen a séieren Wee d'Staatsstrooss ass. D'Achse vun der Mobilité douce goufen och versicht parallel zu den Haaptachsen ze amenagéieren, mee hei muss leider deen een oder anere klengen Ëmwee, respektiv och Bierg gefuer ginn. Déi bestoend Topographie vun den Haiser op deene Staatsstroossen, déi gëtt och net hir, datt d'Stroosse kënne verbreedert gi fir eng separat Vélospist ze plangen. Mir kënne jo keng Haiser do ofrappen.

Wat d'SUMP ubelaangt: Et ware jo och Vertrieder vun Ärer Partei beim Ausschaffen dobäi, wéi och vun deenen anere Parteien, an dee kann Iech och dofir déi néideg Informatiounen am Detail ginn. Ech wëll an ech kann och hei aus Zäitgrënn net de ganze SUMP-Prozess nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëll awer och kuerz hei kloerstellen, datt de sécheren Iwwergang vun de Foussgänger an och wéi Dir et hei fuerdert vun de Vélosfuerer, net nëmmen en Uleies vun Ärer Partei ass, mee dat war en Uleies vun alle Parteien, déi deemools am Gemengerot waren an déi och an deem Aarbechtsgrupp SUMP matgeschafft hunn. Déi feelend Stécker vum zesummenhänkende Vélosnetz sinn eeben d'Querunge vun de Staatsstroossen. An déi wou scho méi laang dobäi sinn, déi wëssen datt eis Servicer dru sinn an Demandë bei de betraffenen Administratioune gestallt hunn. Dat kascht eeben Zäit, mee et kascht virun allem och Suen herno, bis dat dote kann alles amenagéiert sinn. Dann nach en allgemengt Wuert zur SUMP, wat eeben den nohaltegen Mobilitéitsplang ass. Et handelt sech hei ëm en Dokument, wat och laangfristeg eis Mobilitéit beaflosst. Et goufe Mesuren ausgeschafft, déi zwar d'Impressioun hunn, ganz kuerzfristeg ze sinn, mee oft awer laang brauchen bis se komplett kënne realiséiert sinn.

4. Wisou ass dat net vu vir eran mat virgesi ginn? Bei all de Planunge vu Reamenagementer vun de Stroossen zu Diddeleng, do gëtt ëmmer gekuckt ob eng Mobilité douce-Achs méiglech ass. Leider ass dat net ëmmer de Fall, mee wou et machbar ass, do gëtt et mat geplangt.

5. Ënner anerem hätte scho mussen Upassungen gemaach ginn, wou Eck Liberatiounsstrooss/Rue du Commerce Richtung Match, wou den Eck hannen opgemaach ginn ass fir de Vëlo. Vu datt Nobesserungen ëmmer méi deier ginn wéi vu vir eran ze plangen, wëlle se d'Käschtentransparenz gemaach kréien fir déi gemaachen Upassungen an och vun deenen noutwennege weideren Upassungen. Also de Projet huet wärend dem Chantier geännert, net well iergendeen dat esou konnt virausgesinn, mee well d'Gesetzer geännert hunn. Mir hunn du als Gemeng probéiert, déi nei Gegebenheeten esou séier wéi méiglech eebe mat ëmzesetzen a leider waren awer zu deem Zäitpunkt scho verschidden Deeler vum Chantier fäerdeg, sou datt déi réischt nodréiglech konnten ëmgesat ginn. Mee Haaptsaach se goufen ëmgesat an Haaptsaach se goufe séier ëmgesat. Dat zu den Äntwerten zu der éischter Fro zu SUMP.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Eng Präzisiounsfro dierft Dir stellen. Dat ass et, dat steet och am Règlement d'ordre interne.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir déi Prezisiounen. Da wier meng Fro eigentlech déi: Et ass lo ganz vill vu Staatsstroosse geschwat ginn, dass een do keng Handhab driwwer hätt, wéi een dat géing ugoen. Mam PNM35 ass e relativ gutt Dokument dobaussen, wou och virgesäit, wéi een am Ëmgang mat Staatsstroosse dat Ganzt ka fir multimodal Korridore fit maachen, och innerhalb vun enger Stad. An do hu jo och Upassunge stattfonnt, wéi bei enger Zon 30 op de Staatsstroossen, déi jo machbar sinn. Där Beispiller hu mer zu Diddeleng. An dann wär meng Prezisiounsfro hannendrunn déi: Déi mat den Upassungen an deem nei gemaachten Deel wou grad beschriwwe ginn ass, ob do sech dann elo iergendeppes ännert, fir zumindest déi Iwwergäng esou ze gestalten, wéi se op anere Plazen hei zu Diddeleng gemaach gi sinn? Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) - SCHÄFFIN: Also dat Dokument, wat Dir zitéiert huet, dat kenne mir natierlech och, an dat kenne virun allem eis Servicer, well dat wäert hir nei Bibel sinn, mat deene Leit déi fir d'Circulatioun oder och Travaux Public musse schaffen. Wat déi Iwwergäng ubelaangt mengen ech hunn ech d'Äntwert ginn. Si kënnen dat nach eng Kéier am Detail kucken, wann eppes méiglech ass. Mee, wéi gesot, eng Staatsstrooss ass eng Staatsstrooss. Déi gehéiert eis net, déi bezuele mer och net an déi plange mer och net. Mer kënne just mat op de Wee ginn, wat mer eebe gären hätten.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Äntwert. Dann déi nächst Fro.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) - SCHÄFFIN: Dat ass nach eng Fro, wou de Schäfferot krut vun de Kolleeginnen a Kolleegen vun deene Gréngen an hei geet et méi genau ëm d'Place van Werveke.

1. Zu den ausgestallte Rechnungen. Déi eenzeg Rechnung déi ausgestallt ginn ass, ass d'Rechnung fir de Skatepark. Déi huet sech op 99x5, also en Total vun 495.-€ belaf. An déi ass laut Règlement de taxe d'utilisation du domaine public ausgestallt ginn. A bei deenen anere Fläche wou gepacht gouf, handelt et sech ëm Privatflächen, wou mer eebe keng Rechnung konnten ausstellen.

2. D'Ausschaffe vun Dokumenter fir d'Locatioun vun der Plaz Thierry van Werveke. No der Manifestatioun

vu Porsch, ech mengen dat wësst Dir, do ware mer zimmlech iwwerrannt ginn. Do gouf en Dokument ausgeschafft, wat d'Notze vun der Place van Werveke an Zukunft soll reegelen. Dëst Dokument reegelt dann och den Typ vun der Manifestatioun, wéi den Accès ass, op wat ee muss oppassen, d'Sécherheet, Green Events, d'Infrastruktur, alles wat erlaabt ass oder wat och net. An dës Prozedur gesäit dann och fir, dass et méiglech ass, eng Tax de mise à disposition ze froe fir d'Notze vun der Plaz. An déi ass dann awer onofhängeg vun der Taxe d'utilisation du domaine public, déi ech virdrun bei der éischter Fro gesot hunn, wou verrechent ginn ass.
Déi Tax, déi ënnerläit dem Gemengerot a sou wäert de Schäfferot an enger vun den nächste Gemengerotssëtzungen dës Propositioun vun der Tax virleeën. Eis Servicer déi am Alldag domadder konfrontéiert sinn, mat der Ëmsetzung vun deem Dokument, déi waren natierlech bei der Ausschafung vun deem Dokument dobäi. Dat sinn de Service Fêtes et Manifestation, Architecture et Domaines, d'Circulatioun an natierlech eise Gemengesekretär. Eise Gemengesekretär, respektiv d'Sekretariat, kann lech natierlech gären eng Kopie dovunner ginn.

3. Gëtt de Parking payeur gemaach? Beim Parking bei der Kantin handelt et sech ëm eng provisoresch Situatioun. Mir hu virdru beim Punkt 4.1. vun Ordre du Jour „Contrat de prêt à usage ou commodat" de 17. November 2022 avenant 2 dee mer jo virdrun och approuvéiert hunn, driwwer diskutéiert, an do geet och ervir, dass de Site just bis 2026 wäert bleiwen an duerno verschwënnt. Dofir hu mer lo net wëlles gehat dee payant ze maachen, ausser natierlech mer géinge feststellen, datt do massiv Leit géingen halen, déi näischt do verluer hunn a vun der Situatioun do géinge profitéieren fir laang Zäit gratis ze parken. Da reagéiere mir natierlech direkt a kommen an de Gemengerot mat engem Verkéierssreglement.

4. Firwat ass dee Parking op fir all Mënsch? Well déi verschidde Gebailechkeeten dat wësst Dir, déi leie jo net direkt am Zentrum an déi si bis elo leider ouni gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport. An et ginn nu mol Leit, déi net gutt zu Fouss sinn, respektiv eeler Leit, an dofir goufen déi Parkplazen och geschaaft. Domat huet dann awer och wierklech all Mënsch d'Méiglechkeet, bis bei de vewa oder bei d'Kantin ze kommen, well net all Mënsch dee schlecht zu Fouss ass, huet nämlech eng PMR-Kaart fir kënne just op deene Plazen ze parken. Wann s de der d'Bee bréchs hues de net direkt eng Handicapéiertekaart.
Wéi virdrun diskutéiert, och rëm eng Kéier bei de Punkte virdru bei de Konventioune mam Fonds du Logement, wäert nom Ëmbau vun deem Site eng komplett nei an natierlech och verbessert Verkéierssituatioun kommen, virun allem wat den ëffentleche Parking, awer och - ech mengen dat hutt Dir virdrun och gesinn - d'Bus- an d'Zuchconnexiounen ubelaangt, d'Vëlos- a Foussgängerweeër, da muss net méi direkt ee mam Auto dohinner fueren, well dann hues de mannechfalteg aner Méiglechkeeten fir dohinner ze kommen.

5. Dat ass eng Fro zu de Privatautoen um Site bem SoSoSummer Enn Juli. Do ass et esou, do kann ech lech just soen, dass mir vum CNA de 27.7. gefrot goufen, ob se fir Liwwerungen dierfen iwwert de Wee tëschent Parking CCRD/CNA an der Kantin fueren, ausserhalb vun der Aktivitéit. Se hunn e separate Schlëssel a kruten dann du d'Oplag, dat se no der Liwwerung dee Wee natierlech direkt erëm mussen zoumaache mat de Polleren, fir eeben d'Autoe vun Site ze halen. An dëst ass och a Réckspraoch mat de Portieren vum Centre Culturel OpDerSchmelz geschitt. Är Fotoe beweisen, dass dat net de Fall war, sou datt mer unhuele mussen, dass d'Mataarbechter vum CNA d'Pollere vergiess hunn zréckzesetzen, sou datt mer - et ass jo och am Interêt vun der Gemeng an am Interêt vun all Mënsch, datt Privatween net iwwert dee Wee fueren, wat jo och verbueden ass. Den CNA, de Centre Culturel, de vewa an d'Kantin, déi kréien dann domadder och nach eng Kéier rappelléiert, dat et verbueden ass, ausser et sinn natierlech Liwwerungen an dass en se dat da musse weiderginn an datt zougemaach gëtt soubal se fäerdeg si mat liwweren. An am Fall wou sech dat wierklech net géif besseren a mer feststellen, dat déi weider opbleiwen, da musse mer leider eiser Police soen, datt se och dohinner musse kontrolléiere goen - sou schlëmm wéi et och ass. Ech hoffen, ech konnt domadder d'Froe beäntweren.

LORIS SPINA (LSAP) - SCHÄFFEN: Genau, Här Buergermeeschter. Jamais deux sans trois. Déi nächst Fro geet ëm déi Lëtzebuerger, bzw. déi Lénger Theaterschoul, wou elo hei proposéiert gëtt, Klasse fir Kanner op Lëtzebuergesch an op Franséisch ze proposéieren. Do geet et drëms dass d'Kanner eebe léieren, wat ee brauch fir Comédien-Acteur ze ginn an dat hëlleft natierlech och hirem perséinlechen Developpement, fir Kanner an eeben och fir Grousser. De Programm gesäit eben och vir, dass ënner anerem d'Martine Kohn déi Coursen hält. Se sinn am Moment insgesamt zu dräi Intervenanten. Déi Coursen géifen dann zu Diddeleng an der Hall Polyvalent stattfannen. Dat ass net ganz richteg. Et ass am Hilt an do hätte se nach e puer Prezisiounsfroen.

1. Wat fir e Statut huet déi Schoul hei? Dat ass eng ASBL, wéi ganz vill aner Associatiounen hei zu Diddeleng och. De Musée du Sport, do hätte mer hei an dësem Gremium missen eng Prozedur votéieren, d.h. eng Konventioun festhalen. Dat ass richteg. Dat war e bëssen eng Ausnam. Am Fong geholl haten déi scho virdrun eng Konventioun an deenen dote Gebailechkeeten a well dat jo ofgerappt ginn ass mam Hall Polyvalent, hu si en neit, méi modernt Doheem kritt. A fir net eng Onsécherheet ze kreéieren, hu mer gesot mer iwwerhuelen déi nämmlecht Konventioun, déi Dir virdrun hat, sou dass der sécher sidd, dass der do kënnt fir den Diddelenger Musée schaffen an deelweis Saachen archivéieren an aner Leit a Veräiner empfänken, am Fong queesch duerch den Dag.

Déi lescht Fro ass eben: Am Generellen, dierfen Enseignanten déi zu Diddeleng schaffen oder fir d'Gemeng schaffen och kee Siège hei am Gemengerot occupéieren. Deementspriechend froe si sech wéi hei d'Situatioun vun der Madame Kohn ass, déi awer wéi mer all wëssen, Conseillère hei ass. Den Artikel 20 vun deem entspriechende Gesetz, dee seet „tout membre du corps communal" net dierf en Aarbechtsverhältnis hu mat der Gemeng. Dat ass jo net de Fall. Dat hei ass eng ASBL - vill vun eis hei banne si Memberen an enger ASBL - déi

eeben hei déi Coursen ubitt. Si hëlleft der ASBL. Dass déi Theaterschoul sech kann hei zu Diddeleng implantéieren, do muss ech soen, do si mer als Kulturstad - do hu mer rëm de Begrëff - extrem frou. Do huet si eis ganz vill gehollef, dass dat méiglech ass, dass mir dat zu Diddeleng kënnen ubidden, dass d'Theaterschoul hei sech festleet. Als Diddelenger ASBL kréien si d'Lokal zur Verfügung gestallt sou wéi déi ronn 200 aner Associatiounen hei zu Diddeleng och. Deementspriechend si mer frou, dass dat méiglech ass. Ech dierf och nach präziséieren, dass si dat benevole a fräiwëlleg a gratis mécht. Fannen ech e supert Engagement. Ëmsou méi si mer frou, dass mer se kënnen fir dës Rentrée hei zu Diddeleng empfänken.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER:
Merci fir d'Äntwerten op déi dote Fro. Da wiere mer mat der Froeronn fäerdeg an da géife mer an den Huis clos iwwergoen. •


DE GROUPE DE SUPPORT PSYCHOLOGIQUE REKRUTÉIERT MEMBEREN
All Accident hannerléist Spueren
HËLLEF EIS HËLLEFEN!
Du brauchs keng psychologesch Virkenntnesser a léiers an enger Formatioun vun engem Joer alles wats Du um Terrain brauchs
CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS
MÉI INFORMATIOUNEN OP WWW.112.LU

# Noël à Dudelange

• WEIHNACHTEN IN DÜDELINGEN •

## 25.11.-17.12.2023



**MARCHÉ D'HIVER**
*Wintermarkt*
**25.11. - 17.12.**
Place Am Duerf

**MARCHÉ DE NOËL TRADITIONNEL**
*Traditioneller Weihnachtsmarkt*
**08.12. - 17.12.**
Pl. Hôtel de Ville

**MARCHÉ DE NOËL MÉDIÉVAL**
*Mittelalter-Weihnachtsmarkt*
**08.12. - 17.12.**
Place Kinnen

**OUVERTURES DOMINICALES**
*Verkaufsoffene Sonntage*
**03.12. / 10.12. / 17.12.**
Centre-ville / Stadtzentrum

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

F.C.A.D

SYNDICAT D'INITIATIVE ET DU TOURISME DUDELANGE

Canon

RTL

RADIO DIDDELÉNG FM 103•6